infoblat_072021_du_22092021_print 1 01/03/2022 11:39

# INFO BLAT

°07 21

**Den analytesche Bericht vun der Stad Déifferdeng**



## GEMENGEROTSSËTZUNG VUM 22. SEPTEMBER 2021

infoblat_072021_du_22092021_print 2 01/03/2022 11:39

Actualités Contactez-nous DIFFMAG Emploi Formulaires Events PAG Photos Revue de presse Développement urbain FR / EN / DE / PT

Ville de Differdange

Differdange et vous Démarches Services communaux Vie politique Maint. 4°

ATTENTION Les inscriptions à la maison relais, à l'éducation précoce et à l'école en forêt pour 2022-2023 sont ouvertes. Fermer ×

# Conseil communal du 9 février 2022

ACCUEIL > VIE POLITIQUE > INFORMATIOUNSBLAT > CONSEIL COMMUNAL DU 9 FÉVRIER 2022

A⁻ A⁺

## Conseillers présents

| | | |
|---|---|---|
| Christiane Brassel-Rausch (bourgmestre, déi gréng) | Fred Bertinelli (LSAP) | Ali Ruckert (KPL) |
| Tom Ulveling (1er échevin, CSV) | Paulo De Sousa (déi gréng) | Christiane Saeul (DP) |
| Robert Mangen (échevin, CSV) | Jerry Hartung (CSV) | Fränz Schwachtgen (déi gréng) |
| Laura Pregno (échevine, déi gréng) | Pierre Hobscheit (LSAP) | Guy Tempels (CSV) |
| Paulo Aguiar (échevin, déi gréng) | Georges Liesch (déi gréng) | Eric Weirich (déi Lénk) |
| Guy Altmeisch (LSAP) | Fränz Meisch (DP) | Nicole Wohl (déi gréng) |
| | Erny Muller (LSAP) | |

**L'AUDIO DES SÉANCES DU CONSEIL COMMUNAL EST DISPONIBLE SUR WWW.DIFFERDANGE.LU.**

# INFO BLAT .07 21

**COMPTE-RENDU DU 22 SEPTEMBRE 2021**

**3–72**

**ÉDITEUR** Administration communale de la Ville de Differdange, B.P. 12, L-4501 Differdange
Tél.: 58 77 1-01 | F. 58 77 1-1210 | www.differdange.lu | mail@differdange.lu

**RÉALISATION** Service média et communication

**IMPRIMEUR** Imprimerie Heintz, Pétange

**TIRAGE** 500 exemplaires

© **PHOTOS** Couverture: Lisa Bildgen

**INFOBLAT** imprimé sur du papier 100 % recyclé
**L'INFOBLAT** est distribué gratuitement à tous les ménages de la commune de Differdange.

**ÉDITION 07/2021,** ISSN: 1561-7262, titre clé: Informatiounsblat

**F** Ville de Differdange

# SÉANCE DU CONSEIL COMMUNAL DU MERCREDI 22 SEPTEMBRE 2021

## CONSEILLERS PRÉSENTS

Christiane Brassel-Rausch, bourgmestre (déi gréng)
Tom Ulveling, 1er échevin (CSV)
Robert Mangen, échevin (CSV)
Laura Pregno, échevine (déi gréng),
Guy Altmeisch (LSAP)
Fred Bertinelli (LSAP)
Paulo De Sousa (déi gréng)
Jerry Hartung (CSV)
Pierre Hobscheit (LSAP)
Georges Liesch (déi gréng)
François Meisch (DP)
Erny Muller (LSAP)
Ali Ruckert (KPL)
Fränz Schwachtgen (déi gréng)
Guy Tempels (CSV)
Eric Weirich (déi Lénk)
Nicole Wohl (déi gréng)

**Absents/excusés:** Paulo Aguiar, échevin (déi gréng), Christiane Saeul (DP)

## ORDRE DU JOUR

### SÉANCE PUBLIQUE

1. **Désignation du lieu des séances du conseil communal.**
2. **Communications du collège des bourgmestre et échevins.**
3. **Projets communaux : remise en valeur du patrimoine culturel, entrée de la galerie Honsbësch à Niederkorn, article budgétaire 4/838/221313/13008 – devis.**
4. **Finances communales :**
   a. Comptes administratifs et de gestion de l'exercice 2019 ;
   b. Première modification ordinaire de l'exercice ;
   c. Diverses augmentations/diminutions de crédits extraordinaires.
5. **Structures d'accueil :**
   a. Organisation pour l'année scolaire 2021-2022 ;
   b. Règlements d'ordre interne de la maison relais et de la crèche en forêt au campus Kannerbongert ainsi que du foyer de jour Kornascht.
6. **Personnel communal : création d'un poste d'employé communal dans la carrière B1 technique pour le service des sports.**
7. **Office social de Differdange : création d'un poste d'employé communal pour les besoins du secrétariat – avis.**
8. **Actes et conventions :**
   a. Acte notarié de vente en état de futur achèvement des étages nº 2 et 6 (50 unités de logement) d'un immeuble en copropriété Coliving au complexe Gravity Tower à Differdange ;
   b. Acte notarié de dépôt du cadastre vertical pour la résidence Krieps située sur la place du Marché à Differdange.
   c. Acte notarié de vente de deux parcelles au lieudit avenue du Parc-des-Sports à Oberkorn d'une superficie totale de 16,35 a ;
   d. Acte de cession de l'État d'une parcelle de 2,77 a située au lieudit rue John-Ernest-Dolibois à Differdange ;
   e. Contrat de bail d'un atelier d'artiste au nº 58 de la Grand-rue à Differdange ;
   f. Contrat de bail du popup store au nº 3 rue du Parc-Gerlache à Differdange ;
   g. Convention quadripartite avec l'État, l'Administration des ponts et chaussées et la Société nationale des chemins de fer luxembourgeois pour la construction d'un passage supérieur et d'un tronçon de piste cyclable pour le passage de la piste cyclable PC8 entre le parking du contournement à Differdange et le PAP Anciens ateliers à Niederkorn ;
   h. Contrat tripartite Pacte climat 2.0 avec l'État du GIE myEnergy ;
   i. Conventions dans le cadre du programme de Capitale européenne de la culture Esch2022 ;
   j. Avenant au contrat de bail avec la société Unison Studios au 1535° Creative Hub et notification d'une résiliation de contrat.
9. **Règlements communaux :**
   a. Modifications aux chapitres D-2 Ruffbus Dinola, F-1 Cours de sport-loisirs et G-1 Stationnement du règlement des taxes, tarifs et prix ;
   b. Règlements temporaires de circulation.
10. **Changements au sein des commissions consultatives.**
11. **Motion du KPL sur le SIGI.**

# 1. Lieu des prochaines séances

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *ouvre la séance. Elle excuse monsieur Aguiar, qui a donné procuration à madame Pregno, et monsieur Meisch, qui a donné procuration à madame Saeul.*
*Monsieur Ruckert accepte-t-il que sa motion soit traitée à la fin de la séance publique ?*

**ALI RUCKERT (KPL)** *répond que oui.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *introduit des questions.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *répond que lui et monsieur Bertinelli pourront poser leurs questions tout à l'heure.*
*Elle passe à la prolongation de la loi du 24 juin 2020 permettant au conseil communal de siéger dans le Hall O jusqu'au 31 décembre 2021.*
*(Vote)*
*Elle passe aux communications et se réjouit que tout le monde soit en bonne santé.*
*Concernant la rentrée scolaire, les parents des enfants ont reçu une lettre au sujet du Mathendahl. Christiane Brassel-Rausch remercie le CID, monsieur Yves Bei et le service informatique pour leur travail. La commission scolaire remercie d'ailleurs la commune pour son engagement.*
*La commune a du mal à recevoir les matériaux pour le Mathendahl. En plus, une des entreprises a subi une inondation. Que la rentrée se soit bien passée est dû en grande partie aux services communaux.*
*Du 15 au 21 septembre, 7 cas de COVID ont été détectés dans les campus scolaires : 4 à Niederkorn, 1 à Oberkorn, 1 au Woiwer et 1 au centre.*
*Des discussions sont en cours pour dynamiser la place du Marché — notamment en ce qui concerne les deux bâtiments de la commune. Celle-ci voudrait aussi en acquérir d'autres.*

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Schéine gudde Moien, Dir Dammen an Dir Hären, fir eis Gemengerotssëtzung haut vum 22. September 2021.

Erlaabt mer den Här Paulo Aguiar ze entschëllegen, deen eng Procuratioun eraginn huet fir d'Madamm Laura Pregno, an d'Madamm Saeul Christiane, déi eng Procuratioun eraginn huet fir den Här François Meisch.

Da wollt ech den Här Ruckert froen, ob en averstanen ass, seng Motioun, déi erakomm ass, wéi üblech um Schluss vun der Séance publique ze huelen.

**ALI RUCKERT (KPL):**

Jo. Sécher!

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Ruckert!

**ERNY MULLER (LSAP):**

Ech wollt nach Froen umellen.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Den Här Muller an den Här Bertinelli. Déi huele mer dann och um Schluss vun der Séance publique.

Da géife mer zum Punkt 1 kommen. Do geet et drëm, iwwert d'Verlängerung vum Gesetz vum 24. Juni 2020 ofzestëmmen, dat eis erlaabt, ouni Approbatioun hei ze siegéieren. Mir géifen dat dann elo maache bis den 31. Dezember 2021. Ech biede fir de Vott.

*Le conseil communal décide à l'unanimité de désigner le lieu de réunion des séances du conseil communal.*

Da si mer scho beim Punkt 2, de Kommunikatiounen. Fir d'Alleréischt sinn ech frou, dass Der a gudder Gesondheet hei sidd.

Da wollt ech op d'Rentrée ze schwätze komme vun 2021/2022. Wéi hate mer den Elteren am Bréif geschriwwen: „Une rentrée pas comme les autres", wat de Mathendahl ubelaangt. An ier ech iwwert d'Rentrée schwätzen, läit et mer wierklech um Häerz, all eise Servicer – dem CID, dem Här Yves Bei, der Informatik – Merci ze soen, dass mer et färdeg bruecht hunn, déi Rentrée am Mathendahl an um Bock esou hinzekréien, dass se an der Schoulkommissioun als gutt betitelt ginn ass. Ee grousse Merci un d'Gemeng a fir den Asaz vum Gemengepersonal, dass déi Rentrée esou konnt oflafen.

Dat läit mer wierklech um Häerz. Well d'Leit hu wierklech alles ginn, wat se konnten. Dir wësst, am Mathendahl besteet de Problem, dass d'Material net erbäi kënnt mat Zäiten an en plus ee vun de Betriber, deen déi Aarbechte sollt maachen, de 4. Juli nach iwwerschwemmt gi war am Summer. Dass déi Rentrée esou stattfonnt huet zu der Zefriddenheet vun den Elteren, vun de Kanner a vum Léierpersonal, huet ganz vill mat eise Gemengeservicer ze dinn. Dofir nach eng Kéier ee ganz grousse Merci!

Covid. Do hu mer am Moment siwe Fäll schonn am Total vum 15. bis den 21. September. 4 zu Nidderkuer. 1 zu Uewerkuer. 1 um Woiwer an 1 am Zentrum.

Och wa Vakanz war, dat ass elo einfach eng Informatioun, hu mer awer geschafft. Aarbecht, déi een net esou gesäit. Mir sinn a ganz ville Gespréicher wat d'Maartplaz ugeet. Wou mer a Verhandlunge sinn, fir déi erëm ze beliewen. Iwwer eist Gebai, dee Restaurant, deen do ass, lafe Verhandlungen. Mir hunn een zweet Gebai op der Maartplaz, do lafen och Verhandlungen. Ech ka leider nach näischt soen. Mee do leeft eppes. A mir sinn och nach an net esou einfache Verhandlunge wat verschidde Gebaier ugeet, déi d'Gemeng kéint kafen oder soll kafen oder ka kafen, wa mer se dann iwwerhaapt kréien. Wollt ech Iech einfach soen als Informatioun.

Ech kann nach soen, dass mer ugeruff gi sinn als Gemeng a mir hunn eisen

# 2. Communications / 3. Galerie Honsbësch

Accord ginn, dass den Impf-Bus duerch Déifferdeng fuere kann. Ech kann Iech awer elo net genau d'Datume soen. Déi weess ech net. An dass mer ugefrot hunn, fir kleng lokal Impfzentren oder Impf-Pointen an der Gemeng Déifferdeng ze kréien. Dat ass awer ganz rezent. Do ass nach amgaangen, gekuckt ze ginn, wou a wéini dat ka gemaach ginn.

Vu menger Säit aus wär dat elo alles. Ech géif d'Wuert weider un den Här Ulveling ginn.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Merci, Madamm Buergermeeschter. Kleng Matdeelungen un de Conseil. Ech wollt Iech driwwer informéieren, dass mer fir d'St. Pierre Schoul zu Nidderkuer iergendwann en Devis supplémentaire musse stëmme vun iwwer enger hallwer Millioun Euro. Dat ass noutwendeg ginn wéinst enge ganze Koup Aarbechten, déi net virgesi waren. Kanalaarbechten entre autres.

An der Bockschoul gëtt den Hall sportif ëm een Drëttel gekierzt. Amplaz dräi Turnfläche sinn et der nach zwou. Ech wëll Iech matdeelen, dass ech de Fraktiounsspriecher déi lescht Pläng gemailt hunn, déi ech gëschter krut, fir dass Der eng Kéier kënnt driwwer kucken. Mir hunn als Zil, dat am Oktober an de Gemengerot ze huelen. Wann eppes wier, wat Der géift wëlle changéieren, wär dat nach ëmmer méiglech, ier mer am Oktober da mat engem Devis driwwer ofstëmmen.

Den 19. Oktober soll viraussiichtlech d'Ouvertür si vun der renovéierter Kierch zu Lasauvage. Dat ass am spéiden Nomëtten. Do kënnt Der och emol d'Madamm Kulturministesch begréissen. Déi kënnt dann heihinner.

Ech wëll Iech ee klenge Rapport maachen iwwer eise Gîte d'étape. Am Mee gouf mam Chantier ugefaangen. Fir d'éischt goufen Ofrappaarbechte gemaach. D'Dallen, d'Chappen, den Daach... alles gouf ofgerappt. Stabilisatiounsmoossname vun deene bausseechte Maueren. Oplager fir déi bannescht Holzkonstruktiounen. Et gouf betonéiert. D'Kanalisatioun am Beräich vum Gîte gouf ersat an den Technikraum gouf vergréissert, well eng Brandmeldezentral fir dee ganzen Ensembel installéiert wäert ginn.

Deen nächste Schratt: Ab de 4. Oktober wäert massiv Holzbau agebaut ginn. Den Daach vum Gîte wäert zougedeckt ginn, well Ofdichtungsaarbechte wäerte stattfannen. Well d'Gebai jo soss ënner der Fiichtegkeet leit.

Mam Holzbau respektiv mam Holzpräis hu mer de Moment zwou Deierechte vun 20.000 Euro hors TVA. Dir wësst, dass de Gesamtkäschtepunkt ouni Honorairen an TVA bei 574.000 Euro veranschlaagt war. Duerch déi Repercussioune vun der Pandemie wäerte mer héchstwarscheinlech Devis-supplementairë kréien am Elektreschen, Heizung a Lëftung. Dat musse mer dann ofwaarden.

Mee ech hat mat Architekten eng Reunioun. Déi soe mer, dass actuellement d'Präisser ëm bal 30 % bis 40 % an d'Luucht ginn. Vun Holz an Eisen... An et wär virauszegesinn, menge si, dass dat nach ee Joer ongeféier unhale wäert. Da wäert et sech erëm apendelen op engem manner héijen Niveau, mee trotzdeem méi en héijen Niveau vun ëm 10% bis 15 %, rechne si, vun deem wéi et virun der Pandemie war. Soudass mer elo mussen ofwaarden. Mee ech fäerten, wéi gesot, dass mer elo bei all eise Projeten nach musse kucke wéi mer dat schëlleren, all déi Devis-supplementairen.

Dat war dat wat ech wollt soen. Merci!

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Ulveling. Wann et keng Wuertmeldung dozou gëtt, géife mer zum Punkt dräi kommen. Ech géif d'Wuert direkt erëm un den Här Ulveling ginn – et geet ëm d'Galerie Hondsbësch –, deen eis den Devis méi konkreet erkläre kann.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Merci, Madamm Buergermeeschter, Dir Dammen, Dir Hären, dat hei ass am Kader vun der Restauratioun vun eisem Patrimoine culturel local. Et ass d'Galerie Hondsbësch.

*La Ville de Differdange a donné son accord pour que le bus de la vaccination passe par Differdange. Les dates ne sont pas encore connues. Le collège échevinal a aussi demandé d'ouvrir des centres de vaccinations locaux. Des négociations sont en cours.*

**TOM ULVELING (CSV)** *informe le conseil communal qu'il faudra approuver un devis supplémentaire de plus de 500 000 € pour l'école Saint-Pierre à Niederkorn. Certains travaux de canalisation n'avaient pas été prévus.*
*La taille du hall sportif de l'école du Bock sera revue à la baisse. Tom Ulveling a envoyé les derniers plans aux conseillers communaux hier. Les débats auront lieu en octobre. D'éventuelles modifications restent possibles jusque-là.*
*Le 19 octobre, l'église rénovée de Lasauvage rouvrira ses portes. La ministre de la Culture sera présente.*
*Les travaux d'aménagement des gites de Lasauvage ont commencé en mai. Il s'agit notamment de travaux de démolition et de stabilisation. Les canalisations ont été remplacées et les locaux techniques agrandis. À partir du 4 octobre, il est prévu de refaire le toit dans le cadre de mesures d'isolation.*
*La Ville de Differdange est confrontée à une augmentation du prix du bois. Le devis global s'élevait à 574 000 € HTVA, mais des crédits supplémentaires semblent d'ores et déjà inévitables en ce qui concerne l'électricité, le chauffage et la ventilation. D'après les architectes, les prix du bois et du fer pourraient augmenter de 30 % à 40 %. Ils supposent que ces prix resteront élevés pendant un an avant de retomber à un niveau qui restera malgré tout plus élevé qu'avant la pandémie. Le collège échevinal ne peut qu'attendre, mais Tom Ulveling craint que tous les projets doivent être revus.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *passe au point 3, la galerie Honsbësch.*

**TOM ULVELING (CSV)** *explique que les travaux de la galerie Honsbësch sont réalisés dans le cadre de la res-*

# 3. Galerie Honsbësch

*tauration du patrimoine culturel local. Il rappelle qu'il y a quelques années, le monument avait été nettoyé et rénové. Mais l'enceinte du monument n'est plus en bon état non plus. C'est pourquoi elle devra aussi être refaite.*
*Parmi les travaux à effectuer figure le dallage, les garde-corps... Actuellement, le site semble abandonné. Les gens y jettent des déchets. C'est pourquoi il est temps de revaloriser l'endroit même s'il ne s'agit pas d'en faire une scène d'Hollywood. Le devis supplémentaire devrait se monter à quelque 100 000 €.*
*Tom Ulveling répète que ces travaux sont réalisés dans le cadre de la rénovation de monuments. La galerie Honsbësch restait à terminer.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *rappelle que 122 réfractaires se sont cachés du régime nazi dans la galerie Honsbësch pendant la Deuxième Guerre mondiale avec l'aide de la population. Il est du devoir de la commune de préserver le souvenir 75 ans après les faits. C'est pourquoi le LSAP approuvera le devis de 100 000 €.*

**FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)** *souligne à son tour que le monument fête ses 75 ans. Il a trouvé plusieurs sites internet mentionnant la galerie Honsbësch.*
*Hier, il a été surpris de la mention de la galerie Honsbësch dans la convocation du conseil communal. En effet, la galerie Honsbësch désigne le site historique se trouvant dans la forêt 500 m plus loin. Le monument donnant sur l'avenue de la Liberté n'est pas la galerie, mais une reconstruction de son entrée avec un grillage et une madone. Le monument de Claus Cito a donné lieu à des polémiques à son époque. En effet, l'artiste s'était plaint du cahier de charges de l'Administration des sites et monuments et avait finalement renoncé à son gage d'artiste. Il n'a demandé que l'argent du matériel.*
*L'inauguration a eu lieu en 1946. On trouve des photos sur internet. Se remémorer ce site 75 ans après la guerre est tout un symbole.*

Virun e puer Joer hate mer dat Monument an enger éischter Phas renovéieren a botze gelooss. Elo ass et awer esou, dass déi ganz Enceinte ronderëm dat Monument – dee ganze Buedem ass lass – net méi esou ass, wéi se soll sinn. Dofir hu mer decidéiert dat nei ze maachen. Soudass dee Site dann och erëm ka gewise ginn.

Do gëtt notamment den Dallage ronderëm nei gemaach, déi Garde-Corpse ginn nei gemaach an natierlech gëtt alles gebotzt. Et ass eng kleng Grott mat Grillage virdrun. Dat gëtt alles nei gemaach. Am Moment ass et verwaarloosst. Et ass e klengen Tipp. Et leie Petzien dran an esou Geschichten. Mir wëllen dat e bëssen oppoléieren, fir dass et dat erëmspigelt, wat sengerzäit stattfonnt huet. Et soll net Hollywood ginn.

Den Devis supplémentaire wäert sech ongeféier opgerënnt ëm 100.000 Euro belafen. Ech wär frou, wann Der dat géift stëmmen. Dann hätte mer de Site Hondsbësch propper a flott an der Rei. Dës geschitt am Kader vun de Renovatioune vun eise Monumenter. Dat do ass nach eent vun deenen, wat mer misste fäerdeg maachen. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Ulveling. Här Muller.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Merci, Madamm Buergermeeschtesch, fir d'Wuert. Dir Dammen an Hären aus dem Schäfferot, léif Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Gemengerot, zur Galerie Hondsbësch. Am Respekt virun der historescher Bedeitung vun der Galerie Hondsbësch, wou jo bekanntlech 122 Refractairen, déi sech dem Naziregimm aus dem Zweete Weltkrich widdersat haten a mat Hëllef vun der Populatioun verstoppt waren, ass et eis Flicht, méi wéi 75 Joer duerno d'Erënnerung heirun an och iwwert d'Lokalitéit ze bewaren, andeems mer an dësem Fall den Agang vun der Galerie Hondsbësch revaloriséieren an erhalen. D'LSAP stëmmt dësen Devis vun 100.000 Euro mat.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Muller. Här Schwachtgen.

**FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):**

Madamm Buergermeeschter, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech wollt e bëssen aushuelen zu deem Punkt. Et ass dem Här Muller och schonn opgefall, et ass de 75. Anniversaire vun der Aweiung vun deem Monument dëst Joer. Ech hunn op Wikipedia an och op Google nogekuckt, wou een e puer Sitte fënnt iwwert d'Monument Hondsbësch an och iwwert den Hondsbësch.

Gëschter Mëtten, wéi ech mech heirop virbereet hunn, war ech e bëssen iwwerrascht. Et steet Galerie Hondsbësch op eiser Convocatioun. Ech hat mech an eiser Fraktioun scho breet gemaach, d'Galerie Hondsbësch ass dee Site historique, deen am Bësch hanne läit, 500 m méi wäit erop. An de Jore war et mir als jonke Mënsch och onbekannt. Do, wou d'Monument Hondsbësch ass vir an der Avenue de la Liberté, ass net d'Galerie, déi do erageet. Dat ass „ee Fake". Dat ass einfach eng nogebaute Galeriesentrée mat engem Gitter a mat enger Mutter Gottes dran. Virdru steet dat Denkmal vum Claus Cito. Wouriwwer et sengerzäit eng kleng Polemik gouf, well de Claus Cito, wéi en dat Monument gemaach huet, vum deemolege Sites et Monuments esouvill Oplage kritt hat, wourun e sech huet mussen halen. Aus Roserei hat en op seng Gage als Artist verzicht. En hat sech just d'Material bezuele gelooss. Dat als kleng Anekdot aus där Zäit.

Et fënnt een interessant Fotoen um Internet vun där Aweiung 1946. Also 75. Anniversaire. Et ass vläicht een Zoufall, mee et ass awer och ee Symbol, 75 Joer nom Zweete Weltkrich, fir dorunner ze erënneren.

Ech wëll eng Kéier kloer betounen, och fir d'Leit dobaussen, dass et effektiv eng Saach vu Patrimoine industriel ass, déi eigentlech Galerie Hondsbësch, déi hannen am Bësch läit, well et eng Galeriesentrée ass. Mee et ass awer virun allem ee Patrimoine historique. Net onbedéngt culturel, dach, dem Claus Cito säi Monument ass culturel, mee de

# 3. Galerie Honsbësch

Site ass ee Monument, fir mech, historique, deen d'Geschicht jo retracéiert vun deene bis un déi 122 Jongen, déi vun de Preise sollten an d'Wehrmacht gerappt ginn an do héchstwarscheinlech e schlecht Enn kréien.

Déi sinn do verstoppt ginn. Déi meescht wëssen nach, dass se haaptsächlech wärend dem Joer 1944 a mat Hëllef vun eise Resistenzler mat de Passeuren iwwert d'Grenz a Frankräich bruecht gi sinn. Ënner anerem ass d'Memoire Déifferdeng Josy Goeres ee ganz grousse Begrëff. Déi meescht sinn op Les Ancizes an Zentralfrankräich bruecht ginn, wou se da weider vläicht nach a Spuenien oder an England komm sinn. Et ass e ganz bedeitende Site fir eis Mémoire collective, och als Lëtzebuerger. An deem Sënn ass et ze begréissen, dass de Schäfferot déi Aarbechten do maache loosse wëll. Dat ass net näischt. Ech kommen herno nach drop zréck. Denkmalschutz/Denkmalfleeg ass eng wichteg Aufgab fir eis Gemeng.

An deem Sënn wëll ech och soen, dass mer nach Monumenter an der Gemeng hunn, déi mer och missten op eis Homepage setzen. Ech hat gëschter op der Homepage gekuckt, dosteet ganz vag e bëssen eppes vum Monument Hondsbësch. An aner Monumenter sinn net an eisem Monumentskalenner. Mir hunn eigentlech kee Site, wou ee géif soen, ech sichen elo dat an dat Monument an der Gemeng zu deem an deem Zweck. Dat kéint een eventuell an ee Programm bréngen.

Dat eigentlecht Monument, den original historesche Site Hondsbësch, ass ganz gutt beschriwwe vun der Associatioun Fond-de-Gras – ech kommen elo net op den Numm, den Här Mangen ka mer vläicht do hëllefen –, déi am Fong ee Wanderwee entworf hu vun de Monumenter Richtung Lasauvage iwwert de Rouden Haff an iwwert deen ale Schéissterrain. Dat waren am Fong al Passeursweeër. Grad am Espace muséologique zu Lasauvage fënnt een all Informatiounen iwwer eis Hondsbësch-Geschicht. Et wier nëmmen ze recommandéieren, wann een dat och am Magazin vun Zäit zu Zäit a grad elo zum 75. Anniversaire vläicht och eng Kéier kéint rappelléieren.

Denkmalschutz/Denkmalfleeg ass eng Aufgab vun eis all, mengen ech. Et wier flott, wann eis Gemeng ee Programm géif kréien. Vläicht kann den Här Ulveling dat och bestätegen. Et gëtt jo verschidde Corps-de-métieren an der Gemeng, déi domadder befaasst sinn. D'Gäertner, déi all Joer kucken, dass d'Sitten nei begréngt ginn och d'Botzekippen an Instandsetzungsekippen a gréisser Renovatiounen, wéi elo eeben.

Den Zweete Weltkrich ass elo 75 Joer eriwwer. Déi Generatioun ass net méi do. Hir Kanner, déi dat nach méi no erlieft hunn, sinn am fortgeschrattenen Alter. Direkt Zeien a Betraffener gëtt et ëmmer manner. Dofir wär et ganz wichteg, dat op de Programm ze huelen.

Et ass ze felicitéieren, dass dat heiten elo geschitt. An deem Sënn gi mer als Gréng den Aval, fir déi Aarbechten ze maachen. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Schwachtgen. Här Ruckert.

**ALI RUCKERT (KPL):**

Madamm Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll als Vertrieder vun der Kommunistescher Partei meng Zoustëmmung ginn, dass dat Monument, dat jo och eng Gedenkstätt ass, elo renovéiert gëtt. Dat ass batter néideg, well et ass zimmlech erofkomm. Besonnesch déi nogebauten Entrée fir an d'Galerie.

Et misst een natierlech och drun denken, bei der eigentlecher Galerie Hondsbësch, déi e puer Honnert Meter méi wäit am Bësch läit, och ëmmer derfir gesuergt gëtt, dass dee Site zougänglech ass. A wa Panneauen do opgestallt sinn – an et sinn der jo an der Vergaangenheet opgestallt ginn, fir dorun ze erënneren –, solle se och lieserlech sinn! Net dass duerch d'Wetterung et derzou kënnt, dass ee praktesch näischt méi op deene Panneaue liese kann. Et muss natierlech derfir gesuergt ginn, dass een dat, wat do steet liese kann an dass dat dann och reegelméisseg gebotzt gëtt. Wat an der Vergaangenheet net de Fall war.

*Frenz Schwachtgen ajoute que la galerie fait partie du patrimoine industriel, mais aussi du patrimoine historique avec ces 122 garçons qui devaient être enrôlés dans l'armée allemande et qui auraient sans doute mal fini. Au cours de l'année 1944, ils ont finalement été emmenés en France par la Résistance. La plupart d'entre eux sont arrivés à Les Ancizes; d'autres en Angleterre ou en Espagne.*
*Frenz Schwachtgen souligne l'importance de ce site pour la mémoire collective luxembourgeoise. Il salue la volonté du collège échevinal de rénover la galerie. La protection des monuments est une des missions importantes d'une commune.*
*Frenz Schwachtgen rappelle dans ce contexte qu'il y a d'autres monuments à Differdange et qu'ils mériteraient de figurer sur le site internet communal. Le conseiller communal n'y a trouvé que des informations vagues concernant le Honsbësch.*
*Le monument est décrit en détail par l'Association Fond-de-Gras, qui a créé un sentier de randonnée allant du monument à Lasauvage en passant par la Ferme rouge ou le stand de tir. L'espace muséologique dispose aussi de nombreuses informations sur la galerie.*
*Le collège échevinal ferait bien de mettre en place un programme concernant la protection des monuments. Les jardiniers pourraient veiller aux espaces verts et l'équipe de nettoyage à l'entretien…*
*La Deuxième Guerre mondiale a fini il y a 75 ans. La génération de l'époque n'est plus là. Leurs enfants sont âgés. Les témoins directs sont de plus en plus rares. C'est maintenant qu'il faut agir.*
*Les écologistes donneront leur aval à ces travaux.*

**ALI RUCKERT (KPL)** *approuve à son tour la rénovation du monument. Il était temps. L'entrée de la galerie refaite est en mauvais état. Mais il faut aussi s'assurer que la véritable galerie Honsbësch dans les bois reste accessible. D'éventuels panneaux devront être lisibles et être entretenus régulièrement. Il ne faudrait pas qu'avec les intempéries, ils deviennent rapidement illisibles*

infoblat_072021_du_22092021_print 8 01/03/2022 11:39

# 3. Galerie Honsbësch

*comme cela a pu être le cas par le passé.*
*Ali Ruckert se dit très heureux de ces travaux, car de jeunes gens se sont cachés dans cette galerie pour échapper au recrutement forcé dans l'armée allemande. Il souligne aussi l'effort collectif des différentes organisations de Résistance de Niederkorn. Ce n'était pas une action individualiste.*
*Cette histoire doit rester dans la mémoire collective, car elle démontre que l'on peut avoir du succès si on lutte pour les bonnes raisons. Cacher autant de garçons pendant des mois n'était pas seulement un risque pour la Résistance. Pratiquement tout Niederkorn a participé. Par exemple, il a fallu préparer à manger tous les jours. Toute la population était au courant, mais les nazis n'en ont rien su. Ali Ruckert approuvera le devis.*

**GUY TEMPELS (CSV)** *constate que les 100 000 € serviront à rénover l'entrée de la galerie Honsbësch. Cent-vingt-deux réfractaires s'y sont cachés pendant la Deuxième Guerre mondiale. Guy Tempels en a discuté récemment avec Marco Schaack. Apparemment, s'occuper de ces jeunes dans la galerie était un travail titanesque. Il conseille à tout le monde le film « Heim ins Reich » de Claude Lahr.*
*Comme l'a dit monsieur Schwachtgen, la commune devrait rénover petit à petit tous les monuments. Guy Tempels cite l'exemple de la grotte du Vesquenhaff.*
*Les chrétiens sociaux approuveront le projet.*

**TOM ULVELING (CSV)** *remercie les conseillers communaux pour leurs suggestions. Depuis qu'il est échevin à la culture, chaque année, un monument a été rénové. Il faut prendre soin de son passé.*
*Le collège échevinal réfléchit aussi à la possibilité de retourner le monument sur le terrain d'ArcelorMittal pour qu'il soit accessible de l'extérieur. Actuellement, si on n'entre pas sur le site d'ArcelorMittal, on ne sait pas qu'il existe. La commune essaie de trouver un accord avec l'entreprise pour aménager une clôture autour du monument et le rendre accessible de l'extérieur.*

Ech si besonnesch frou, dass déi Aarbechte gemaach ginn, well et war déi Galerie, dee gréisste Bunker am Zweete Weltkrich, wou Jonge verstoppt waren, déi sech der Zwangsrekrutéierung an der Wehrmacht entzunn haten. An och well dat ee kollektiven Effort war vun deene verschiddene Resistenzorganisatiounen, déi et zu Nidderkuer an der Gemeng ginn huet. Et war ee kollektiven Effort, et war keng individualistesch Aktioun, déi do gemaach ginn ass. D'Resistenz hat wierklech deemools decidéiert gehat, dat ze maachen.

Dat sinn Ereegnisser, déi een awer muss an der Mémoire collective festhalen och fir d'Zukunft, fir déi weider Generatiounen. Eeben, fir ze weisen, dass wann ee fir eng richteg Saach kämpft, een dann och Erfolleg huet. Well et muss een drun erënnere vläicht, dass fir iwwer esou vill Méint esou vill Jongen ze verstoppen, dat net nëmmen eng Gefor fir déi Leit vun der Resistenz war. Et war och ee kollektive logisteschen Effort, deen zu Nidderkuer an der Gemeng gemaach ginn ass. Well dat ganzt Iessen, dat noutwendeg war huet jo all Dag musse gekacht ginn an et huet mussen dohinner bruecht ginn. Praktesch d'ganz Bevëlkerung an der Uertschaft Nidderkuer wousst dat an trotzdeem haten d'Nazie kee Wand dovu kritt. Schonn eleng dat ass derwäert, dass een déi Erënnerung do waach hält.

Ech wäert dee Kredit stëmmen.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Ruckert. Här Tempels.

**GUY TEMPELS (CSV):**

Merci, Madamm Buergermeeschtesch, Dir Dammen an Hären, 100.000 Euro si virgesi fir d'Renovatioun vun der Entrée an dem Monument Galerie Hondsbësch. Hei hate sech 122 Refractairen am Zweete Weltkrich virun den Nazie verstoppt. Viru Kuerzem konnt ech mam Marco Schaack heiriwwer schwätzen. Hie konnt mir villes doriwwer zielen, wéi dat deemools ofgelaf ass. Eleng schonn déi Mammutaufgab, fir déi Jongen an der Galerie ze versuerge war immens. Ouni dass dat engem sollt opfalen. Ech rode jiddwerengem sech de Film vum Claude Lahr „Heim ins Reich“ unzekucken, wou dëst Theema behandelt gëtt. Et ass wichteg, dass mir dës Erënnerung waach halen.

Ech géif mer och an Zukunft wënschen – den Här Schwachtgen huet et och ugeschwat –, fir lues a lues verschidden esou Plazen opzeschaffen. Zum Beispill d'Grott beim Vesquenhaff, déi och eng kleng Verschéinerung néideg hätt,

D'CSV stëmmt dëse Projet mat Jo. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Tempels. Här Ulveling.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Ech wollt emol jiddwerengem Merci soen. Och dem Här Schwachtgen fir seng Suggestiounen. Säit ech Kulturschäffe sinn, wäert Der gemierkt hunn, datt all Joer am Budget en Objet drop war, wou mer eng Renovatioun gemaach hu vun engem Monument. Ech fannen et wichteg, dass dat propper gehale gëtt. Dat si Gedenkstätten. An d'Vergaangenheet solle mer fleegen.

Ech wollt och nach soen, dass Iwwerleeunge lafen am Schäfferot, wou mer awer nach net zu engem Ofschloss komm sinn, fir dat Monument op ArcelorMittal Terrain eventuell ëmzedréien, fir dass et vu bausse fir jiddwereen zougänglech wär. De Moment ass dat e bësse verstoppt. Een, deen net op d'ArcelorMittal-Gelände eragelooss gëtt, weess iwwerhaapt net, dass et dat gëtt. Et wär flott, wa mir een Accord fanne kéinte mat ArcelorMittal, fir dat grousst Déngen einfach ëmzedréien an eng Clôture ronderëm ze maachen no hannen, soudass dat vun der Strooss aus zougänglech wär. Dat si mer amgaangen, ze probéieren.

Ech sinn och mam Här Ruckert d'accord, datt déi richteg Grott déi ass, déi hannen am Bësch läit. Mee do kann ech Iech just soen, dass dat mat ArcelorMittal e bësse schwiereg ass. Well mer hate jo och de Projet Minn Renkert fir 2022. Dat hu mer mussen zréck-

# 3. Galerie Honsbësch / 4a. Comptes 2019

zéien, well ArcelorMittal op eemol ganz zum Schluss gesot huet Nee, si wéilte kee wéinst Sécherheetsconsideratiounen eraloossen. Et misst een eng Kéier mat hinne schwätzen, fir ze kucken, ob een dat vläicht e bësse besser kéint duerstellen, wéi dat elo ass.

Ech huelen dat alles mat an da kucke mer, fir do op ee gréngen Zweig ze kommen. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Dat huele mir mat!

Här Liesch.

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):**

Ech wollt dem Här Ulveling mat op de Wee ginn, wa mer dat renovéiere loossen, dass een dann an engems vun der Geleeënheet profitéiert fir eng Signaliséierung ze maachen. Well einfach ganz vill Leit net wëssen, dass dat eent nëmmen ee Monument ass an d'Galerie eigentlech hannen ass. Dass een éischtens ee Panneau mécht, wou een dat erklärt a vläicht e puer Schëlter. Ech weess net, ob an Ärem Budget och e puer Suen dra sinn, fir hannen am Bësch, wou déi Trap erofgeet, fir vläicht een neit Gelänner maachen. Well et ass net ouni, fir do erofzegoen. Mee dat ass jo dann déi eigentlech Galerie.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Liesch. Här Ruckert.

**ALI RUCKERT (KPL):**

Madamm Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären, wat den Här Ulveling elo gesot huet, wat d'Streik-Monument ugeet, géif ech ganz begréissen, wann et méiglech wär, dat méi zougänglech ze maachen. An och dass een et am Fong besser gesäit.

Ech wëll drun erënneren, grad d'lescht Joer hat ArcelorMittal deene Leit, déi den 2. September wollten do gedenken – an ech war dorënner als Gemengerotsmember – den Zougang zu deem Monument verweigert. Ech fannen dat ganz grav. Besonnesch well dat jo eng Memoire ass, besonnesch och well do eng ganz Rei Leit ëmbruecht gi si vun den Nazien. A wou dann esou vill Joren duerno esou ee grousse Konzern wéi ArcelorMittal mengt, si kéinten decidéieren, dass do net méi dorun erënnert gëtt. Et muss een awer kucken, dass dat an Zukunft anescht ass. Och wann dat vläicht deenen engen oder anere Leit bei ArcelorMittal net passt. Ëmmerhin ass et een Nofollegkonzern vun der ARBED. An déi hat och wärend dem Zweete Weltkrich keng ganz rüümlech Roll gespillt.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Ruckert. Mir sinn a Gespréicher. Et ass genau aus deem dote Grond, dass mer d'Monument publiquement accessible maachen. Déi Gespréicher lafen nach. Mir hunn nach kee Resultat. Mir sinn do hannendrun. Ob et méiglech ass, kënne mer Iech elo am Moment net soen. Mee et ass d'Bestriewe vun der Gemeng op jiddwer Fall.

Komme mer zum Vott.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le devis relatif à la remise en valeur de l'entrée de la galerie Honsbësch à Niederkorn.*

Villmools Merci. Nodréiglech nach zu ArcelorMittal: Mir sinn och mat hinnen a Gespréicher fir Terrainen a Gebaier, déi mer vläicht kënne kréien. Mee wéi gesot ass dat nach alles an Negociatiounen. Et ass nach guer näischt fest. Mee dat sinn Negociatiounen, déi eebe vill Zäit anhuelen an net no baussen direkt siichtbar ass. Mee soubal mer do konkreet Äntwerten hätten, kritt Der se natierlech.

Da komme mer zum Punkt 4. Do geet et ëm d'Comptes administratifs an d'Gestion de l'exercice 2019. Ech géif mat der Gestion de l'exercice 2019 ufänken. Wou gesot gëtt, si hätte bei der Keessekontroll, déi den 1. Juli 2021

*Monsieur Ruckert a raison de dire que la véritable grotte se trouve dans la forêt. Mais la situation n'est pas évidente. Tom Ulveling rappelle que le projet de la mine Renkert a dû être retiré d'Esch2022 parce qu'ArcelorMittal l'a rejeté pour des raisons de sécurité.*
*En tout cas, Tom Ulveling essaiera de trouver une solution.*

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)** *trouve que puisqu'on rénove, il faudrait aussi prévoir des panneaux de signalisation. Beaucoup de gens ne savent pas que derrière le monument se trouve la véritable galerie.*
*Le budget permet-il aussi de refaire la balustrade de l'escalier dans les bois ? Actuellement, il n'est pas évident de descendre.*

**ALI RUCKERT (KPL)** *trouve important de rendre le monument dont a parlé monsieur Ulveling plus accessible. Il rappelle que le 2 septembre dernier, ArcelorMittal a refusé l'accès au monument aux personnes qui voulaient s'y recueillir. C'est d'autant plus grave que des gens y ont été tués par les nazis. Ce n'est pas à une multinationale de décider quand on peut s'y recueillir. Il faut trouver une solution même si elle ne plait pas à ArcelorMittal.*
*Ali Ruckert rappelle qu'ArcelorMittal a repris l'Arbed, dont le rôle pendant la Deuxième Guerre mondiale n'a pas été glorieux.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *répond que c'est précisément pour cette raison que le collège échevinal veut rendre le site plus accessible. Mais elle ne sait pas encore si ce sera possible.*
*(Vote)*
*Christiane Brassel-Rausch ajoute que des discussions sont aussi en cours avec ArcelorMittal concernant divers terrains et bâtiments. Mais ces négociations prennent du temps et ne sont pas publiques. Dès que le collège échevinal aura des réponses, il les fournira au conseil communal.*
*Christiane Brassel-Rausch passe au point 4, les comptes administratifs et le compte de gestion 2019. Des contrôles ont été effectués le 1er juillet 2021 et la commune est en règle.*

infoblat_072021_du_22092021_print 10 01/03/2022 11:39

# 4a. Comptes 2019

*Pour ce qui est des comptes administratifs, les remarques concernent la taxe sur les chiens et le tableau supplétif. La commune ne savait pas qu'il fallait envoyer ce tableau. Il est question de 760 €.*
*Ensuite, la Ville de Differdange a mis à disposition du Fonds du logement deux maisons. Le Fonds du logement va envoyer le décompte aussi vite que possible.*
*La commune n'est pas conforme en ce qui concerne la taxe de canalisation du secteur Horesca. Les compteurs posent problème. Monsieur Ulveling pourra peut-être fournir quelques explications. Le collège échevinal en a discuté et espère pouvoir appliquer la nouvelle taxe l'année prochaine.*

**TOM ULVELING (CSV)** *explique que la Ville de Differdange doit se conformer à une directive européenne. Mais le dossier doit d'abord être approuvé par l'Administration de la gestion des eaux. Le collège échevinal espère pouvoir présenter le dossier au conseil communal en octobre ou en novembre.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *passe aux dépenses extraordinaires et plus spécifiquement à un tracteur de 114 999,30 €. On reproche à la commune de ne pas s'être tenue aux règles du marché public. Mais il y a bel et bien trois devis, qui n'ont pas été présentés au service de contrôle.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *constate que le compte de gestion n'a pas engendré de remarques. Les socialistes remercient le receveur pour son travail impeccable.*
*Le compte administratif est un compte politique. Le collège échevinal a fourni des explications quant aux remarques dans son avis. En revanche, l'avis ne contient pas d'explications pour ce qui est de la taxe de l'eau. Mais monsieur Ulveling a fourni quelques précisions et a dit comment le collège échevinal comptait mettre ce dossier en règle.*
*Comme le compte administratif reflète les activités politiques du collège échevinal, le LSAP votera contre. Les socialistes n'ont pas non plus approuvé le budget 2019.*

ausgefouert ginn ass, näischt ze beanstande gehat. Dat ass dat eent.

Bei de Comptes administratifs waren e puer Remarke gemaach ginn. Do geet et zum engen ëm d'Hondstaxen an ëm en Tableau supplétif. Et ass esou, dass eis Leit deen Tablo haten, mee just net woussten, dass se e misste matschécken. Déi wäerten elo ëmmer matgeschéckt ginn. Et handelt sech ëm 760 Euro.

Deen zweete Punkt ass, dass mir als Gemeng dem Fonds du Logement zwee Haiser zur Verfügung gestallt hunn, fir ze verlounen. Do ass kee Rapport komm. Et ass awer en Appell gemaach ginn, wourop de Fong direkt reagéiert huet, dass mer d'Dekonten esou séier wéi méiglech kréichen en bonne et due forme.

Dat anert ass d'Waassertax vum HoReCa-Secteur. Dass mer do net konform sinn. Där Situatioun si mer eis bewosst. Hei an der Gemeng hu mer wierklech eng ganz komplex Situatioun wéinst den Ofliesgeräter. Mir sinn do hannendrun. Vläicht kann den Här Ulveling eng weider Erklärung dozou ginn. Et ass wierklech komplex a schwéier. Wa mer d'Léisung hätten, hätte mer déi Taxe scho gestëmmt. Mee mir sinn hannendrun. Am Schäfferot hu mer schonn e puermol driwwer geschwat. D'nächst Joer wäerte mer déi nei Taxen héchstwarscheinlech kënnen uwennen.

Fir weider Erklärungen zum Waassertaxereglement ginn ech dem Här Ulveling d'Wuert.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Merci, Madamm Buergermeeschter. Et ass esou, dass dat eng europäesch Direktiv ass, wou mer eis mussen upassen. Den Dossier ass u sech fäerdeg. Mee wéi et dann esou geet, muss et fir d'éischt an d'AGE goen, d'Waasserwirtschaftsamt. Déi mussen dee Projet guttheeschen. Duerno kënne mer et eréischt an de Gemengerot huelen.

Et ass kloer, dass et wäert méi deier ginn. En cours de route si mer gewuer ginn, dass de Waasserpräis ab d'nächst Joer ëm 30 Cents wäert erhéicht ginn. Soudass mer gezwonge waren, eis Berechnung nei ze maachen an déi 30 Cents 1:1 dem Client ze verrechnen. Haut oder muer wäert e leschte Bréif erausgoen un d'AGE, fir hinnen dat nach eng Kéier ze erklären. D'Bestriewen ass et, fir dat am Oktober oder spéitstens am November an de Gemengerot ze huelen, fir dass mer ab Januar eventuell déi nei Tax kënnen uwenden.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Ulveling. Da komme mer zu den Dépenses extraordinaires. Do geet et ëm een Trakter vun 114.999,30 Euro. Do ass beanstand ginn, de Marché public wär net agehale ginn. Et ass awer esou, dass et dräi Devise gëtt. Déi konnten, dee Moment wéi de Contrôle do war, net presentéiert ginn. Mee et gëtt se awer. Et ass keng Deliberatioun geschriwwe ginn doriwwer.

Här Muller.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Am Numm vun der LSAP schwätzen ech zu deenen zwee Konten. Am Comptes de gestion gouf et keng Beanstandung. D'LSAP wëll dem Receveur ee grousse Merci soe fir seng impeccabel Aarbecht a stëmmt de Compte de gestion 2019.

De Compte administratif ass e politesche Kont. Do hu mer jo d'Erklärunge kritt zum gréissten Deel, wat ze beanstande war, vun Iech selwer an och am Avis vum Schäfferot.

Wat awer dee Punkt vun de Waassertaxen ubelaangt, gouf net direkt eng Erklärung drageschriwwen. Mir kruten zwar d'Pièce dobäi geluecht. Mee déi gi keng Äntwert op déi Fro, déi do gestallt ginn ass vum HoReCa-Secteur. Dir hutt eis et elo e bësse virgedroen an och Erklärunge ginn. Meng Fro war, wéi d'Positioun wär elo vum Schäfferot, fir dat en règle ze setzen. Dat hutt Der dann och domadder beäntwert. An och den Här Ulveling.

Well de Compte administratif déi politesch Aktivitéiten oder d'politesch Aarbecht vum Schäfferot erëmspigelt, stëmmt d'LSAP géint dee Kont. Mir

# 4c. Modification de crédits extraordinaires

hate jo och de Budget 2019 net matgestëmmt. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Muller. Här Ruckert.

**ALI RUCKERT (KPL):**

Madamm Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll als Vertrieder vun der KPL virschloen, dass separat iwwert déi zwee Konten ofgestëmmt gëtt. Dat eent ass d'Gestioun, wou mer erëm feststellen, dass dat impeccabel gemaach ginn ass. Wou ech och deene Leit, déi sech dorëm këmmeren, wëll felicitéieren. An dat anert ass tatsächlech d'Aarbecht vum Schäfferot. Dat huet eng politesch Auswierkung. Dofir géif ech gär wëllen, dass iwwert déi zwou Saache separat ofgestëmmt gëtt.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Ruckert. Dat maache mer. Wann et keng Wuertmeldung méi dozou gëtt, géife mer fir d'éischt iwwert de Compte administratif ofstëmmen. An duerno iwwert de Compte de gestion. Dat heescht, wat de Receveur ubelaangt.

Da géif ech fir de Vott biede fir de Compte administratif.

*Le conseil communal décide avec 12 voix oui et 7 voix non d'arrêter le compte administratif de l'exercice 2019.*

Merci. Da komme mer zum Vott iwwert d'Comptes de gestion, wou näischt ze beanstande war.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'arrêter le compte de gestion de l'exercice 2019.*

Villmools Merci. Am Punkt 4b geet et ëm eng éischt ordinär Modifikatioun vum Exercice 2021. Dee läit plus ou moins am Equiliber. Dir hutt d'Lëscht, wat vun neien Depensen a Recettë bäikomm ass. Am Budget ordinaire hu mer nei Recettë vu 548.949,76 Euro. Déi 150.000 Euro Depensen, déi do eraussprangen, hutt Der op der Cloud gesinn. Dat ass dat, wat mir de Geschäftsleit wëllen als Aide ginn, déi mer gestëmmt hunn. An dee Budgetsposten, dee mer virgesinn hu vu 250.000 Euro.

(Ënnerbreichung vum Här Krecké)

Ass e schonn op 400?

**GEMENGESEKRETÄR HENRI KRECKÉ:**

150.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Mat deenen 150 ass deen dann op 400.000, déi d'Geschäftsleit da wäerten ausbezuelt kréien.

Eenzel Ofstëmmung?

**GEMENGESEKRETÄR HENRI KRECKÉ:**

Nee.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Et si kleng Adaptatioune vum Budget mat enger Augmentatioun vun deenen 150.000. A bei deene verschiddenen Augmentatiounen oder Verklengerungen, gesitt Der, dass déi zwee Montante sech praktesch ophiewen. Vu 70.000 op 70.000.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Ech hunn eng Fro dozou. Kënne mir Stellung huelen zu där Lëscht vun den Aiden, déi opgestallt ginn ass? Well dat jo direkt a Relatioun och ass mat där Initiativ. Merci.

**ALI RUCKERT (KPL)** *propose de voter les deux comptes séparément. Le compte de gestion est impeccable. Ali Ruckert en félicite ceux qui s'en sont occupés. Le compte administratif reflète en revanche le travail du collège échevinal.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *propose de soumettre au vote le compte administratif, puis le compte de gestion.*
*(Votes)*
*Christiane Brassel-Rausch passe à une modification de l'exercice ordinaire 2021. Les nouvelles recettes se montent à 548 949,76 € et les dépenses à 150 000 €. Les dépenses concernent l'aide aux commerçants budgétisée à 250 000 €.*
*(Interruption)*
*Christiane Brassel-Rausch demande s'il s'agit de 400 000 €.*

**HENRI KRECKÉ (SECRÉTAIRE COMMUNAL)** *précise qu'il est question de 150 000 €.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *répond que cela fait donc 400 000 € en tout pour les commerçants.*
*Elle demande si l'on doit procéder par votes séparés.*

**HENRI KRECKÉ (SECRÉTAIRE COMMUNAL)** *répond que non.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *ajoute qu'avec les différentes adaptations, les comptes restent en équilibre.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *voudrait prendre position quant à la liste des aides aux commerces.*
*(Interruption)*

# 4c. Modification de crédits extraordinaires

*Erny Muller explique que tout a l'air clair, mais il souhaite revenir sur le chapitre des aides et sur l'augmentation du budget à hauteur de 150 000 €. Il rappelle qu'au départ, 250 000 € étaient prévus.*
*Il suppose que rien n'a encore été débité de cet article budgétaire. Mais l'augmentation confirme une des critiques des socialistes. La somme initiale n'était pas suffisante. Il fallait que les aides permettent de soutenir efficacement les commerces. Autrement, une partie des magasins risquent de fermer leurs portes définitivement.*
*Pour Erny Muller, le tableau n'est pas clair. Il est notamment question d'une partie globale de 310 000 €.*
*(Interruption)*
*Le tableau confirme l'approche choisie par la commune, qui a tenu compte de l'ancienneté du commerce. En revanche, le nombre d'employés a joué un rôle moindre dans la répartition de l'aide, car d'autres compensations ont été versées dans ce contexte.*
*(Interruption)*
*Erny Muller dit espérer que la plupart des commerçants ont bien perçu ces compensations. Il rappelle que la commune a aussi fait un geste pour ce qui est des loyers, mais il suppose que cela ne concernait pas la plupart des magasins.*
*Pour son aide, la commune a surtout tenu compte de la perte du chiffre d'affaires à cause de la COVID-19. Les subsides varient de 0 à 11 000 €. La moyenne est de 3350 € par commerce. Bien entendu, certains ont obtenu moins que cela.*
*Erny Muller a vu que 8 entreprises sur 97 n'ont eu droit à rien. Le collège échevinal est-il au courant ? Pourquoi cette décision a-t-elle été prise ? Manquait-il des pièces ?*
*Tous les commerces concernés ont-ils participé ? Car il y en a beaucoup.*

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Jo. Keng Wuertmeldung.

(Ënnerbriechung)

**ERNY MULLER (LSAP):**

Zu där Lëscht: Do schéngt eis alles kloer ze sinn. Den Tablo an och d'Erklärungen dozou. Ech wéilt mech haaptsächlech mam Kapitel Aiden, deen am Fong dozou gefouert huet, dass mer elo den ordinäre Budget op 150.000 Euro eropsetzen, beschäftegen.

Am ordinäre Budget waren, wéi Der scho gesot hutt, 250.000 Euro virgesinn. Mir hunn elo leider keen aktualiséierte Kont virleie vun deem Posten. Mir ginn dovun aus – an et ass jo och praktesch scho confirméiert ginn –, dass op deem Artikel nach näischt debitéiert ginn ass. Soudass mer déi voll Zomm vu 400.000 Euro zur Verfügung hunn.

Déi Augmentatioun bestätegt am Fong eis Kritik am Ufank vun der Pandemie. Herno hat sech erausgestallt oder schonn ugedeit, dass déi Zomm, déi am Ufank virgesi war – ech mengen dat waren 150.000 Euro – net géif duergoen. Mir hate schonn d'lescht Joer eng Zomm ausginn. Dat ass dann elo eropgesat ginn. Dat ass och eng Fuerderung gewiescht, dass déi Aiden, déi ausbezuelt gi sinn, sollten en Niveau hunn, fir de Commercen tatkräfteg ënnert d'Äerm ze gräifen. Dat hat d'LSAP sengerzäit och gesot. Ansonste géife mer riskéieren, dass eng Partie Geschäfter no der Covidpandemie hir Dieren definitiv zoumaachen.

Elo zum Tablo, deen eis virläit. Do hätt ech e puer Froen. Et ass mer net alles ganz kloer. Zum Beispill gëtt geschwat vun enger Partie globale vun 310.000 Euro. Mir mierken awer, dass déi ganz Zomm herno sech praktesch opgeronnt op 400.000 Euro beleeft.

(Ënnerbriechung)

Dat ass dann d'Dépense totale. Op d'Froe kommen ech nach zréck.

Allgemeng kann een aus dësem Tablo feststellen, wéi d'Approche war, déi mer jo hei zesumme festgeluecht hunn. Um Tablo kann een déi nëmme confirméieren. Wou zum Beispill d'Ancienneteit, dat heescht, wéi laang ee Commerce schonn zu Déifferdeng ass, eng wichteg Roll gespillt huet bei den Hëllefen, déi dann déi eenzel Commercë kréien.

Manner gewiichteg an der Berechnung war d'Zuel vun de Beschäftegten. D'Beschäftegt si jo och iwwer een anere Wee kompenséiert ginn. Soudass d'Geschäftsleit an och déi aner Betriber schonn eng Kompensatioun haten.

(Ënnerbriechung)

Oder hätte sollen, jo. Ech hoffen, dass déi meescht se kritt hunn.

Wat d'Loyeren ubelaangt hat d'Gemeng jo och e Geste gemaach. Ech ginn dovun aus, dass dat fir déi meescht Geschäfter net a Fro komm ass.

Den Haaptbetrag, deen do figuréiert, ass allerdéngs d'Perte vum Chiffre d'affaires bedéngt duerch de Covid-19. Dat ass jo och eng logesch Konsequenz.

D'Beträg, déi ausbezuelt gi sinn, variéiere vun 0 bis zu engem maximum vu ronn 11.000 Euro. A bei engem Mëttelwäert vun 3.350 Euro pro Commerce.Dat ass elo méi interessant fir d'Allgemengheet ze wëssen: Wat huet an der Moyenne all Commerçant kritt? Et gëtt der natierlech, déi manner kritt hunn. Kloer. Et sinn der och déi näischt kritt hunn. Dat ass och de Fall.

Mir hätten nach e puer Froen heizou. Firwat sinn am Tablo aacht Entreprisen vun am Ganze 97 hors Start up-Pool, déi mat 0 Euro opgelëscht sinn? Ass dat bekannt? Wat war do ausschlaggeebend? Et schéngt jo awer, wéi wann do eng Demande virgeleeën hätt. Mee déi hunn einfach näischt kritt. Oder hunn do Pièce gefeelt?

Hunn all déi Commercen, déi theoreetesch a Fro komm sinn, och un der Aktioun participéiert? Well et sinn der jo awer relativ vill. Ass dat bekannt oder net?

Wat ass d'Definitioun vun enger Start-up-Entreprise oder -Commerce? Well

# 4c. Modification de crédits extraordinaires

do sinn der 22 opgelëscht mat engem Gesamtmontant un Aidë vu 75.000 Euro. No wat fir Krittäre goufen déi Start-up-Entreprisë festgeluecht?

D'Somme globale gouf jo scho ernimmt. Mir hoffen als LSAP, dass d'Geschäftsleit schnellstméiglech an de Genoss vun dëse Covid-Aidë wäerte kommen an dass mer dat ganz onbürokratesch elo ofwéckelen. Well d'Leit hunn dat Geld absolutt néideg. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Muller. Déi Ausrechnunge ware schrecklech komplex. Si hunn zu zwee Leit laang dru geschafft gehat. Ech géif virschloen, fir Iech eng Äntwert op Är Froen ze ginn, datt déi nächste Kéier den Här Felten mat an de Conseil kënnt. Ech sinn elo net am Stand, Iech konkreet Äntwerten op déi dote Froen ze ginn. Sachant, dass, wann Der esou Froen hutt, Dir all Moment d'Recht hutt an d'Gemeng ze kommen an den Här Felten ze froen. Dee gëtt Iech déi prezis Äntwert. Zwou Persounen hunn iwwer ee Mount dru geschafft. Ech wäert Iech net am Detail kënne soen, wéi si hir Krittären opgestallt hunn a wéi se se ausgefouert hunn.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Ech wollt nach soen, datt deen Tablo net an der Finanzkommissioun war. En ass do net debattéiert ginn an och net erkläert ginn. Dat ass och e bësse speziell.

Buergermeeschtesch Christiane Brassel-Rausch (déi gréng):

Den Här Felten wäert d'nächste Kéier dann derbäi sinn. Den Här Ulveling, den Här Liesch an dann den Här Weirich.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Ech wëll fir d'éischt dem Här Felten Merci soen. Dat war eng Sisyphusaarbecht. Hien huet eis och bericht, dass verschidde Commercen iwwerhaapt kee Bilan haten. Respektiv war alles relativ amateurhaft. Hien hat sech mat verschiddene Leit e puermol mussen zesummendinn, fir ze soen: Esou geet dat net. Esou musst Der dat maachen.

Déi Leit, déi ecartéiert sinn – doriwwer hate mer am Schäfferot rieds – waren haaptsächlech Firmen, déi scho ganz schlecht do stoungen an déi scho praktesch no bei der Faillite waren, ier d'Pandemie komm ass. Do hate mer eis natierlech d'Fro gestallt, ob dat Sënn mécht, fir deenen elo nach Suen ze ginn, déi dann an d'Masse vun der Faillite falen an dann huet keen eppes dovun. Soudass mer déi dofir gestrach haten. Dat si warscheinlech déi aacht, Här Muller, déi Dir ernimmt hutt.

Et war wierklech eng Sisyphusaarbecht. Mir haten och decidéiert, dass mer de Geschäftsleit géifen ee Support ginn, fir an Zukunft hir Bilanen opzestellen, wéi dat sech gehéiert. Et ass net einfach esou eng Fatz Pabeier, wou een eppes drop schreift. Dat muss scho gewëssene Reegelen entspriechen.

Wéi d'Madamm Buergermeeschter gesot huet, de Max Felten huet sech wierklech do erageknéit gehat. Et war net einfach. An en huet déi Saach esou gutt gemaach, wéi en eebe konnt.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Ulveling. Här Weirich. Den Här Liesch spréngt of.

**ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK):**

Dann iwwerhuelen ech. Merci, Här Liesch. Merci och fir d'Wuert, Madamm Buergermeeschter. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech wëll e puer Wuert zu deem Tablo soen. Ech fannen dat absolutt genial, dass mer elo haut am September an der Rentrée bal fir 100 Commercen aus der Gemeng Déifferdeng Covidbäihëllefe stëmmen. Wat mer eigentlech jo net missten als Gemeng. Mir haten als Gemengerot zesummen decidéiert gehat, zousätzlech zu de staatleche Bäihëllefen, déi et gëtt fir Betriber, nach e puer Su weider dropzeleeën.

*Quelle est la définition d'une start-up ? Vingt-deux figurent sur la liste. Elles ont touché 75 000 €. Quels ont été les critères ?*
*Les socialistes espèrent que les commerçants pourront profiter aussi vite que possible des subsides. Les gens ont besoin d'aide.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *répond que les calculs étaient particulièrement complexes. Elle propose de demander à monsieur Felten de répondre à toutes ces questions lors d'un prochain conseil communal. De toute façon, les conseillers communaux peuvent poser leurs questions à tout moment à monsieur Felten. Deux personnes ont travaillé pendant un mois à cette question.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *ajoute que le tableau n'a pas été présenté à la commission des finances. C'est particulier.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *répète que monsieur Felten participera au prochain conseil communal.*

**TOM ULVELING (CSV)** *remercie monsieur Felten pour le travail titanesque qu'il a accompli. Certains commerces ne disposaient pas d'un bilan ou alors il n'était pas professionnel. Monsieur Felten leur a expliqué comment faire.*
*Les entreprises qui n'ont pas reçu d'aides étaient déjà proches de la faillite avant la pandémie. Il n'aurait servi à rien de leur verser de l'argent.*
*La commune compte aussi aider les commerces à réaliser un bilan à l'avenir. Il ne suffit pas de remplir des papiers au hasard. Il y a des règles à respecter.*
*Monsieur Felten a travaillé dur et a fait du mieux possible.*

**ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK)** *trouve génial que près de cent commerces reçoivent une aide en septembre pour la rentrée. Il rappelle que la commune n'est pas obligée de verser des subsides pour la COVID-19. Le conseil communal avait décidé d'aider les commerces au-delà de ce que fait déjà l'État.*

# 4c. Modification de crédits extraordinaires

*Aujourd'hui, l'aide de 250 000 € passe à 400 000 €. Que cent entreprises aient remis un dossier montre que la commune a eu raison d'intervenir.*
*Eric Weirich a cru comprendre que les startups ont été fondées récemment et qu'elles ne disposaient pas d'un bilan pour 2019 et 2020. Il aurait été dommage de ne pas les aider. C'est pourquoi Eric Weirich salue le fait que ces vingt entreprises aient finalement aussi eu droit à une aide financière. Car sur la base de ce qui a été voté en avril, elles n'auraient eu droit à rien.*
*Le conseiller communal remercie monsieur Felten, son collaborateur et le service communication. La commune a réussi à atteindre les commerçants alors que le dossier était complexe. Elle les a même aidés à remettre les bons documents.*

**FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)** *estime que si certains conseillers communaux ont besoin d'éclaircissements, cela pourra être fait dans une séance non publique. Car des noms vont probablement être cités.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *voudrait savoir quand l'argent sera versé.*

**HENRI KRECKÉ (SECRÉTAIRE COMMUNAL)** *rappelle qu'une réunion de travail au sujet d'OCSiAl est prévue mercredi prochain. Le conseil communal pourra profiter de cette occasion. Car certaines exclusions ne sont pas liées à des faillites, mais elles se laissent toutes expliquer logiquement.*
*Henri Krecké ajoute que certains commerçants ont vraiment eu besoin d'un coaching pour débutants. Il a fallu en transférer certains au House of Entrepreneurship.*
*Ce qu'a dit monsieur Weirich est également vrai. Obtenir une aide de l'État sans bilan pour les années 2019 et 2020 n'est pas évident. La Ville de Differdange est parvenue à mettre en place un système pour soutenir tous ceux qui en avaient besoin.*

Ech begréissen, dass mer d'initial Hëllef, wou mer 250.000 Euro gestëmmt haten, haut op 400.000 Euro eropsetzen. Dass 100 Betriber sech gemellt hunn, weist, dass et absolutt Sënn mécht, dass mir och als Gemeng ee finanziellen Effort maachen a Richtung lokal Commercen.

Wann ech dat richteg verstanen hunn, hu sech déi Start-up-Pool-Entreprisen, eréischt kierzlech gegrënnt. Déi hunn eeben nach kee Bilan vun 2019 an 2020 konnte virleeën. Dat war e bëssen eis Suerg, wéi mer d'Diskussioun am Abrëll haten, dass déi leider ze kuerz kéimen. Dat hate mer och intern beschwat bei déi Lénk. Dat wär schued gewiescht. Dowéinst ass et nach méi begréissenswäert, dass mer awer elo deenen 20 Betriber och eng finanziell Bäihëllef ginn, déi eigentlech, nodeems wat mer am Abrëll gestëmmt gehat hätten, näischt zegutt gehat hätten.

Ech wëll op dëser Plaz dem Här Felten, där Persoun, déi mat him geschafft huet an och dem Service Kommunikatioun, deen dat Ganzt jo no bausse bruecht huet, wat jo eng relativ komplex Geschicht ass, Merci soen. Mir hunn d'Commercen erreecht. Mir hunn d'Commercen och souguer ënnerstëtzt, dass se d'Bilanen a wat se och ëmmer hu musse liwweren an an där richteger Form ofginn hunn. Dofir absolutt ee grousse Merci u jiddwereen, deen dorunner matgeschafft huet.

Ech stëmmen dat heiten natierlech gäre mat fir déi Lénk. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Weirich. Dann den Här Schwachtgen. An dann den Här Bertinelli.

**FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):**

Ech denken, dass, wann do méi Opklärung erwënscht ass, mir dat dann an enger netëffentlecher Sitzung awer eng Kéier thematiséieren. Well noutgedronge kënnt ee jo ëmmer op eemol op Beispiller, wat een héieren huet. Da wier et awer gutt, wa mer dat an enger Geheimsitzung géife maachen.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Schwachtgen. Här Bertinelli.

**FRED BERTINELLI (LSAP):**

Dir Dammen an Dir Hären, no deem heite Gemengerot ass dat jo gestëmmt. Dofir wollt ech froe fir d'Leit dobaussen, wéini dat ongeféier iwwerwise gëtt.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Den Här Krecké gëtt Iech d'Äntwert.

**GEMENGESEKRETÄR HENRI KRECKÉ:**

Zwou Saachen.

Dat, wat den Här Schwachtgen elo sot. Mir hu jo nächste Mëttwoch déi Aarbechtsreunioun ronderëm d'Ocsial. Ech wollt Iech proposéieren, dass een da kéint dovu profitéieren. Well do sinn Exklusiounen, déi sech net nëmmen drop bezéien, dass dat eng Faillite wär. Et sinn och aner Fäll dobäi, wou et einfach logesch Ursaache gëtt, firwat ee Betrib eventuell net an de Genoss komm ass. An déi kënne mer erklären.

Ech hänke vläicht just mat drun: Déi zwee Leit, déi do geschafft hunn iwwert dee ganze Summer, dat ass bal bis an den Ufankscoaching eragaangen, wat verschiddener do gebraucht hunn. Mir hu se bei d'House of Entrepreneurship an op aner Plaze mussen deviéieren.

Da kënnt nach dat dobäi, wat den Här Weirich gesot huet. Déi, déi keen 2019/2020er Bilan hunn, frot déi emol wéi se beim Staat zu Geld kommen. Dat ass guer net einfach. Wann s de keng konkreet Referenzdaten hues, rudders de als Betrib fir iwwerhaapt emol an d'staatlech Hëllef ze kommen. Mir hunn et elo hei fäerdegbruecht, ee System en place ze setzen, dass jiddereen, deen Hëllef brauch, kann Hëllef kréien.

A fir op dem Här Bertinelli seng Fro ze äntweren: Wann dat haut gestëmmt ass, kucke mer, dass dës Woch d'Suen

# 5a. Organisation scolaire 2021-2022

erausginn. Well déi Betriber brauchen déi Suen. Déi meescht, déi dat do gefrot hunn. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Krecké. Den Här Meisch.

**FRANÇOIS MEISCH (DP):**

Mir begréissen natierlech och, datt deen initiale Montant eropgesat gouf.

Just nach eng Fro: Déi Aarbechtssëtzung nächste Mëttwoch, ass déi mam Gemengerot? Ech hunn déi nämlech net am Agenda?

**GEMENGESEKRETÄR HENRI KRECKÉ:**

Natierlech ass déi mam Gemengerot. Ech si lo e wéineg um falsche Fouss erwëscht ginn. Wann s du sees, et wär nach net erausgaangen… Mee déi ass scho fir de Gemengerot. Et war och schonn am Diffmag. Déi Woch drop ass jo och eng ëffentlech Reunioun fir d'Bevëlkerung am Hall O.

(Ënnerbriechung)

Nee.

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):**

Also ech hu just déi vum 4. Oktober am Agenda.

**GEMENGESEKRETÄR HENRI KRECKÉ:**

Dann hu mer dat nach net erausginn. Dann entschëllegt mech hei fir d'Verwaltung. Nächste Mëttwoch um zéng Auer fënnt hei eng Aarbechtsreunioun mat der OCSiAL statt – mat deene begleedende Büroen, mat deelweis de Leit aus eiser Verwaltung a mat Iech, wann Der verfügbar wiert. Déi Woch drop ass dann erëm eng Reunioun iwwer Ocsial fir déi gesamt Bevëlkerung.

Mee da kéinte mer einfach schonn um hallwer zéng oder esou usetzen. Wa Froen zu deem aneren Theema nach sinn, géife mer och de Max Felten mat bäizéien, fir nach op Froen op méiglech Dossieren anzegoen. Dat si vertraulech Saachen. Mir kënnen hei net ufänken, am Ëffentleche mat Firmennimm ze hantéieren.

Kënne mer vläicht, wa mer zum Votum kommen, den Ordinären an den Extraordinären an ee Vott huelen oder wëllt Der et getrennt hunn?

(Ënnerbriechung)

Ee Vott.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Da géife mer zum Vott kommen.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la première modification ordinaire de l'exercice 2021.*

Villmools Merci. Da komme mer zum Punkt 5, Structures d'accueil. Et geet ëm d'Organisatioun fir d'Schouljoer 2021/2022 an den ROI. Ech géif och hei zwee Votte virschloen.

De Punkt 5a) dréit ëm d'Rentrée 2021/2022 vun de Maison-relaisen an de d'Crèchen. A genau wéi bei der Schoul, ass och bei de Maison-relaisen an de Crèchen d'Rentrée gutt verlaf, hu mer souwuel vun den Elterevertrieder héiere wéi och vum Personal. Jiddwereen huet gesot, dass d'Kanner immens frou waren, fir erëm an d'Schoul ze goen. Awer dat kann een och vum Betreiungspersonal soen a vun den Enseignanten. Trotz alle Schwieregkeete war eng grouss Begeeschterung ze spieren, wat déi Rentrée ugeet.

Natierlech wäert och dës Rentrée genau wéi déi lescht Rentrée am Kader vu Covid stoen. Mir wäerte kucken, wat d'Zukunft eis bréngt. Siwe Fäll, souwuel Kanner wéi Erwuessener, hu mer am Moment elo offiziell bestätegt kritt.

Och an der Maison Relais Mathendahl, déi eréischt opgaangen ass mat e puer Problemer, ass d'Rentrée gutt verlaf. Hei gëtt nach geschafft. Et ass mat der

*Si le crédit est approuvé aujourd'hui, l'argent pourra être versé cette semaine, car les entreprises en ont besoin.*

**FRANÇOIS MEISCH (DP)** *salue le fait que le montant initial ait été revu à la hausse.*
*Il demande si le conseil communal est convié à la réunion de travail de mercredi. Car elle ne figure pas dans son agenda.*

**HENRI KRECKÉ (SECRÉTAIRE COMMUNAL)** *répond que oui.*
*Il est surpris que l'invitation n'ait pas encore été envoyée. L'information figurait aussi dans le DIFF-MAG. La semaine suivante, il y aura une réunion publique.*
*(Interruption)*

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)** *n'a que la réunion du 4 octobre dans son agenda.*

**HENRI KRECKÉ (SECRÉTAIRE COMMUNAL)** *s'excuse au nom de l'administration. Une réunion de travail aura lieu mercredi prochain à 10 h avec OCSiAl, des gens de l'administration et le conseil communal. La semaine suivante se tiendra une réunion publique.*
*Le conseil communal pourrait se retrouver à 9 h 30 et si nécessaire, monsieur Felten pourra y participer. Mais le conseil communal ne peut pas discuter d'entreprises dans une séance publique.*
*Henri Krecké demande si les adaptations peuvent être votées en bloc.*
*(Vote)*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *passe à l'organisation 2021-2022 des structures d'accueil. Elle propose deux votes séparés.*
*Le point 5a porte sur la rentrée 2021-2022 des maisons relais et des crèches. La rentrée s'est bien passée. Les enfants étaient contents de retourner à l'école tout comme les enseignants et les éducateurs. Bien entendu, la rentrée s'est déroulée sous le signe de la COVID-19. Actuellement, sept cas ont été détectés.*
*La rentrée de la nouvelle maison relais Mathendahl s'est bien passée aussi malgré quelques problèmes. Tous les acteurs étaient contents de*

infoblat_072021_du_22092021_print 16 01/03/2022 11:39



*commencer même si quelques adaptations vont s'avérer nécessaires.*

*D'après le ministère de l'Éducation nationale, les maisons relais peuvent accepter des groupes de trente enfants, mais seuls dix enfants peuvent participer aux activités. Deux activités peuvent être tenues dans une même salle.*

*La commune recherche constamment des remplaçants. Le ministère a supprimé les restrictions concernant les qualifications requises. Il financera les frais jusqu'au 31 décembre 2021.*

*Les conseillers communaux ont reçu les documents actualisés hier. La commune compte 1505 chaires sans le Mathendahl. Trois-cent-cinq enfants sont inscrits à Differdange-centre et trente sont sur une liste d'attente — en partie des enfants ne remplissant pas les conditions définies dans le ROI. D'autres se sont présentés le 15 septembre sans inscription.*

*Le Fousbann compte 216 inscriptions et Lasauvage 28. Le Fousbann est complet et la commune n'aura d'autre choix que de construire.*

*Oberkorn compte 185 inscriptions. La liste d'attente contient deux enfants. D'autres ont remis un dossier incomplet.*

*Deux-cent-quatre-vingt-quatre enfants sont inscrits au Woiwer. Sept sont sur une liste d'attente.*

*Le Kornascht accueillera 84 enfants. Vingt-quatre figurent sur une liste d'attente. La crèche en forêt accueillera 17 enfants.*

*En tout, 1492 enfants fréquentent les maisons relais et les crèches.*

*En 2020, plusieurs formations pour le personnel éducatif ont été annulées ou interrompues. Certaines ont été achevées cette année — par exemple celle de l'école du gout destinée aux enfants. Les formations « Beobachtung und Dokumentation » et « Gender for Kids » ont eu lieu cet automne. Elles ont pour objectif de faciliter le quotidien des éducateurs et de les aider à appliquer les concepts pédagogiques : le Weltatelier pour les maisons relais et Emmi Pikler pour les crèches.*

*La Ville de Differdange continue de rechercher des éducateurs diplômés*

Direktioun ofgeschwat, wéi déi Aarbechte weiderginn. Et huet ee gemierkt, dass jiddweree sech gefreet huet, fir unzefänken. Och wann elo nach net alles perfekt ass an et lues a lues en cours de route adaptéiert gëtt.

Laut dem rezente Communiqué vum Educatiounsministère ass et erlaabt, Gruppe bis zu 30 Kanner an d'Maison relais ze huelen. Allerdéngs si just zéng Kanner fir eng Aktivitéit erlaabt. Et kënnen awer an engem Sall zwou Aktivitéite stattfannen.

Fir d'Rentrée ass et dann och nees méiglech, méi Leit ze engagéieren. Wéi een op differdange.lu gesäit, gi permanent Remplaçante gesicht, well mer der brauchen. Dofir huet de Ministère dann och fir dës Rentrée, déi normalerweis gefrote Qualifikatioun vum Zousazpersonal ausgesat. A mir hunn een Accord bis den 31.12 fir all eis Strukturen, dass de Ministère dat iwwerhëlt.

Dir hutt et gëschter aktualiséiert nogeschéckt kritt. Mir hunn am Ganzen 1.505 Still, nennt een dat. Dat sinn d'Agrémenten, déi mer vum Ministère hunn, ouni de Mathendahl. Am Déifferdeng Zentrum hu mer 305 Inscriptiounen. Also gëschter hate mer 337 Inscriptioune mat 30 Leit op der Liste d'attente. Dat sinn zum Deel Leit, déi d'Konditioune laut eisem ROI net erfëllen. Deelweis sinn d'Dossieren net komplett. An et si Leit, déi ereischt de 15. September do stoungen, fir ugeholl ze ginn. Dat huet et och ginn.

Um Fousbann, 216 Inscriptiounen. 18 op der Zowaasch. 28 op der Liste d'attente. Fousbann ass voll. Do kënne mer och näischt maachen ausser bauen. Uewerkuer 185 Inscriptiounen. Do huet sech gëschter erausgestallt, datt just zwee Leit do op der Liste d'attente stinn. Well déi zéng, déi do sinn, sinn drop deelweis wéinst onkompletten Dossieren, wéinst Leit, déi dem ROI no am Fong kee Virrecht hu fir an eng Maison relais ze kommen. Woiwer 284 Kanner. Siwen op der Liste d'attente. D'nämmlecht wéi am Zentrum.

Am Ganze sinn 1391 Kanner an eise Maison-relaise, wann een déi 32 dobäi zielt, déi gëschter nach am Zentrum bäikomm sinn.

Zu de Crèchen. Foyer du Jour Kornascht: 84. 24 op der Liste d'attente. Dat sinn nëmme Leit hei vun Déifferdeng. Bësch-Crèche 17. 9 op der Liste d'attente. Dat mécht eng Gesamtzuel vun 101 Plazen an eise Crèchen.

Mam Delta vun 337, komme mer op en Total vun 1492 Still an eise Structure-d'accueilen. Wéi gesot Maison relais a Crèche.

Fir ze vergläichen: Fir d'Rentrée 2019/2020 hate mer 1253 Inscriptiounen. D'Joer 2020/2021 1361. An dës Rentrée 1492. Mir gi stänneg erop. Praktesch d'Hallschent vun de Kanner, déi an de Schoule sinn, sinn an eise Maison-relaisen.

Wat d'edukatiivt Personal ubelaangt, duerch de Covid goufen 2020 verschidde Formatiounen op Äis geluecht. Dat war och eng Kéier eng Fro vun Iech, Här Hobscheit. Oder si goufen ënnerbrach.

Wéi zum Beispill déi Formatioun „Natur genéissen“ an Zesummenaarbecht mat der SICONA, fir d'Kichen a fir d'edukatiivt Personal, wou de Fokus op regional Produite geluecht gëtt an awer och op d'École des goûts. Dat heescht, dass d'Kanner solle schmaache léieren. Déi Formatioun konnt dëst Joer am Fréijoer ofgeschloss ginn. Des Weidere kann och d'Formatioun „Beobachtung und Dokumentation“ fir d'edukatiivt Personal am Hierscht stattfannen. D'Formatioun „Gender for kids“ a Kooperatioun mat eisem Service à l'Égalité des Chances ass och fir den Hierscht geplangt. Grondsätzlech sollen all déi Formatiounen de Leit an hirem Alldag hëllefen a si bei der Ëmsetzung vun de pedagogesche Konzepter ënnerstëtzen.

D'Konzept an d'Orientatioun ass de Weltatelier fir eis Maison-relaisen an d'Konzept an d'Orientatioun fir eis Crèchen ass Emmi Pikler. Déi ginn ëmgesat nach ëmmer am Kontext vun de sanitäre Virgaben a Méiglechkeeten an déi wäerten dann au fur et à mesure erëm adaptéiert ginn, jee wéi d'Situatioun et verlaangt.

Fir nach weider Qualitéit an eis Strukturen ze kréien, hate mer fir d'Rentrée weider Plaze fir diploméiert Leit ausgeschriwwen an hunn eeben, wéi gesot,

infoblat_072021_du_22092021_print 17 01/03/2022 11:39



aktuell och eng Annonce op eisem Internetsite. Aktuell schaffe bei eis 180 Leit mat CDI am SEA-Beräich.

Erlaabt mer awer och nach positiv an d'Zukunft ze kucken. Eis Projeten, wat d'Maison-relaisen ubelaangt. Do gëtt et ee Projet, dee ganz vill Zoustëmmung fonnt huet och bei de Responsabelen. Dat wier fir eng Chorale Maison relais ze grënnen. Déi soll am Fréijoer starten. Dëst, well mer fannen, dass et immens wichteg ass, dass d'Kanner léiere sangen. An aner Lidder vläicht sange wéi déi, déi een dann ëmmer op YouTube oder wou och ëmmer héiert.

Virun allem ass et beim Sange genau wéi bei der Musek: Et verbënnt einfach. Et kreéiert een en Zougehéieregkeetsgefill. An den Zäiten, an deene mer elo sinn, ass dat eng super Initiativ. Mir si just nach op der Sich no engem Mënsch, déi de Kanner dann och Sange bäibrénge kann. Well dat ass net esou einfach. Si solle jo an deem Sënn och professionell begleet ginn. Op jiddwer Fall si mer do an der Planung. Et ass e Projet, dee vill Zoustëmmung fënnt.

Da kommen ech erëm mat eisem Vëlosprojet, dee scho méi laang leeft mat der Schoul zesummen. Dee Vëlosprojet leeft weiderhin. Wat ass d'Zil dovunner? D'Kanner aus der Grondschoul an aus de Maisons relais sollen doduerch, dass Vëloen op all Site op hirem Campus stinn, léiere Vëlo fueren, fir herno fäeg ze sinn, op enger Strooss kënnen ze fueren. Well wa mir Vëlosweeër maachen an et ka kee Vëlo fueren, hu mer net vill geschafft. Dat ass e Projet, deen ongeféier virun zwee Joer ugelaf ass mat der Madamm Suzie Godart. An deen och grouss Zouspроch an de Schoule fënnt. All Campus – mir schwätze jo mëttlerweil vu Campussen, dat heescht Schoul a Maison relais zesummen –, huet dofir seng Vëloen. An déi ginn zesummen iwwert de Budget vun der Schoul an der Maison relais finanzéiert.

Den Éveil musical, déi Zesummenaarbecht mat der Musekschoul an de Structures d'accueil, geet och an dësem Joer weider. Leider hu mer dat bei de Schoulen net esou. Do hate musse Coursen annuléiert ginn, well dat néidegt Personal net méi do ass fir an d'Schoulen ze goen. Mir kucken awer mam Här De Bouw, ob dat vläicht am Fréijoer oder am zweeten Trimester méiglech ass. Fir déi éischte Kéier konnten d'Kanner zanter der leschter Rentrée 2020/2021 erëm vum Éveil musical profitéieren. Wéi gesot souwuel déi aus de Maison relaise wéi aus eise Crèchen. A wéi an Ärem Dokument opgefouert ass, steet dat dann och dëst Joer erëm um Programm.

Vacances/loisirs. Si sinn aktiv an eise Maison-relaisen. D'Vakanzenaktivitéite sinn am nächste Joer an deenen éischten zwou Wochen an der grousser Vakanz geplangt vum 18. bis den 29. Juli 2022. Dës Aktivitéite solle wéi gewinnt mëttes vun 13.45 bis owes 17.45 Auer stattfannen. An déi Vacances loisirs sinn oppe fir all Kand aus der Gemeng am Grondschoulalter. Déi Vakanzenaktivitéiten hunn all Joer en eegene Motto. Dëst Joer war et: „Lëtzebuerg – Fréier an haut“. Déi ginn dann och begleet vum edukative Personal aus eise Maison-relaisen an de Studenten, déi agestallt ginn, déi 18 Joer hunn an de Brevet vum Animateur A mussen hunn.

Dofir ginn dann och weiderhi Formatioune fir jonk Leit ugebueden ab 15 Joer, fir dee Brevet A ze kréien. D'Formatioun soll nees an der Fuesvakanz 2022 stattfannen. Méi genee vum 14. Februar bis den 19. Februar 2022. Jee no Besoin kann een dat dann och nach verlängeren. Zousätzlech Formatioune ginn an der Ouschtervakanz vum 4. Abrëll bis den 9. Abrëll ugebueden. Dat Ganzt wäert d'nächst Joer stattfannen a Kooperatioun mam Jugendhaus.

Sport. De Projet Move. Do gëtt eise Kanner an de Maisons relais proposéiert, fir nei Sportaarte kennenzeléieren. Dëse Projet gëtt mat engagéierte Leit, Educateuren oder vum edukative Personal aus all de Maison-relaisen ëmgesat. Aus dëser Ekipp ass een Expertegrupp entstanen, dee gemeinsam déi Sportsaktivitéite fir d'Kanner koordinéiert an organiséiert. Fir weider Beweegung a Sport an d'Maison relais ze kréien, ass geplangt, dass d'Sportsveräiner wärend der Mëttegstonn an d'Maison relais kommen. De Planning dofir leeft am Austausch mam Service des sports. Dat ass komplizéiert, mir wëssen et, well mer einfach déi verschidde Sitten hunn. Mee mir sinn amgaangen, drun ze schaffen.

*pour ses structures d'accueil. Des annones figurent sur le site internet. Actuellement, 180 personnes disposent d'un CDI dans ce domaine.*
*Un projet tient particulièrement à cœur à Christiane Brassel-Rausch : la création d'une chorale des maisons relais. Il est important que les enfants apprennent à chanter autre chose que ce qu'ils entendent sur YouTube. En plus, chanter unit. La commune recherche un enseignant. Pour le moment, le projet est en phase de planification.*
*Le projet de vélo est reconduit. L'objectif est d'apprendre aux enfants à circuler à vélo en ville. Car il ne sert à rien de construire des pistes cyclables si personne ne sait les utiliser. Le projet a été lancé il y a deux ans avec madame Suzie Godart et rencontre un beau succès, y compris dans les écoles. Tous les campus comptent désormais leurs vélos.*
*L'éveil musical, un partenariat entre l'école de musique et les maisons relais et les crèches, est reconduit. En revanche, les cours dans les écoles ne peuvent pas être tenus par manque de personnel. Monsieur De Bouw essaie de trouver une solution pour le deuxième trimestre.*
*Les vacances-loisir sont prévues en été du 18 au 29 juillet 2022 de 13 h 45 à 17 h 45. Elles sont destinées aux enfants en âge de fréquenter l'école fondamentale. Cette année, elles se sont déroulées sous le slogan « Lëtzebuerg – Fréier an haut ». Elles sont encadrées par le personnel éducatif des maisons relais et par des étudiants de 18 ans possédant le brevet A.*
*La formation pour obtenir le brevet se déroulera pendant les vacances de carnaval pour les jeunes de plus de 15 ans. Des formations supplémentaires auront lieu du 4 au 9 avril 2022.*
*Le projet « Move » propose aux enfants des maisons relais de découvrir de nouveaux sports. Un groupe d'experts va coordonner le projet. Les clubs sportifs se rendront dans les maisons relais pendant la pause de midi. Le service des sports participe à la planification, qui n'est pas évidente à cause des nombreux sites concernés.*
*Tous les projets, les formations et le Weltatelier sont susceptibles d'être*

infoblat_072021_du_22092021_print 18 01/03/2022 11:39



*adaptés en fonction de la situation sanitaire.*
*Christiane Brassel-Rausch demande aux conseillers communaux d'approuver l'organisation 2021-2022 des structures d'accueil. Elle demande si elle doit présenter le ROI ou bien passer aux débats. Elle cède la parole à monsieur Meisch.*

**FRANÇOIS MEISCH (DP)** *rappelle que la première cantine scolaire de Differdange a ouvert en 1987 pour trente enfants. En 2022, les maisons relais accueilleront 1391 enfants et les crèches 101 enfants. Cela représente une légère augmentation par rapport à l'année dernière.*
*Les détails figurent dans le dossier. Les projets et les partenariats ont été cités. François Meisch soutient l'idée de la chorale des maisons relais. Pendant des années, il a enseigné la musique dans les écoles primaires, mais il n'est plus disponible.*
*Il remercie tous ceux ayant travaillé au dossier et à ceux qui sont sur le terrain. Les démocrates approuveront l'organisation des structures d'accueil 2021-2022.*

**PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG)** *remercie à son tour tous ceux qui ont participé à l'élaboration de ce document. L'année dernière a été difficile et l'année prochaine ne sera pas évidente non plus.*
*Tous les projets ont été mentionnés. Près de 50 % des enfants fréquentent les maisons relais. Par rapport à d'autres communes, Differdange est attractive pour les parents.*
*En ce qui concerne la chorale, Paulo De Sousa plaisante sur le fait qu'un producteur allemand vient de perdre son travail à la télévision. Peut-être pourrait-il apprendre aux enfants à chanter ?*

**ALI RUCKERT (KPL)** *constate que la commune a fait beaucoup d'efforts pour améliorer les structures d'accueil. C'est une bonne chose.*

Déi hei opgefouert Projeten, déi grondsätzlech Ofleef wéi och d'Formatiounen oder d'Konzept Weltatelier ginn natierlech adaptéiert, wann et muss sinn, wann d'Entwécklung vun der aktueller sanitärer Situatioun et erfuerdert.

D'Organisatioun vun eise Betreiungsstrukturen 2021/2022 bieden ech Iech haut ze stëmmen. Solle mer direkt zum Vott iwwergoen oder soll ech den ROI och nach maachen? Solle mer elo mol de Vott iwwert d'Organisatioun huelen? Da maache mer de Vott elo fir d'éischt iwwert d'Organisatioun SEA. Natierlech kënnt Der nach Stellung huelen oder Froe stellen. Här Meisch.

**FRANÇOIS MEISCH (DP):**

Dir Dammen an Hären aus dem Gemengerot, 1987 goung et schonn hei zu Déifferdeng lass mat der éischter Schoulkantin am Déifferdenger Zentrum. Deemools war dat just fir 30 Kanner. Do gesäit een, wéi d'Entwécklung gaangen ass. D'nächst Schouljoer si laut neiem Dossier, wann ech richteg verstanen hunn, 1391 Kanner an eise verschiddene Maison-relaisen ageschriwwen. An 101 an eise Crèchen. Dat ass also eng liicht Augmentatioun zum Virjoer.

D'Detailer goufen all genannt. Se stinn am Dossier. Et ass een Dossier, dee wierklech detailléiert ass. D'Projeten an d'Zesummenaarbechten, déi ganz interessant sinn, goufen och alleguer genannt. D'Chorale Maison relais kann ech nëmmen ënnerstëtzen. Ech hu jorelaang Musekscoursen an der Primärschoul gehalen. Ech stinn awer elo net zur Verfügung!

Merci de Leit, déi um Dossier geschafft hunn an och eise Leit um Terrain, déi dat Ganzt ëmsetzen an déi ëmmer erëm fir nei Iddien an nei Projete suergen an déi dann och um Terrain stemmen.

Mir stëmmen d'Organisatioun fir d'Opfaangstrukture fir 2021/2022 gäre mat. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Meisch. Här De Sousa.

**PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Ech wëll als Éischt emol ee grousse Merci lassginn un all déi Leit, déi un dësem Dokument geschafft hunn, un der Organisatioun bedeelegt waren an um Terrain schaffen. Dat lescht Joer war net esou einfach. An dat Joer, dat kënnt, gëtt sécher net méi einfach.

Déi verschidde Projete si genannt ginn. Wéi Der gesot hutt, bal 50 % vun eise Kanner ginn an eng Betreiungsstruktur. Wat och dann d'Attraktivitéit vun der Stad Déifferdeng eropschraufft. Et gëtt ganz vill Elteren, déi kucken: Wou kann ech mäi Kand ënnerbréngen? An dann ass Déifferdeng par rapport zu deenen anere Gemengen an der Géigend besser opgestallt. Do muss ee sech och dann iwwerleeën, wann dat esou weidergeet, wat fir eng nei Projete mer kënne virgesinn.

Zum Schluss wollt ech ee klenge Witz lassginn iwwert de Projet Chorale: Et gëtt jo een däitsche Produzent, dee seng Aarbecht bei engem däitsche Fernseesender verluer huet. Vläicht kënne mer deen engagéieren, fir de Kanner d'Sange bäizebréngen. Villmools Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här De Sousa. Här Ruckert. Entschëllegt.

**ALI RUCKERT (KPL):**

Mir sëtzen esou wäit ewech. Et ass komplizéiert.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Du muss den Aarm méi héich maachen.

**ALI RUCKERT (KPL):**

Madamm Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären, et stellt een och bei dësem Dokument fest, dass d'Gemeng dëst Joer wéi déi Jore virdru ganz grouss Efforte gemaach huet, fir d'Be-

# 5a. Organisation scolaire 2021-2022

treiungsstrukture fir d'Kanner ze verbesseren. Dat ass ze begréissen.

Ech wëll awer och als Vertrieder vun der KPL drop hiweisen, dass mer trotzdeem eng relativ grouss Waardelëscht hunn. Souwäit ech dat gesinn, ass et praktesch bal 10 % vun de Leit, déi eng Demande maachen…

(Ënnerbriechung)

Tëschent 8 % an 9 % hunn ech ausgerechent. Dat ass awer relativ vill. Meng Fro ass: Bleift et elo dobäi oder ginn Efforte gemaach, fir awer deene Leit entgéintzekommen? Well wann Ufroe gemaach ginn, heescht dat jo, dass ee Besoin do ass. An d'Fro ass: Wéi kënnt d'Gemeng an Zukunft dëse Besoinen no?

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Ruckert. Ech erlabe mer direkt drop ze äntweren. Et ass ganz einfach. Ech hu jo d'Liste-d'attenten zum Deel relativiséiert, well am ROI, iwwert dee mer herno wäerten ofstëmmen, ganz kloer Krittäre festgehale sinn, wie Prioritéit huet fir an eng Maison relais ze kommen. Also fir ugeholl ze ginn.

Dann ass et och esou, dass mer vum Ministère Agrémente kréien. Déi Zuel steet fest. Déi ass relativ zu der Plaz, déi d'Kanner zur Verfügung hunn. Also iwwerhaapt zum Espace, deen do ass. Do hu mir als Gemeng net vill ze radetten an deem Sënn. Ausser dass mer eis iwwerleeën – an do si mer och schonn amgaangen, Här Ruckert –, fir weider Schoule wéi Maisons relais a souguer vläicht Crèchen ze bauen. Dat ass déi eenzeg Handhab, déi mir als Gemeng hunn. Well mir dierfen net méi Kanner unhuelen, wéi mer den Agrément vum Ministère hunn.

Här Ruckert.

**ALI RUCKERT (KPL):**

Merci, fir déi Informatioun. Ech wëll da just feststellen, datt et kee Recht ass hei, säi Kand an eng Betreiungsstruktur ze schécken. Et ass ee Virrecht! D'Famille ginn also net gläich behandelt.

(Ënnerbriechung)

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Här Hobscheit.

**PIERRE HOBSCHEIT (LSAP):**

Merci, Madamm Buergermeeschter, Dir Dammen, Dir Hären, et wäert Iech vläicht net wonneren, mee ech huelen e bësse méi wäit aus wéi meng Virriedner, well fir mech perséinlech dat hei Dokument nieft dem Budget an der Schoulorganisatioun mat dat Wichtegst ass, iwwert dat mer hei am Gemengerot diskutéieren an ofstëmmen. Et geet net méi an net manner wéi ëm d'Encadrement vun eise Klengsten. Ronn 1500 Plaze stinn zur Verfügung. Dat entsprécht deemno Plaze fir ronn d'Hallschent vun der Gesamtpopulatioun an eise Schoulen.

Ier ech an den Detail ginn, wëll ech alle Bedeelegten, déi un der Success Story Maison relais matschaffen, e grousse Merci am Numm vun der LSAP ausschwätzen. Ouni eist edukatiivt Personal leeft näischt an eise Maisonrelaisen. Duerfir ee grousse Merci un all eenzel Educatrice an Aide-Educatrice, all Educateur an Aide-Educateur, all Auxiliaire de vie, dem Kichepersonal an och soss all deene Leit, déi un de Maison-relaise matschaffen. An natierlech och dem Service op der Gemeng. Si all hunn am leschten annerhallwe Joer Aussergewéinleches geleescht. Dat ass mir natierlech absolutt voll a ganz bewosst.

Flott ze gesinn ass et, dass d'Eltere sech un déi schwiereg Situatioun adaptéiert hunn an de Gros vun den Inscriptiounen online ofgewéckelt konnt ginn. Dat war eng gutt Initiativ, fir dat esou ze maachen. Déi sech, mengen ech, duerch d'Situatioun imposéiert huet. An déi een och iwwert d'Pandemie eraus sollt bäibehalen.

D'Waardelëschte goufe schonn ugeschwat. Wat e bëssen opfält, ass, dass et do grouss Diskrepanze gëtt par rapport zu de verschiddene Sitten. Op deem enge Site ass d'Waardelëscht ganz kleng. Op deem anere Site ass d'Waardelëscht vill méi grouss. Do muss een

*Cependant, la liste d'attente reste relativement longue. Quelque 10 % des gens introduisant une demande…*
*(Interruption)*
*Entre 8 % et 9 %, c'est tout de même beaucoup. Le collège échevinal compte-t-il intervenir ? Car un besoin semble exister.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *va répondre à cette question immédiatement.*
*Le ROI, que le conseil communal approuvera tout à l'heure, contient des critères précis fixant les priorités. En plus, la commune reçoit un agrément de la part du ministère. Les chiffres sont fixés par rapport à la place disponible.*
*Mais le collège échevinal réfléchit aussi à la construction de nouvelles écoles et maisons relais. Pour le reste, la commune doit se tenir à l'agrément du ministère.*

**ALI RUCKERT(KPL)** *constate que par conséquent envoyer son enfant à la maison relais n'est pas un droit. Les familles ne sont pas toutes traitées de la même façon.*
*(Interruption)*

**PIERRE HOBSCHEIT (LSAP)** *estime que ce document est un des plus importants de l'année à côté du budget. Il y va de l'encadrement des plus jeunes.*
*Mille-cinq-cents places sont disponibles. Cela correspond environ à la moitié de la population scolaire.*
*Pierre Hobscheit remercie au nom des socialistes tous ceux qui contribuent au succès des maisons relais. Sans les éducateurs, les aides-éducateurs, le personnel de cuisine, etc., les maisons relais ne fonctionneraient pas. Pierre Hobscheit remercie aussi le service des maisons relais communal. Il sait quel travail énorme ils accomplissent.*
*Les parents se sont adaptés à la situation sur le terrain et ont inscrit leurs enfants en ligne. Pierre Hobscheit soutient cette initiative, qu'il faut reconduire même lorsque la crise sanitaire se sera calmée.*
*Pour ce qui est des listes d'attente, il y a de grandes différences entre les sites. Il ne faudrait pas désavantager certains parents parce qu'ils vivent dans le mauvais quartier.*

# 5a. Organisation scolaire 2021-2022

*Mais comme l'a dit la bourgmestre, la marge de manœuvre de la commune est restreinte.*
*Il est important que les enfants s'intéressent à leur alimentation. Des projets comme « Natur genéissen », « Mir iesse regional bio a fair » ou « Gesond iessen, méi beweegen » jouent un rôle important. La qualité de l'alimentation s'est considérablement améliorée dans les cantines.*
*D'autres projets concernent la nature, le sport, la technique et la créativité. Le projet d'une chorale est superbe.*
*Pierre Hobscheit souligne l'importance d'une bonne collaboration avec les associations locales. Le partenariat avec les clubs sportifs représente un défi logistique, mais la piste est intéressante.*
*Pour ce qui est du personnel, Pierre Hobscheit voulait connaitre les chiffres. Il rappelle qu'en 2017, le conseil communal avait constaté un important va-et-vient dans les structures d'accueil. En octobre 2020, la bourgmestre a dit que la situation s'était calmée.*
*Pierre Hobscheit regrette la dispute avec la bourgmestre lors de la dernière séance. Mais il a compris lors d'entretiens successifs que les maisons relais leur tiennent à cœur à tous les deux. C'est ce qui importe.*
*Plusieurs membres de la famille du conseiller communal travaillent dans une maison relais. Son fils fréquente la maison relais depuis deux semaines. Il est essentiel que les enfants soient bien encadrés.*
*Un cadre professionnel désagréable, où manque le respect, fait mal aux gens. Il est triste de voir des personnes ne faisant rien d'autre qu'attendre la retraite. C'est pourquoi il est important non seulement de recruter des éducateurs compétents, mais aussi de créer un cadre professionnel où ces éducateurs ont envie de passer 10, 15 ou 20 ans. Or, près de la moitié du personnel a changé au cours des dernières années. Le va-et-vient s'est calmé pendant la pandémie et Pierre Hobscheit espère que cela continuera.*
*La commune doit essayer de proposer des contrats de quarante heures aux gens. Certes, s'il n'y a que trente heures de travail, on ne*

einfach oppassen, dass een herno net Eltere benodeelegt doduerch, dass se sech am falsche Quartier néiergelooss hunn. Mee Dir hutt et scho gesot, d'Méiglechkeeten, déi mer als Gemeng hunn, sinn natierlech begrenzt.

Wichteg ass et och, dass mer an eise Betreiungsstrukturen de Kanner een Androck vu gesondem Iesse vermëttelen. Projete wéi „Natur genéissen", „Mir iesse regional bio a fair" oder och „Gesond iessen, méi beweegen" sollten duerfir weider onbedéngt eng wichteg Roll an eise Maison-relaise spillen.

Mat der Entwécklung vun eise Kantinnen zu den haitege Maison-relaisen huet sech zum Gléck d'Qualitéit vum Iessen drastesch verbessert. Dat ass absolutt ze begréissen.

Eis Maison-relaisen an aner Betreiungsstrukturen hunn donieft nach eng Hellewull u gemeinsamen anere Projeten, bei deenen d'Natur, de Sport, d'Technik oder d'Kreativitéit am Mëttelpunkt stinn. All eenzelne vun dëse Projeten ass ze begréissen. De Projet vun enger Chorale zum Beispill, deen Der grad ugeschwat hutt, Madamm Buergermeeschter, fannen ech eng super Iddi.

Eng effikass a gutt Zesummenaarbecht mat eise Veräiner ass wichteg, fir dass d'Kanner, déi an eise Betreiungsstrukture sinn, och un Aktivitéiten an de Sports- a Kulturveräiner kënnen deelhuelen. D'Zesummenaarbecht mat de Sportveräiner, déi Der ugeschwat hutt, ass warscheinlech eng grouss logistesch Erausfuerderung, mee awer duerchaus eng interessant Pist, déi ee sollt weiderverfollegen.

Dir Dammen, Dir Hären, ech soen dann och nach e puer Wuert zum Personal.

Ech hat jo Froe gestallt. Ouni schlecht Absicht. Dat wëll ech hei ganz kloer soen. Mech hunn déi Zuelen, déi ech gefrot hunn, einfach interesséiert. 2017 hate mer hei am Gemengerot de Constat gemaach gehat, dass mer vill Va-et-vient hätten. Am Oktober 2020 hat Dir de Constat gemaach, Madamm Buergermeeschter, dass sech d'Situatioun calméiert hätt. A mech huet einfach interesséiert, wéi déi Zuele sech dann entwéckelt hunn a wat geschitt ass, dass sech tëscht deem ville Va-et-vient 2017 an der Feststellung 2020, datt d'Situatioun sech calméiert huet.

Mir sinn déi lescht Sitzung, Madamm Buergermeeschter, vläicht e bëssen „unenee geroden". Wat ech bedaueren. Mee spéitstens an den Entretienen, déi mer zesummen haten am Summer, hat ech gemierkt, dass eis allenzwee eis Maison-relaisen immens um Häerz leien. Dass et eis ëm d'Saach geet. An dat ass dat Allerwichtegst.

Fir mech ass deen Dossier hei näischt anescht wéi eng Häerzenssaach. Vill Memberen aus menger Famill schaffen an de Maison-relaisen. Ech hunn e Bouf, deen elo an eng Maison relais geet zanter zwou Wochen. Fir mech ass et einfach wichteg, dass mer dat beschtméiglechst Ëmfeld schafe fir eist Personal, fir dass se do gutt kënne schaffen.

Ech hunn eebe gemierkt, wat et mat Leit ka maachen, wa keen anstännegt Aarbechtsëmfeld geschaf gëtt, wann deen néidege Respekt feelt. Et ass net schéin, wann ee Leit muss nokucken, déi kuerz virun der Pensioun stinn an et huet een d'Gefill, déi Leit géife sech just nach an d'Pensioun schleefen, well et einfach a ville Momenter un deem néidege Respekt gefeelt huet.

Et ass duerfir immens wichteg, net nëmme just gutt Leit ze fannen – well mir fannen der jo, dat hu mer jo am Summer gemierkt, Gott sei Dank –, mee dass mer och en Aarbechtsëmfeld schafen, wou et eis geléngt, dass déi Leit 10, 15 oder 20 Joer gären a voll motivéiert bei eis bleiwen.

Mech beonrouegt et, éierlech gesot, extreemst, wann ech gesinn, dass mer bal eisen hallwe Gesamteffectif iwwert déi lescht Joren eng Kéier ausgetosch hunn. Dass 86 Leit eis iwwert déi lescht Jore verlooss hunn. Déi Zuele sinn natierlech an de Pandemie-Joren zréckgaangen, wat gutt ass. Ech hoffe just, dass dat och no der Pandemie esou bleift. Dass mer no der Pandemie net nees op een Niveau kommen, wou eis an der Moyenne 12 bis 15 Leit d'Joer verloossen. Dat wier net gutt.

Wichteg ass och, dass mer kucken, fir nees méi Leit ee 40-Stonne-Kontrakt ze ginn. Well do hu mer einfach de Problem, wa mer de Leit just 30 Stonne-Kontrakter kënnen ubidden, datt se ier-

gendwa fortginn, wa se iergendwou eng 40-Stonne-Plaz ugebuede kréien. Mir ass natierlech bewosst, dass mir net fir all Educateur 40 Stonnen Aarbecht kënne bidden. Dass dat den Haaptgrond ass, dass mer net Leit 40 Stonne kënnen astellen, wa mer se just 30 Stonne kënne beschäftegen. Mee och do gouf 2017, am leschte Gemengerot virun de Walen, zum Beispill iwwer méiglech Synergië geschwat – deemools war d'Beispill genannt gi vum Club Senior –, wou een d'Leit kéint engagéieren an zum Beispill kéint opdeelen, dass een hinnen awer kéint ee 40-Stonnen-Aarbechtskontrakt ubidden. A se esou längerfristeg kéint un eis bannen. Duerfir meng Fro, ob dës Pist, déi 2017 an d'Spill bruecht gouf, weiderverfollegt ginn ass oder wou déi Saach drun ass.

D'Fro stellt sech och bei den Demandë fir eng Tâchenerhéijung. Iwwert d'Hallschent vun deenen Demandë gouf, wann ech d'Zuele richteg interpretéiert hunn, net zréckbehalen. Ech verstinn, dass een net jidderengem 40 Stonne kann ubidden, wann net 40 Stonnen Aarbecht do ass. Mee ech hunn einfach Angscht, dass déi Leit, deenen hir Demande op eng Tâchenerhéijung refuséiert gëtt, eis fréier oder spéider wäerte verloossen.

Ech erneieren duerfir meng Fuerderung no enger Bestandsopnam a Form vun engem Sondage beim Personal, fir vläicht esou Departe kënnen ze antizipéieren. 2017, an där leschter Sitzung virun de Walen, krut ech gesot, dat wär duerchaus eng interessant Iddi. Ma wann et eng interessant Iddi ass, kommt, mir maachen et.

Natierlech net wärend Corona. Dat ass aussergewéinlech. Do kritt ee vläicht kee reellt Bild. Mee wann d'Situatioun an d'Normalitéit zréckkomm ass, kommt, mir fille wierklech eng Kéier de Bols bei eise Leit, ob se nach Wëlles hunn, 5, 10 oder 15 Joer bei eis ze schaffen oder ob se mam Gedanke spillen, eis bannent deenen nächsten een, zwee oder dräi Joer ze verloossen.

Problematesch gesinn ech, éierlech gesot, och déi Interventioune vum Botzpersonal. Ech verstinn, wann een net genuch Personal zur Verfügung huet, dass ee muss Léisunge fannen. D'Fro stellt sech awer, ob dat do déi richteg Léisung ka sinn. Ob een do net einfach misst op de Wee goen – ech weess och, déi Leit si warscheinlech schwéier ze fannen –, fir einfach genuch Remplaçanten ze engagéieren, dass een net méi an d'Situatioun kënnt, wou Membere vum Botzpersonal, a wann et och just an der Mëttegstonn ass, mussen asprangen, fir déi Aarbecht ze maachen, déi, am Normalfall, en Educateur, eng fest engagéiert Aide-éducatrice, een Aide-Éducateur oder och permanent Remplaçante géife maachen.

Natierlech gëtt et eng Penurie um Marché. Do si mer eis eens. Dat kann och kengem Mënsch gefalen. Duerfir war ech begeeschtert ze gesinn am Summer, dass mer jonk top motivéiert an informéiert Leit, déi sech fir eis Gemeng interesséieren a bei eis wëlle schaffe kommen, konnten engagéieren. D'Konscht besteet awer doranner, dës Begeeschterung a Motivatioun oprechtzëerhalen, fir dass dës Leit eis méiglechst laang erhale bleiwen.

Elo, wou deen Exercice dann eng Kéier mat vill Opwand huet musse gemaach ginn, géif ech begréissen, wa vläicht de Gemengerot all Joer mat der Organisatioun vun de Maison-relaisen een Iwwerbléck iwwert d'Departen an d'Arrivéeën an deem Joer kéint gemaach kréien. Dass een einfach weess, wéi d'Entwécklung iwwert d'Joer esou war.

Déi Zuele sinn nämlech fir eis als Gemengerot wichteg, fir d'Situatioun an eise Maison-relaise richteg kënnen ze beurteelen. Nichts desto trotz ass d'LSAP mat där gudder Aarbecht, déi a schwieregen an an net schwieregen Zäite gemaach gëtt, zefridden a begeeschtert. Mir stëmmen duerfir d'Organisatioun vun de Maison-relaise gäre mat. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Hobscheit. Ech kann Iech just soen, ech hunn et schonn am Summer gesot, dass mer Leitlinnen ausgeschafft hu mat der Responsabel vun den Haisercher. Déi wäerten elo ufanks Oktober un d'Personal ausgedeelt ginn.

*peut pas recruter quelqu'un à plein temps. Mais en 2017, il avait été question de créer des synergies — par exemple avec le Club Senior — pour offrir davantage de contrats de quarante heures par semaine. Pierre Hobscheit demande au collège échevinal s'il a réfléchi à cette piste proposée en 2017.*
*En ce qui concerne les demandes d'augmentation des tâches, plus de la moitié n'ont pas été retenues. Même si on ne peut pas contenter tout le monde, Pierre Hobscheit craint que ces personnes finissent par quitter Differdange si elles n'obtiennent pas satisfaction. Il exhorte le collège échevinal à réaliser un sondage auprès du personnel pour anticiper d'éventuels départs. En 2017, cette idée avait été considérée comme intéressante. En période de crise sanitaire, un sondage n'est pas opportun, mais plus tard, la commune pourrait demander aux éducateurs s'ils se voient encore à Differdange dans 5, 10 ou 15 ans.*
*Pierre Hobscheit regrette le recours au personnel de nettoyage pour surveiller les enfants. Est-ce la bonne solution ? Ne pourrait-on pas engager plus de remplaçants pour éviter que le personnel de nettoyage ne doive réaliser le travail d'un éducateur ou d'un aide-éducateur ?*
*Pierre Hobscheit connait la pénurie d'éducateurs. C'est pourquoi il était enthousiaste de voir que de nombreux jeunes éducateurs s'intéressent à Differdange. Il s'agit maintenant de conserver cette motivation.*
*Pierre Hobscheit voudrait qu'à l'avenir, un décompte des départs et des arrivées soit effectué tous les ans parallèlement à l'organisation scolaire. Ces chiffres sont importants pour évaluer la situation dans les maisons relais.*
*Les socialistes sont satisfaits du travail accompli en ces temps difficiles et approuveront l'organisation des maisons relais.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)**
*répond que les responsables des maisons relais ont établi des lignes directrices concernant la façon dont les éducateurs doivent se comporter afin d'améliorer l'atmo-*

# 5b. Règlements d'ordre interne

*sphère. Ces lignes directrices seront distribuées en octobre.*
*À cause de la pandémie, les groupes habitués à travailler ensemble ont sauté. Il s'est avéré difficile de maintenir une bonne cohésion dans les maisons relais à cause du nombre élevé de personnes présentes. Or ces personnes étaient nécessaires pour former des groupes plus petits et limiter le nombre de contagions.*
*Pour ce qui est des départs, il ne faut pas oublier les motivations personnelles. Certains ont besoin de nouveaux défis. D'autres trouvent un poste plus près de chez eux. La commune n'a que peu d'influence sur ces cas. Mais Christiane Brassel-Rausch a la sensation que la situation est satisfaisante.*
*La formation de petits groupes ne simplifie pas la collaboration. Christiane Brassel-Rausch répète que des lignes directrices seront communiquées aux éducateurs en octobre. Un bilan sera tiré après le premier trimestre.*
*Tout à l'heure, Christiane Brassel-Rausch a oublié de dire que le Mathendahl disposera de 129 chaises provisoires à partir de décembre, car la construction de l'école et de la maison relais a pris du retard.*
*Dans le foyer de jour Kornascht, 39 places ont été réservées pour les enfants de 2 mois à 2 ans et 45 places pour les enfants de 2 à 4 ans.*
*Quatorze enfants de deux à quatre ans fréquenteront la crèche en forêt.*
*(Vote)*
*Christiane Brassel-Rausch passe au ROI des crèches et du Kornascht pour 2021-2022. Le ROI, le règlement d'ordre interne, est censé faciliter le travail sur le terrain en fixant des règles concernant ce qui peut ou ne peut pas être fait dans une structure.*
*Le ROI a été simplifié par rapport aux années précédentes. Il s'adresse au personnel, aux enfants et aux parents. C'est pourquoi il ne sert à rien de remplir des pages que personne ne lit.*

Wéi gi mer mateneen ëm? Wéi schwätze mer mateneen? Wat ass eis professionell Haltung? Wat sinn déi Saachen, déi mer solle maachen? Wat sinn déi Saachen, déi mer net solle maachen? Dat gëtt elo ufanks Oktober ausgedeelt mat engem Bilan, deen nom éischten Trimester soll gezu ginn. Am Fong fir d'Atmosphär tëschent de Leit ze verbesseren.

Et ass esou, dass déi Covidsituatioun och bei eise Leit an de Structures d'accueil net spuerlos laanscht gaangen ass. Dat, doduerch, well déi Gruppen, déi sech gebilt haten, wann een esou wëll soen, déi geweinlech Leit, déi zesumme geschafft hunn, si gesprengt ginn. Déi si gesprengt ginn duerch esou vill Friemer. Den Zesummenhalt an den Haiser war schwéier ze halen, well einfach esou vill Acteuren um Terrain selwer waren, déi mer awer gebraucht hu wéinst deene klenge Gruppen. Wat ass de Virdeel? De Virdeel war, dass mer wéineg Zuelen hate vu Leit, déi krank gi sinn. Dat ass dat eent.

Bei den Departen, muss een awer och soen, Här Hobscheit, datt do och ganz vill privat Motivatioune spillen. Leit, déi einfach nei Defie sichen. Leit, déi eng Plaz ugebuede kréie méi no vun doheem. Do hu mir als Gemeng guer keen Afloss drop. Wann ech eng Aarbecht fannen, déi zwee Kilometer vun doheem ass, huelen ech déi natierlech. Gell. Mir kucken, wat mer kënne maachen. Ech hunn awer d'Gefill, et ass okay.

Et bestinn nach ëmmer Schwieregkeeten an natierlech wäerten déi kleng Gruppen och dëst Joer d'Zesummenaarbecht net méi einfach maachen. Awer mir hunn eis ee Wee ginn. Dat heescht, déi Leitlinnen, déi elo ufanks Oktober ausgedeelt ginn a wou dat ganzt edukatiivt Personal sech soll dorun halen. Nom éischten Trimester gëtt dann ee Bilan gezunn.

D'éinescht hat ech nach vergiess ze soen, dass mer 129 Chaises provisoires bis Dezember fir Mathendahl hunn. Dat hat ech wierklech vergiess ze soen. Vu dass d'Schoul an d'Maison relais nach net ganz esou sinn, wéi se solle sinn, geet dat elo mol bis Dezember. Fir 129 Still.

Ech hat vergiess, eise Foyer Kornascht an eis Bësch-Crèche ze erwänen. Am Foyer Kornascht sinn 39 Plaze fir Kanner vun zwee Méint bis zwee Joer reservéiert. A 45 Plaze fir Kanner vun zwee bis véier Joer.

An an der Bësch-Crèche hu mer 14 Plaze fir Kanner vun zwee bis véier Joer. Hat ech ganz vergiess ze soen. Mat eise ganze Maison-relaisen hat ech d'Crèchë vergiess.

Gären. Mir sinn um Wee a kucken, wéi et weidergeet.

Da géif ech fir de Vott froen.

---

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver l'organisation pour l'année scolaire 2021-2022.*

---

Villmools Merci.

Da komme mer bei de berüümten ROI wéi all Joer fir eis Crèchen, d'Bësch-Crèche an de Kornascht fir d'Rentrée 2021-2022. Vu dass d'Aarbecht um Terrain net ëmmer evident ass an och wierklech net ëmmer einfach ass fir d'Leit, déi um Terrain schaffen, brauche mer en ROI. Wat ass en ROI? En ROI ass e Règlement d'ordre interne. A wéi den Numm et scho seet, reegelt deen d'Reegelen am Haus. Dee seet, wat mer däerfen an engem Haus maachen a wat mer net däerfen an engem Haus maachen.

En ass dëst Joer vereinfacht gi par rapport zu deene Jore virdrun. En ass scho visuell méi accessibel ginn. Einfach, dass d'Leit et verstinn. Mir wäerten och nach fir d'nächst Joer probéieren, un enger Vereinfachung ze schaffen, well dee Règlement d'ordre interne adresséiert sech souwuel un d'Kanner, un d'Personal vun der Struktur an un d'Elteren. Mir hunn erausfonnt, dass et kee Wäert huet, Säiten a Säiten ze fëlle mat Text, wat kee Mënsch liest a kee Mënsch Loscht huet ze liesen. Dofir probéiere mer et méi flott grafesch an et a méi enger einfacher Sprooch ze halen.

Wat fënnt een an engem ROI? Do fënnt een zum Beispill Reegelen an Informatiounen. Wéi maachen ech eng Aschrei-

# 6. Personnel communal

wung? Wéi ginn ech vir, wa mäi Kand krank ass? Wéi maachen ech Annulatiounen a Facturatiounen?

Grad wéi am ROI vun de Maison-relaisen, gouf och hei versicht, eng kloer Struktur dran ze kréien, wou d'Elteren, d'Tuteuren, respektiv d'Tutricë sech esou einfach wéi méiglech erëmfannen an Äntwerten op hir Froe kréien. Wéi gesot, mir schaffen nach drun. Fir d'nächst Joer kënne mer nach vläicht déi eng oder déi aner Saach verbesseren.

Deen eenzege gréisseren Ënnerscheed zum ROI vun de Maison-relaise sinn d'Aschreiwungen. Bei de Crèchë gëtt op der Plaz weider op Pabeier ageschriwwen. Dat gëtt net online proposéiert. Engersäits, well d'Kanner, déi an der Bësch-Schoul ageschriwwe sinn, gefrot ginn, ob se wëlle weider an d'Maison relais, an d'Bësch-Crèche oder ob se an eng aner wëlle goen, well e gemeinsame Projet besteet tëschent Schoul a Maison relais. Dat muss am Gespréich ausgemaach ginn. Well hei den direkte Kontakt tëschent de Responsabelen an den Elteren eng immens wichteg Roll spillt souwuel fir d'Aschreiwung wéi och fir d'Erklärungen, wéi de Site funktionéiert. Do ass och ëmmer virun enger Aschreiwung eng Visitt mat den Eltere vun de Crèchë virgesinn.

Iwwert déi dräi Règlements d'ordre interne, de la maison relais, de la crèche en forêt au campus Kannerbongert ainsi que du Foyer du Jour Kornascht, bieden ech Iech haut ofzestëmmen.

Wann et keng Wuertmeldung dozou gëtt, komme mer zum Vott.

---

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les règlements d'ordre interne de la maison relais et de la crèche en forêt au campus Kannerbongert ainsi que du foyer de jour Kornascht.*

---

Villmools Merci. Am Punkt 6 geet et ëm d'Schafe vun engem Posten als Preposé fir den In- an den Outdoor vum Service des Sports. Do wëlle mer ee Poste schafen, deen déi sämtlech Regie-Betriber vum Sportservice koordinéiert. Dat ass de Punkt 6.

Jo, Här Muller.

---

**ERNY MULLER (LSAP):**

Mir hätten eng Fro als LSAP. Mir schafen elo ee Posten als Employé. Ass dat doduerch, dass mer do schonn ee Profil erkennen? Well mir hu keng Description de poste virleien. Dir hutt elo just gesot, firwat dass et ass. Mee ass dat, well mer eis erwaarden, dass mer als Employé ee bessere Kandidat oder eng besser Kandidatin fir dëse Poste fannen oder wéi ass dat ze erklären?

Allgemeng stelle mer fest, dass mer ganz oft, oder méi oft an déi Richtung gi vun engem Employé communal an net Fonctionnaire. Dofir d'Fro: Wéi ass et an dësem spezielle Fall hei? Firwat en Employé communal?

---

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Muller. Ech denken, den Här Krecké ass do déi richteg Persoun, fir Iech d'Detailer ze ginn.

---

**GEMENGESEKRETÄR HENRI KRECKÉ:**

Reng zu där Postebeschreiwung: Et ass e wéineg d'Analogie, wéi mer am CID och scho méi laang Techniker hunn, déi an engem Employés- oder souguer am Fonctionnairesverhältnis waren. Hei wëlle mer et d'nämmlecht maachen. Et ass och scho ganz kloer eng Iddi hannendrun.

Zu de verschiddenen aneren Elementer, déi dozou gehéieren, géif ech et perséinlech léiwer, well Nimm dobäi sinn, an d'Non publique verweisen. Wann Dat fir Iech an der Rei ass. Da kënne mer herno nach op d'Detailer, déi Der och sollt wëssen, zréckkommen. Mee et ass scho profilbezunn. Et ass eng Analogie zum CID, wou et jo d'nämmlecht ass.

---

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Här Hobscheit.

*Le ROI contient entre autres des informations sur les inscriptions, les annulations, la procédure à suivre en cas de maladie… Le document est bien structuré pour permettre aux parents et aux tuteurs de trouver facilement les réponses à leurs questions. L'année prochaine, le ROI continuera d'être amélioré.*
*Contrairement aux maisons relais, les inscriptions dans les crèches se font sur place et non en ligne, car le dialogue entre les responsables des sites et les parents est extrêmement important.*
*Les parents visitent notamment la crèche avant l'inscription.*
*Christiane Brassel-Rausch demande au conseil communal d'approuver les trois règlements internes des maisons relais, des crèches et de la crèche en forêt.*
*(Vote)*
*Christiane Brassel-Rausch passe au point 6, la création d'un poste de préposé pour le service des sports afin de coordonner les services de régie.*

---

**ERNY MULLER (LSAP)** *constate qu'il s'agit d'un poste d'employé, mais que la description manque. Le collège échevinal s'attend-il à trouver un meilleur candidat en recherchant un employé ? Les socialistes ont remarqué que la commune recherche plus souvent des employés communaux que des fonctionnaires.*

---

**HENRI KRECKÉ (SECRÉTAIRE COMMUNAL)** *rappelle que le CID emploie aussi depuis longtemps des techniciens en tant qu'employés ou fonctionnaires.*
*Pour le reste, Henri Krecké propose de revenir sur ce point dans la séance non publique, car il est impossible de ne pas citer de noms.*

# 7. Office social / 8a. Gravity Tower

**PIERRE HOBSCHEIT (LSAP)** *trouve que les dossiers des conseillers communaux devraient contenir plus d'informations quant aux créations de postes. L'État doit rédiger des argumentaires extrêmement complets — y compris pour remplacer des personnes partant à la retraite. Or à Differdange, il est difficile pour le conseil communal de débattre de la création d'un poste sans description. Avoir des informations au préalable permettrait aux conseillers communaux de se préparer.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *propose de débattre du point 6 dans son intégralité dans la séance non publique.*

**HENRI KRECKÉ (SECRÉTAIRE COMMUNAL)** *est du même avis.*
*Le dossier étant délicat, cela permettra aux conseillers communaux de voter en connaissance de cause. Il est question de personnes précises.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *passe à la création d'un poste d'employé pour le secrétariat de l'office social.*

**ROBERT MANGEN (CSV)** *explique que la personne en question travaille déjà au secrétariat. Elle vient de passer son bac. Lorsqu'elle a été recrutée, elle n'avait pas de diplômes. À l'époque, elle devait remplacer un employé gravement malade. Comme cette personne a fait son travail correctement et qu'elle a su aider l'office social, Robert Mangen se dit content de pouvoir valoriser sa carrière. Elle ne possédait pas de diplômes, mais elle a pu prouver ses qualités au bureau.*
*(Vote)*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *passe au point 8, 50 appartements dans le bâtiment Cloliving de Gravity. La Ville de Differdange les achète. Ils se trouvent aux deuxième et sixième étages.*
*Ces appartements vont être loués à la Miami University. Au bout de 25 ans, ils redeviendront la propriété de la commune. Il s'agit d'une situation gagnant-gagnant*

**PIERRE HOBSCHEIT (LSAP):**

Et wär awer duerchaus interessant, wann ee bei esou Créations de poste vläicht an Zukunft méi Detailer am Dossier hätt, ëm wat et geet. Well wann ech beim Staat een neie Poste schafe wëll, muss ech mëttlerweil déi onméiglechst Argumentairë liwwere fir dee Posten. Souguer wann ech eng Persoun wëll ersetzen, déi an d'Pensioun geet, muss ech argumentéieren, ob ech de Service net kann ëmorganiséieren a keen neie Poste muss schafen, fir dass ech herno kann dee Poste besetzen. Duerfir, wa mir hei als Gemengerot sollen eng Création de poste stëmmen, wier et vläicht flott, wann am Dossier eng Description de poste dobäi wier, ëm wat et genau geet. Quitte dass mer elo Explikatioune kritt hunn. Mee dass ee schonn am Virfeld, wann een d'Sitzung preparéiert, sech een Androck maache kann, ëm wat et geet. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Hobscheit. Mäi Virschlag ass, datt mer de Punkt 6 och ganz an d'Non-publique huele kënnen.

**GEMENGESEKRETÄR HENRI KRECKÉ:**

Jo, da kënnt Der herno en connaissance de cause ofstëmmen. Well et ass schonn e wéineg méi een delikaten Dossier. Wann Der wëllt. Quitte dass et eng Persoun ass, mee well et persounebezunn ass. Dann huele mer et an d'Non-publique an da kënne mer och e wéineg méi aushuelen.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Dat heescht de Punkt 6 gëtt dann an d'Non-publique verwisen.

Da komme mer zum Punkt 7. Do geet et och ëm eng Création de poste vun engem Employé fir d'Sekretariat fir den Office social. Dir hutt en Avis do leien. Vläicht kann den Här Mangen eis méi Detailer dozou soen.

**SCHÄFFE ROBERT MANGEN (CSV):**

Hei ass et e bësse méi einfach. Dat ass schonn eng Persoun, déi op engem Posten ass am Sekretariat. Ech soen dann den Numm och net elo an der ëffentlecher Sëtzung. Déi huet hire Premièresexamen nogeholl. Ech ka mech nach gutt erënneren, datt mer se agestallt haten – do war ech nach President am Office social –, wou se keng Diplomer hat. Si hat deemools eng Persoun ersat, déi schwéier krank war. Déi dann duerno och nëmmen hallef Deeg, vun där Zäit un, geschafft huet. Dës Persoun hat an enger ganzer Tâche d'Sekretariat ënnerstëtzt mat ganz gudder Zefriddenheet. Mir ware wierklech ganz frou, datt déi ons ausgeholleff huet. Et freet mech, datt se elo den Exame gepackt huet. Hir Karriär gëtt e bësse valoriséiert, wa mer se als Employée communal géifen astellen.

Ee gudde Verlaf vun enger Persoun, déi am Ufank a sech keen Diplom hat. Déi awer eng Chance hat, fir sech op enger Aarbechtsplaz ze beweisen. Si huet dat och gemaach. Ech begréissen dat. Ech hoffen, datt an Zukunft vill Leit an onsen Administratiounen och an Zukunft esou ee Verlaf kënne virweisen. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Mangen. Da komme mer zum Vott.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'aviser favorablement la création d'un poste d'employé communal pour les besoins du secrétariat.*

Villmools Merci. Da komme mer zum Punkt 8, dem Modell fir eis 50 Studentewunnengen am sougenannte Coliving am Gravity-Tower. Et geet ëm de 6. an den 2. Stack. Mir kafen déi als Gemeng jo. Déi gi fir 25 Joer un d'Miami Universitéit verlount. Dir wësst, et ass ee Bail emphytéotique, duerno fale se erëm un eis zréck. Et sinn eis Wunnengen. Et ass ee Win-win-Deal souwuel fir d'Miami wéi fir d'Gemeng.

# 8a. Gravity Tower

Ech bieden Iech dësen Akt matzestëmmen. Et stinn nach vill Froen op. Alleguer déi Konventiounen an déi Kontrakter kommen natierlech och hei an de Gemengerot. Wéi déi Wunnenge verlount ginn, zu wéi engem Präis se verlount ginn…

Här Meisch.

**FRANÇOIS MEISCH (DP):**

Dir Dammen an Hären aus dem Gemengerot, säit 2019 hate mer schonn e puermol verschidden Akten Betreff de Projet Gravity hei am Gemengerot gestëmmt. Nieft de sëllegen Appartementer, wou mer schonn den Accord ginn hunn, geet et hei ëm 50 kleng Wunnunitéite vu jeeweils plus minus 20 m² zu engem Präis vun insgesamt bal néng Milliounen Euro. D'Miami University, Dir hutt et elo just gesot, lount déi. Duerno fale se erëm un d'Gemeng zréck.

De Bau avancéiert gutt. Dat ass ze begréissen, well d'Nuisancë fir all ugrenzend Acteuren a fir dee ganzen Zentrum net déi mannst sinn. Et gëllt deemno weider op d'Zänn ze bäissen.

Jorelaang hate mer gefuerdert, dass d'Gemeng méi aktiv misst ginn, wat bezuelbare Wunnraum ugeet. Hei ass ee wichtege Pilier an deem Kontext. Mir hoffen, dass déi ganz Entrée en ville ee Ganzt gëtt. Den Akafszentrum, den Tuerm Aurea – déi zwee besti jo schonn –, d'Schoulkomplexer, dee grousse Projet Gravity…

Op där anerer Säit brauche mer Léisungen, wat den historesche Stadkär ugeet. Hu mer och schonn heiansdo uklénge gelooss. Do si mer och ganz gäre bereet, fir matzeschwätzen.

Dat heite kënne mir gäre matstëmmen. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Villmools Merci, Här Meisch. Här Liesch.

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):**

Merci. Mir als Gréng begréissen dat heiten och. Et ass e wichtege Puzzelstéck an där ganzer Entrée en ville. Wann een dat alles zesumme kuckt, wat scho realiséiert ass, wat schonn a Betrib ass: déi ganz Amenagementer, déi am Park gemaach sinn, déi ganz Cité, déi do gebaut ass, dann deen éischten Tuerm, dee jo mëttlerweil quasi fäerdeg ass a geschwë ka bezu ginn, dee ganzen Opkorn, dee mer baue gelooss hunn an elo kënnt de Gravity nach dobäi.

Mir hu viru méi wéi zéng Joer schonn e puermol am Gemengerot gesot, datt am Kader vum Projet Entrée en ville op där Plaz all Stee mindestens zweemol ëmgedréit gëtt, well sech ganz vill ännere wäert. Awer mir gesinn dat als positiv Verännerung vum Stadbild vun Déifferdeng. Mir begréissen absolutt, dass mer op de Wee gi vu Coliving zesumme mat der Miami. Mir kréie soumat e flotte Mix u Populatioun a mir erlaben der Miami University e feste Pilier zu Déifferdeng ze behalen, wat mer jo traditionell, jiddefalls hei zu Déifferdeng, scho laang Joren hunn a wat ganz gutt fonctionéiert.

Mir kënnen dat heiten och just begréissen a wäerten dat natierlech stëmmen.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Liesch. Här Ulveling.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Madamm Buergermeeschter, Dir Dammen, Dir Hären, et ass ee gudden Deal, dee mer hei maachen. Wéi den Här Liesch scho gesot huet, mir assuréieren domat der Miami, dass se weiderhin als Standuert un Déifferdeng festhale wäert. De Kontrakt, deen ofleeft, mat der Locatioun vum Schlass, soll am Januar erneiert ginn.

Et ass eng Operatioun, déi eis ënnert dem Stréch näischt wäert kaschten, well en Deel vum Subsid gedeckt gëtt an de Rescht vun der Miami direkt bei der Remise des clés bezuelt gëtt. Soudass mer am Fong eng Nulloperatioun maachen, wat d'Gemengekeess net weider wäert belaaschten. An trotz-

*pour la commune et pour la Miami University.*
*Christiane Brassel-Rausch demande au conseil communal d'approuver l'acte. Le reste des contrats et des conventions seront bien entendu aussi débattus quand ils seront disponibles.*

**FRANÇOIS MEISCH (DP)** *rappelle que depuis 2019, le conseil communal a déjà approuvé plusieurs actes relatifs à Gravity. Cette fois-ci, il est question de cinquante appartements de vingt mètres carrés pour un prix de près de neuf-millions d'euros. La Miami University va les louer.*
*La construction avance, mais les nuisances sont conséquentes sur les acteurs autour. Ils doivent prendre leur mal en patience.*
*La commune se montre enfin plus active dans le domaine du logement abordable, une revendication de longue date du parti démocrate. François Meisch espère que les structures de l'entrée en ville vont former une entité.*

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)** *souligne à son tour l'importance de cette pièce du puzzle. Il mentionne le parc, la cité, la première tour, Opkorn, Gravity…*
*Il y a plus de dix ans, le conseil communal avait dit que l'entrée en ville allait être complètement modifiée. Mais il s'agit d'un changement positif. Georges Liesch salue le partenariat avec la Miami University concernant Coliving. Ce projet apportera la mixité sociale nécessaire et permettra à l'université de conserver un pilier à Differdange, où elle se trouve depuis de nombreuses années.*
*Les écologistes approuveront ce projet.*

**TOM ULVELING (CSV)** *trouve que la commune fait une bonne affaire. Elle s'assure que la Miami University restera à Differdange. Le contrat pour la location du château sera renouvelé en janvier.*
*Par ailleurs, cette opération ne coute rien à la Ville, car une partie est financée à travers un subside et l'autre par la Miami University. Au bout de 25 ans, la commune dispo-*

# 8b. Résidence Krieps

*sera de 50 appartements représentant un revenu régulier.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *ajoute que Differdange se trouve dans une phase de transition. De ville industrielle, elle devient une ville des services même si Arcelor en reste une partie importante, dont il faut tenir compte. Mais dans le cadre de la transition, ce projet constitue la bonne décision. Christiane Brassel-Rausch rappelle que la commune souhaiterait obtenir un deuxième lycée. La ville pourrait devenir une ville de la formation.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *s'associe à ce qui vient d'être dit au nom des socialistes. La Ville de Differdange prouve qu'elle est proche de la Miami University et qu'elle est à l'écoute des besoins des universités et de leurs étudiants. La commune est prête à prendre ses responsabilités. Le LSAP approuvera le projet. (Vote)*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *passe au point 8 b, un cadastre vertical. La Ville de Differdange est copropriétaire de la résidence en question. Un des copropriétaires souhaite transformer un lot en deux appartements pour les vendre. Le cadastre vertical permet de définir combien de millièmes chaque copropriétaire possède.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *demande qui de la communauté ou du copropriétaire financera l'acte. Il est d'avis que ce devrait être la personne qui vend son bien puisque c'est elle qui fera un bénéfice. Autrement, la commune va payer pour quelque chose dont elle n'a pas besoin.*
*(Interruption)*

deem hu mer, wéi d'Madamm Buergermeeschter scho gesot huet, no 25 Joer een Objet, deen all Joer eng substanziell Zomm an eis Gemengekeess wäert afléisse loossen, doduerch dass mer dann déi 50 Appartementer hunn, déi mer verlounen. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Villmools Merci., Här Ulveling. An et ass jo och, wat ech ëmmer erëm soen: Déifferdeng ass elo definitiv matten an enger Transitiounsphas, wou mer vun der Industriestad vläicht zu enger Service-Stad iwwerginn. Obwuel d'Arcelor jo wierklech en Deel vun Déifferdeng ass.Dat musse mer jo och berécksiichtegen. Si gehéiert zu Déifferdeng.

Awer d'Stad entwéckelt sech weider. Am Kontext vun enger Transitioun, vun enger zukünfteger Visioun, wat Déifferdeng soll sinn, ass dat hei dee richtege Wee, dee mer kënne goen. Virun allem, wat d'Bildung ubelaangt. Well mer jo och nach vläicht um Schierm hunn, nach een anere Lycée op Déifferdeng ze kréien, dass Déifferdeng sech, sou no niewent Belval, och als Bildungsstanduert erauskristalliséiert. Et wär schéi fir d'Stad a fir jiddwereen.

An deem Sënn bieden ech ëm Äre Vott. Den Här Altmeisch hieft d'Hand.

**GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Madamm Buergermeeschter. Mir als LSAP Déifferdeng schléissen eis de positive Wierder vun de Virriedner un. Et ass fir eis e Bewäis, dass mer als Gemeng no bei eiser Miami University stinn an dass mer an deenen nächste Jore duerch Projete wéi dat do, ëmmer méi no bei d'Universitéit réckelen a beweisen, dass mer fir hir Besoinen, déi si hunn, respektiv fir déi Schüler, déi se hunn oder hei an d'Land kommen, als Gemeng eis Responsabilitéit an Zukunft iwwerhuele wäerten. Mir stëmmen dee Projet gäre mat. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Altmeisch. Da komme mer zum Vott.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver l'acte notarié de vente en état de futur achèvement des étages nº 2 et 6 (50 unités de logement) d'un immeuble en copropriété Coliving au complexe Gravity Tower à Differdange.*

Villmools Merci. Am Punkt 8b) geet et ëm e Cadastre vertical. Mir sinn an deem Haus Kopropriétär. Et geet ëm eng Ännerung vu Millièmen.

Een Här hätt gär zwee Appartementer an engem Lous. Hien deelt dat ee Lous gär an zwee Lousen, fir zwee Appartementer draus ze maachen an ze verkafen. Dofir musse mir de Cadastre vertical hunn, dee jo da genau bestëmmt, wivill Millième jiddwereen huet. Mir als Kopropriétär sinn dann do mat betraff.

Okay? Da komme mer zum Vott.

**GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Pardon, ech war elo vläicht e bësse spéit un. Ech hätt awer eng Fro, Madamm Buergermeeschter.

Ginn d'Käschte vun deem Akt vun der Communautéit gedroen oder ginn déi vun deemjéinege gedroen, deen dat do brauch? Et wier vläicht gutt, wann dat géif gedroe gi vun deemjéinegen, deen eppes verkeeft an de Besoin huet, fir de Cadastre vertical ze änneren. Dass déi Fraisen och géife gedroe gi vun där Persoun, déi de Benefice vun deem Changement do huet. Net dass déi vun der Communautéit musse gedroe ginn. Soss bezuele mir als Gemeng Saache mat, déi mir net brauchen. Ech soen Iech Merci.

(Ënnerbriechung)

# 8c. Avenue du Parc des Sports

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Mir kucken dat, Här Altmeisch, a wäerten Iech dann doriwwer informéieren.

Da komme mer zum Vott.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver l'acte notarié de dépôt du cadastre vertical pour la résidence Krieps située sur la place du Marché à Differdange.*

Villmools Merci. Am nächste Punkt, 8c), geet et ëm eng Parzell an der Avenue Parc des Sports. Méi genee ëm deen al bekannte Maxim's. Et geet am Fong ëm zwee Gebaier. De Cahier de charges hutt Der op der Cloud fonnt. Am Kontrakt steet, dass souwuel den Deel résidentiel wéi och den Deel Hotel solle bis 2024 fäerdeg gebaut sinn.

D'Gemeng huet deen Terrain zur Verfügung gestallt. An am Tosch géife mir dofir dräi Appartementer kréien, déi mer der AIS Kordall géifen zur Verfügung stellen. D'Kelleren hunn am Schnëtt 7 m2. An deem enge Gebai sollen 20 Logementer entstoen. Dat anert soll en Hotel respektiv Appart-Hotel ginn.

Dat eent Appartement huet eng Terrass an huet am Ganze 54,45 m2. Dat anert Appartement, och mat Terrass, huet 75,31 m2. An dat drëtt Appartement mat Terrass 76,65 m2. Wéi gesot mat engem Keller am Duerchschnëtt vu 7 m2.

An der Hoffnung, dass, no laangem Waarden, dann elo eppes doraus gëtt. Et ass och een Dossier, dee scho méi laang ass wéi ech hei sinn. A fir dass mer do kënne starten an Zukunft, bieden ech ëm Äre Vott.

Här Weirich.

**ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK):**

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Ech géif just gär e puer Wuert dozou soen. Ech fannen dee Projet net ganz koherent mat eiser Logementspolitik, déi mer an der leschter Zäit féieren. Zemools mer virdru rieds hate vum Gravity an en Ëmdenke méi a Richtung Emphyteos.

Hei verkafe mer e relativ grousse Bauterrain a beschter zentraler Lag, fir dorobber esou een Appart-Hotel ze bauen an och eng Residence mat bal 20 Appartementer. Residence mat 20 Appartementer, schéin a gutt. Den Appart-Hotel ass een alen Dossier. Ech weess net ob do eng Etüd besteet, déi beseet, dass mer en Appart-Hotel am Zentrum vun Uewerkuer brauchen. Ech fannen et e bësse schued, dass mer dee groussen Terrain fir esou ee Projet hierginn an dass och guer net an d'Richtung iwwerluecht gëtt fir eng Emphyteos ze maachen, wéi mer eeben am Punkt virdru rieds haten. Beim Coliving hu mer vun Emphyteos geschwat. Déi 50 Appartementer falen duerno un d'Gemeng zeréck.

Wat mech och iwwerrascht huet, wou ech vläicht d'Detailer net all kennen, ass de Präis. Ech fannen dee relativ niddreg par rapport zum Marchéspräis, woufir mer déi zwou Parzellen hierginn. Do si mer bal bei der Hallschent vum Marchéspräis. Ech hat dat an eise Servicer nogefrot. Déi konnte mer och net méi Informatiounen zum Präis ginn.

En revanche kréie mir dräi Wunnengen fir de Verkafspräis, déi mer dann un d'AIS K ginn. Dat ass natierlech gutt. Mir haten awer virun e puer Méint, een änlechen Dossier, wou mer och zu Uewerkuer een Terrain hierginn hunn. Do krute mer och quasi dräi Wunnengen. Déi heiten zwou Parzelle sinn awer vill méi grouss wéi dat, wat mer virun e puer Méint zu Uewerkuer hierginn hunn. Et ass och een Terrain, dee scho komplett viabiliséiert ass. De Promoteur huet keng Méikäschten. Hie kann direkt lassleeë mat bauen. Hie muss keng Leitunge leeën, keng Kanalisatioun…

Dir hutt och geschwat vu Gebaier, déi dropstinn. Déi hätt een och kënne benotzen en attendant. Ouni dass ech elo wierklech dee ganzen Historique vum Dossier kennen. Et gëtt vläicht och Grënn, firwat déi net genotzt goufen. Mee ech wollt just soen, dass ech als déi Lénk dat heiten net matdroe kann. Dat

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *va s'informer.*

*(Vote)*

*Christiane Brassel-Rausch passe à une parcelle dans l'avenue du Parc-des-Sports, l'ancien Maxim's. Le projet comprend deux bâtiments. Aussi bien la résidence que l'hôtel devraient être achevés en 2024.*

*La Ville de Differdange a mis le terrain à disposition. En contrepartie, elle recevra trois appartements qu'elle remettra à l'AIS Kordall. Les caves font sept mètres carrés en moyenne. Un des bâtiments accueillera vingt logements et l'autre un appart-hôtel.*

*Le premier appartement fait 54,45 m², le deuxième 75,31 m² et le troisième 76,65 m². Les trois appartements ont une terrasse.*

*Christiane Brassel-Rausch rappelle que ce dossier n'est pas nouveau. Elle espère que les choses vont avancer. Elle demande aux conseillers communaux d'approuver le projet.*

**ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK)** *trouve ce projet incohérent avec la politique du logement de la commune. Il mentionne notamment Gravity. La commune vend un terrain pour y faire construire un appart-hôtel et une résidence de vingt appartements. Mais Differdange a-t-elle besoin d'un appart-hôtel à Oberkorn ? Il est dommage que le collège échevinal n'ait pas opté pour une emphytéose comme cela est le cas pour Coliving, où les cinquante appartements restent la propriété de la commune.*

*Par ailleurs, le prix est relativement faible par rapport au marché. Eric Weirich parle de la moitié. Il s'est renseigné auprès des services communaux, qui n'avaient pas d'informations supplémentaires.*

*Que le collège échevinal mette les trois appartements que la commune recevra à disposition de l'AIS Kordall est une bonne chose. Eric Weirich mentionne un projet similaire à Oberkorn. Cependant, ce terrain-ci est nettement plus grand et il est viabilisé. En d'autres termes, il n'y aura aucun surcout pour le promoteur.*

*Pour ce qui est des bâtiments actuels, ils auraient pu être utilisés jusqu'à maintenant.*

# 8c. Avenue du Parc des Sports

*Pour toutes ces raisons, déi Lénk n'approuvera pas ce projet.*

**TOM ULVELING (CSV)** *confirme que ce projet a dix ans. À l'époque, il était question de construire un hôtel, ce qui explique que le prix du terrain était plutôt bas. Mais au fil des ans, l'hôtel est devenu de plus en plus petit et les appartements ont pris de plus en plus de place. C'est pour cela que le collège échevinal a revu le prix du terrain à la hausse.*
*Pour Tom Ulveling, l'hôtel est une bonne solution dans un quartier avec des infrastructures comme LUNEX et le LIHPS. Mais à l'époque, les prix étaient différents. Le collège échevinal a décidé qu'à l'avenir, les compromis devront fixer une date limite pour le début des travaux. Dans ce cas-ci, le type de bâtisses changeait sans cesse. Tom Ulveling craignait qu'ils finissent par construire ce qui rapporterait le plus. C'est pourquoi le collège échevinal a insisté pour fixer une date de fin des travaux pour les deux objets.*

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)** *donnerait raison à monsieur Weirich si le compromis était signé aujourd'hui. Car avec la politique du logement actuelle, un tel dossier serait ficelé autrement. Mais ce projet à une histoire dont il est difficile de sortir.*
*Georges Liesch salue le fait que l'acte contienne une date limite pour la construction. Et comme l'a dit monsieur Ulveling, les deux structures seront construites en même temps.*
*Pour ce qui est du prix, on peut dire qu'il est faible. Mais la commune recevra trois appartements qu'elle mettra à disposition de l'AIS Kordall au lieu de les vendre sur le marché. Elle fera donc moins de bénéfices, mais elle créera de la valeur. C'est pourquoi les finances communales s'y retrouvent. Toutefois, monsieur Weirich a raison de dire que de nos jours, la commune procèderait différemment. Mais dix ans ont passé. Il est temps que le projet soit réalisé.*

ass net koherent zu der Logementspolitik, déi mer an de leschte Méint gefuer sinn. An och an Zukunft fuere wëllen. Merci fir d'Nolauschteren.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Weirich.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Et ass en Dossier, deen ee riselaange Baart huet, deen zéng Joer al ass. De Compromis ass och schonn esou al. Deemools ware mer erpicht drop, fir en Hotel dohin ze kréien. Dofir war an enger éischter Phas de Verkafspräis relativ gënschteg, wéi Dir dat sot. Am Laf vun de Joren ass d'Hotel ëmmer méi kleng an d'Appartementer ëmmer méi grouss ginn. Do hu mer iergendwann eng Kéier gesot: Fir dee Präis kënne mir dat awer elo net ginn, wéi initialement am Compromis stoung, well Dir hutt jo de But vun der Saach changéiert hutt. Et war jo virgesinn, een Hotel dohin ze kréien".

Ech mengen, dass en Hotel vläicht net esou schlecht wär, wann ee bedenkt, dass mer awer gréisser Infrastrukturen hunn. D'LU:NEX, den Aquasud an de LIHPS sinn do. Ech mengen, en Hotel ass vläicht net ganz falsch. Mee effektiv, d'Hotel ass geschrumpft an dat anert ass méi grouss ginn. Deemools waren d'Präisser natierlech anescht wéi haut. Leider ass dat esou. Mee mir hunn awer draus geléiert.

Am Schäfferot hu mer gesot, dass mer an Zukunft, wa mer esou Compromisen ënnerschreiwen, eng Date limite muss dra sinn, wou een eng Kéier muss ufänken. Well hei hu mer, ech weess net wivill mol – do war deen ale Schäfferot nach dobäi –, diskutéiert an ëmmer erëm wollte se eppes anescht bauen. Ech perséinlech hat e bëssen d'Angscht, dass dat, wat vill Suen erabréngt, géif fir d'éischt gebaut ginn. Dofir hu mer awer drop gehalen, dass drasteet, dass déi zwee Objeten, d'Hotel wéi d'Wunngebai, zu enger gewësser Zäit musse fäerdeg sinn. Well soss wär dat doten eng Never-ending-Story ginn.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Ulveling. Här Liesch.

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):**

Ech ka mech nëmmen de Wierder vum Här Ulveling uschléissen. Deen Dossier huet effektiv schonn ee laange Baart an huet och schonn ee Compromis. Wann een dat haut géif oprullen, géif ech dem Här Weirich absolutt Recht ginn. An der Logik, wéi mer haut sinn, géife mer esou en Dossier wéi deen heite warscheinlech ganz aneschters ugoen. En huet en Historique, wou een natierlech och net méi ganz erauskënnt.

Ech kann awer nëmme begréissen, dass elo den Akt esou modifizéiert gëtt, dass mol éischtens en Datum drastoe kënnt, dee verbindlech ass. An dat, wat den Här Ulveling och gesot huet, dass déi zwou Saache matenee gebaut ginn. An net nëmmen d'Filetsstéck an de Rescht gëtt da vläicht iergendwann eng Kéier gebaut. Et ass schonn extreem wichteg, dass mer dat op dëser Plaz hei kréien.

Zu der Valeur kann een natierlech soen, datt de Präis vläicht gënschteg ass. Anerersäits kréie mer dräi Appartementer. Wann eng Gemeng elo géif soen, mir ginn déi net un eng AIS Kordall a mir verkafen déi um fräie Marché, maache mer jo och dee selwechte Benefice a mir bedeelegen eis dann och un der Präisdeierrechtspiral wéi all aner. Wat mer natierlech net maachen. Mee fir d'Gemeng hu mer awer eng substanziell Valeur, déi méi héich ass wéi dat, wat mer elo hei hunn. Vun dohier gesinn ech elo finanziell net onbedéngt en Desavantage bei där ganzer Geschicht.

Mee ech ginn dem Här Weirich awer Recht. Haut géife mer deen Dossier aneschters maachen. Mee well et awer schonn esou laang schleeft, sinn ech awer frou, dass eng Date limite dran ass an dass elo mol endlech eppes geschitt. Well dat steet elo schonn zéng Joer laang eidel an där doter Form. Dat ass wierklech net ganz schéin.

# 8c. Avenue du Parc des Sports

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Liesch. Här Meisch. An dann den Här Muller.

**FRANÇOIS MEISCH (DP):**

Merci. Dir Dammen an Hären aus dem Gemengerot, hei geet ëm ee jorelaange Schandfleck am Zentrum vun Uewerkuer. Éischt Skizze vun deem Projet hunn ech scho viru ganz laange Jore gesinn. D'Iddi vun engem Hotel am Parc des Sports war initial mat dran.

Hätt ee viru laanger Zäit gewosst, dass dee Projet sech géif massiv verzögeren, respektiv Steng an de Wee geluecht kréien, hätt déi fréier Brasserie Maxim's mat ugrenzender aussergewéinlecher Terrass nach kënne Jore weider exploitéiert ginn. Wat fir d'Stad Déifferdeng a virun allem fir de Quartier Uewerkuer e Méiwäert bedeit hätt. Well aktuell si mer mam HoReCa-Secteur net onbedéngt verwinnt.

Zukünfteg Date-limitten an ee Compromis setzen, begréisse mer natierlech. Wat de Präis ubelaangt, ass deen effektiv ganz niddreg. Elo bleift ze hoffen, dass et schnell ka lassgoen an dass probéiert gëtt, d'Nuisancen duerch de Chantier op ee Minimum ze reduzéieren. Chantiere gouf a gëtt et an deem Quartier jo méi wéi genuch. Léiwer haut wéi muer stëmme mir deen Tosch Terrain géint dräi Appartementer mat. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Meisch. Här Muller.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Merci, fir d'Wuert. Ech wëll eppes Klenges zu der Virgeschicht soen. Well ech jo och véier Joer an deem Projet involvéiert war. Et muss een emol direkt gesinn, dass deen doten Terrain och gedéngt huet als Echange vun engem aneren Terrain vun deem selwechte Promoteur. Deen Terrain huet hien zu deene selwechte Konditiounen ofginn. Soudass een elo net kann direkt soen, ob hie Benefice gemaach huet, well hien och méi ee bëllegen Terrain zur Verfügung gestallt huet. Dat ass emol der fairnesshallwer einfach esou an de Raum gesat.

Entretemps si schonn erëm bal véier Joer vergaangen. D'Approche huet e bësse geännert um Niveau vun der Gemeng. Mee ech wëll nach de Kontext soen, firwat dat esou laang geschleeft huet. An der Zäit – an ech hu mech wierklech staark engagéiert, fir dass mer do virukommen –, hunn ekologesch Aspekter matgespillt, notamment wéint där Trauerweid. Den Här Schwachtgen ass elo just net do. Hie kéint eis dozou nach eppes zielen. Dee Projet huet geschleeft a geschleeft, well mer ni zu enger richteger Konklusioun komm sinn. Déi Trauerweid sollt ee Moment einfach ewechgeseet ginn. Fir déi Decisiounsfindung hu missten Argumenter fonnt ginn. Well et goufe contradictoire Avisen. Déi eng hu gesot, datt déi Trauerweid eng Gefor ass. Anerer hu gesot Nee, dat Ganzt ka bestoe bleiwen ënner gewësse Konditiounen. Dat war ee Prozess. Deen huet eng ganz Zäit gedauert. Dat ass hin- an hiergaangen. Dat erklärt e bëssen, firwat mer eng Partie Jore verluer hunn.

Ech hu mech ëmmer derfir agesat, dass d'Hotel soll bleiwen. Ech hunn dat eng gutt Saach fonnt. Ech fannen dat haut nach eng gutt Saach. Ech fannen et och schued, dass elo erëm eng Partie Hoteller zougemaach hunn. Ech wollt dat herno bei der Kultur soen. Dat ass kee gutt Zeechen. Mir als Stad wëllen eis an all Richtung entwéckelen. Zum Beispill als Bildungsstad. Do kommen och Gäscht heihinner. Do ginn och op deem Niveau Seminären oder Kongresser gehalen, wou et wichteg ass, dass d'Leit och Iwwernuechtungsméiglechkeeten kënnen hunn. Da wëlle mer den Tourismus weiderentwéckelen a mir wëllen och de Science Center weiderentwéckelen. Alles dat ass awer wichteg.

Duerfir wéi gesot bedaueren ech, dass déi Hoteller, wou mer wierklech frou waren, dass mer déi haten, elo erëm allen zwee zou sinn. Do musse mer eis och drëm këmmeren, dass déi erëm opmaachen. Duerfir stinn ech voll hannert där Iddi, dass hei muss a soll en Hotel bleiwen. Dat ass wichteg. Et gehéiert zu der Entwécklung vun eiser Stad. Dat zu mengem Punkt.

**FRANÇOIS MEISCH (DP)** *signale que le site en question tombe en ruines. Les premiers plans, comprenant un hôtel, ont été présentés il y a des années. Si à l'époque, on avait su que ce projet prendrait du retard, l'ancienne brasserie Maxim's aurait pu être exploitée pendant ce temps. Cela aurait représenté une plus-value pour Oberkorn et Differdange. François Meisch salue l'insertion de dates limites dans les futurs contrats. Il convient que le prix est faible, mais il espère que les travaux commenceront rapidement et que les nuisances dues au chantier seront réduites. Les démocrates approuveront cet échange de terrain contre trois appartements.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *souhaite revenir sur l'historique, car il s'est occupé de ce projet pendant quatre ans. Ce terrain a aussi été échangé contre un autre terrain du promoteur, qu'il a cédé aux mêmes conditions. Par conséquent, il est difficile de savoir si le promoteur a réellement fait un bénéfice.*
*Entretemps, quatre années sont passées. L'approche a changé. Mais à l'époque, Erny Muller voulait faire avancer les choses. Cependant, des aspects écologiques comme la préservation d'un saule pleureur ont joué. Monsieur Schwachtgen pourrait en parler. Le projet a trainé en longueur. Il a fallu argumenter concernant cet arbre. Des avis contradictoires ont été demandés. Certains pensaient que le saule représentait un danger ; d'autres non. Ce processus a duré longtemps et des années ont été perdues.*
*Erny Muller a toujours pensé qu'il fallait un hôtel. Aujourd'hui encore, c'est une bonne chose. Pour une ville qui souhaite se développer dans toutes les directions, ne pas avoir d'hôtels n'est pas un bon signe. Une ville de la formation accueille des congrès et des séminaires. Les invités doivent pouvoir passer la nuit à proximité. Il est aussi beaucoup question du développement du tourisme. C'est pourquoi Erny Muller regrette que deux hôtels aient fermé leurs portes.*

# 8c. Avenue du Parc des Sports

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *rappelle que le collège échevinal travaille dans les coulisses concernant la place du Marché, mais il est trop tôt pour en parler.*
*(Interruption)*
*Christiane Brassel-Rausch répète qu'elle ne peut encore rien dire.*

**ALI RUCKERT (KPL)** *souligne qu'en tant que représentant communiste, il a voté contre ce projet lors du premier débat, car il estimait que la commune aurait dû construire des logements sociaux au lieu de vendre le terrain à un promoteur. À l'époque, il y avait une forte pénurie d'appartements. Entretemps, le projet a certes évolué, mais pas de manière substantielle. C'est pourquoi Ali Ruckert va s'abstenir.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *constate que monsieur Ulveling et la bourgmestre ont répondu à plusieurs de ses questions. Il a étudié l'acte et les explications supplémentaires trouvées sur le Diffcloud. Les socialistes sont contents du fait que le vieux bâtiment disparaisse. Celui-ci n'a rien d'attractif. Il est temps de le remplacer par un bâtiment plus fonctionnel que cette ruine.*
*Les actes de notaire parlent souvent de millièmes. La bourgmestre a précisé la surface des appartements. Car si l'on ne connait pas le nombre total de millièmes, il est impossible de calculer la surface d'un appartement représentant 320 millièmes. Guy Altmeisch espère que les prochains actes seront plus détaillés.*
*Les conseillers communaux disposent d'un plan concernant le gros œuvre. Toutes les prises et toutes les mesures y sont représentées. Mais ce plan n'a rien de clair et n'apporte pas d'explications. Il vaudrait mieux fournir un plan que le conseil communal peut lire.*
*Le cahier des charges spécifie le matériel à utiliser. Mais l'hôtel n'y est pas mentionné. Les socialistes craignent que l'appart-hôtel ne se transforme en appartements sans hôtel. Ils demandent au collège échevinal de surveiller la situation et de rester prudent.*

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Muller. Ech hat Iech jo am Ufank vun der Seance gesot, dass mer vill schaffen am Hannergrond. Ënner anerem och, wat d'Maartplaz ugeet. Mee wou et leider nach net sprochräif ass. Et ass net, dass do näischt geschitt. An ech deelen Är Meenung.

(Ënnerbriechung)

Ech deelen Är Meenung ganz. Mee ech ka leider näischt soen. Här Altmeisch.

**GEMENGESEKRETÄR HENRI KRECKÉ:**

Den Här Ruckert war fir d'éischt.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Här Ruckert. Pardon.

**ALI RUCKERT (KPL):**

Madamm Buergermeeschtesch, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll hei drun erënneren, wéi iwwert dee Projet fir d'éischt debattéiert an ofgestëmmt ginn ass, hunn ech als Vertrieder vun der Kommunistescher Partei deemools dergéint gestëmmt. Well et an eisen Aen deemools ganz akut wär, dass d'Gemeng amplaz dat un ee Promoteur ze verkafen, sollt do soziale Wunnengsbau maachen. Well et wierklech zu deem Zäitpunkt nach méi u Wunnenge gefeelt hat, wéi dat haut de Fall ass. Elo huet de Projet geännert. Mee net substanziell, mengen ech. Ech wäert mech och dofir haut nach ëmmer dobäi enthalen.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Den Här Altmeisch, wgl.

**GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Ulveling. Vill vu menge Froe si beäntwert ginn duerch d'Erklärunge vun Iech selwer respektiv vun der Madamm Buergermeeschter. Wéi ech am Ufank den Dossier kritt hunn, hunn ech mech e bëssen an deen Akt geknéit an och e bëssen an déi supplementar Erklärungen, déi op der Diffcloud waren. Mir sinn als LSAP selbstverständlech frou, dass no aacht Joer dat ellent Gebai verschwënnt, dat net attraktiv ass. Weeder wann een an der oppener Schwemm ass, wou d'Gebai ofgeséchert ass mat Barrièren, fir dass keen do eraklëmmt, nach vun der Strooss ass dat eng attraktiv Vue. An dass et duerch en anert Gebai ersat gëtt, dat méi modern a méi operationell ass wéi esou eng Ruin, déi dann do steet.

An den Akte vun den Nottären gëtt oft vun enger Milliemeszuel geschwat. D'Madamm Buergermeeschter huet elo erkläert, wéi grouss déi Appartementer sinn, déi mer am Tausch kréien. Wéi déi an de Meterkareeë sinn. Wa mer am Akt vum Notär just d'Millièmë stoen hunn, mir wëssen awer den Total net vun de Milièmë a mir kréie gesot, datt mir 320 Millièmë kréien, kann ech mer net ausrechnen, wéi grouss déi Appartementer sinn. Et ass da schwéier virstellbar, wat mer als Echange kréien. Bei deenen nächsten Akten an Tauschaktiounen – ech hat dat schonn eng Kéier erwäänt – wier net schlecht, wann dat géif do drastoen.

Da wier an der Diffcloud ee Plang, deen Erklärunge géif ginn iwwert d'Bausubstanz. Ech hu mer dee Plang ugekuckt. Do ass all Steckdous dran. All! Vill Moossen an esou virun. Mee iwwersiichtlech ass en net. Dee bréngt engem och weider keng Erklärungen. Och do wier et net schlecht, wann ee Plang dra wier, deen déi Conseilleren, déi dat do mussen dann ofstëmmen, kéinte liesen an deen och méi transparent wier.

Opgefall ass mer beim Cahier de charges, dass den Detail dran ass, wat vu Material verschafft gëtt a wat a wou ubruecht gëtt. Do ass mir opgefall, dass leider keng rieds méi dran ass vum Hotel. Ech sinn elo vläicht ze vill pessimistesch, mee ech hoffen – an do hu mir als LSAP eis Bedenken –, dass bei der Opdeelung vun der Bausubstanz aus Appart-Hotel net schnell Apparte ginn an dass den Hotel op eemol an de Vergiess geréit. Et ass elo vläicht e bësse pessimistesch, mee ech hunn ee batteren Nogeschmaach do. Ech wier frou, wa mer dat wierklech géife mat alle Moyenen, déi mer hunn, iwwerwaachen an och um Ball géife bleiwen. Net dass herno den Hotel ganz vergiess ass

an dat Wuert Apart eleng zum Ausdrock kënnt. Et ass elo keng Mussesaach, mee mer mussen awer do virsiichteg sinn.

Besonnesch begréissen ech deen Deel, wou dann déi Delaien dra sinn, wéini muss ugefaange ginn a wéini muss fäerdeg gemaach ginn, dass mer endlech Stullgank kréien an deen Dossier. An doduerch wäerte mir dee Punkt och matstëmmen. Ech soen Iech Merci.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Altmeisch.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Den Här Hartung hat d'Wuert gefrot.

**JERRY HARTUNG (CSV):**

Merci.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

An den Här Liesch.

**JERRY HARTUNG (CSV):**

Am Numm vun der Déifferdenger CSV si mer frou iwwert dësen Acte de vente, deen elo kloer definéiert, wat muss gebaut ginn, an och kloer Konditioune festhält.

Effektiv huet dës Geschicht schonn een zimmlech laange Baart. Dofir ass et gutt, datt elo een Datum drasteet, den 31. Dezember 2024, bis wéini de Bau soll ofgeschloss sinn, mat – ech mengen, dat ass hautdesdaags leider néideg –, wann dëst net erfëllt ass, uschléissend méintlechen Indemnitéiten.

Zweetens verflicht de Keefer, also de Bauhär, sech, nieft dem schonns ugeschwate lukrative Wunnraum, deen op maximal 20 Unitéite limitéiert ass, een Hotel oder Apart-Hotel a weider Raimlechkeeten um Rez-de-chaussée fir Commerce virzegesinn. Wat sécherlech zur Attraktivitéit vun Uewerkuer bäidréit.

Drëttens kritt d'Gemeng heifir keng Sue, mee en contrepartie fir de Verkafspräis vu ronn 1,3 Milliounen dräi nei gebauten Appartementer, déi mer als Gemeng iwwer ons Gemengewunnengsprojeten zu abordabele Loyeren u Privatleit kënne verlounen, déi soss um normale private Marché Schwieregkeeten hätten, een Ënnerdaach ze fannen. Wat jo och sozial gesi gutt ass.

Effektiv stinn am Dokument just d'Milliëmen. Dat wollt ech och nofroen. Mee d'Madamm Buergermeeschtesch huet schonn d'Meterkareeën elo genannt. Soudatt all dës Punkte maachen, datt mer dësen Acte de vente matstëmmen. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Hartung. Ech géif dem Här Liesch elo d'Wuert ginn.

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):**

Just zwou Saachen. Zu de Milliëmen: Effektiv ass et e bëssen ongewéinlech, wann een nëmmen d'Milliëmen do stoen huet. Ech wëll awer soen, dass den Terrain awer drasteet. Ganz uewen am Akt steet wéi grouss den Terrain ass. Et konnt ee sech also eng liicht kleng Rechnung maachen, dann hat een d'Meterkareeën direkt.

Och op de Präis – deen hat den Här De Sousa nach séier ausgerechent – wollt ech kuerz drop zréckkommen, well den Här Weirich dat virdru gesot hat. Wann een dat dividéiert, kënnt een op ee Präis vun 80.000 Euro den Ar. Wat awer kee schlechten Deal ass, dee mer do maache fir en erschlossenen Terrain. Et ass elo net geschenkt! Den Här De Sousa hat dat elo just ausgerechent. Dofir wollt ech dat elo nach eng Kéier erabréngen.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Liesch. Här Weirich.

*Guy Altmeisch salue la définition de délais pour le début et la fin des travaux. Les socialistes approuveront le dossier.*

**JERRY HARTUNG (CSV)** *se réjouit de cet acte de vente définissant ce qui doit être construit et posant des conditions claires. Ce dossier est vieux. Le contrat stipule désormais que la construction devra être terminée le 31 décembre 2024 sous peine d'indemnités mensuelles. Le promoteur s'engage à construire un appart-hôtel et des locaux de commerce en plus des logements.*
*En contrepartie, la Ville de Differdange reçoit trois nouveaux appartements d'une valeur de 1,3 million d'euros, qu'elle va louer à un prix adorable à des personnes ayant du mal à trouver un logement sur le marché.*
*Il est vrai que le document ne mentionne que les millièmes, mais la bourgmestre a précisé les mètres carrés. Les chrétiens sociaux approuveront l'acte de vente.*

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)** *trouve inhabituel de n'avoir que les millièmes dans l'acte, mais la surface totale du terrain est précisée tout en haut. Un simple calcul permet donc de connaitre les mètres carrés.*
*Pour ce qui est du prix, il se chiffre à 80 000 € l'are. Ce n'est pas une mauvaise affaire pour un terrain viabilisé. Monsieur De Sousa vient de faire le calcul.*

# 8d. Rue Dolibois / 8e. Atelier d'artiste

**ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK)** *avait fait le même calcul. Il a vérifié les prix sur Immotop et Athome. Pour un are, on paye facilement le double à Differdange. Bien entendu, il ne veut pas que la commune contribue à la flambée des prix. Mais il répète que sur le marché, on paye facilement le double.*

**HENRI KRECKÉ (SECRÉTAIRE COMMUNAL)** *constate que le conseil communal dispose du cahier des charges. L'acte notarié en état futur d'achèvement va suivre.*
*Le cahier des charges décrit la qualité des trois appartements échangés et de leurs contenus. C'est pourquoi il n'y est pas question de l'hôtel.*
*Henri Krecké rappelle par ailleurs que le PAP a été approuvé dans une séance du conseil communal. Le promoteur ne peut donc pas supprimer l'hôtel du projet et construire des appartements à la place. Il devrait d'abord demander une modification du PAP, qui devrait être approuvée par le conseil communal. Le Luxembourg est un État de droit avec des droits et des devoirs des deux côtés.*
*Le projet comprend deux blocs: un bloc résidentiel avec 18 à 20 appartements et un bloc avec un appart-hôtel.*
*De toute façon, les chambres font entre 16 m² et 20 m². Elles ne se prêtent pas à l'aménagement d'un appartement.*
*Henri Krecké répète que le PAP a été approuvé il y a un an.*
*(Vote)*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *décrète une pause jusqu'à 10 h 20.*
*(Pause)*
*Christiane Brassel-Rausch passe au point 8 d, la cession d'une parcelle de l'État de 2,77 a dans la rue Ernest Dolibois.*
*(Vote)*
*Christiane Brassel-Rausch passe au point 8e. Madame Lobanova loue l'atelier d'artiste au 58, Grand-rue pour un an au prix de 200 € par mois.*
*(Vote)*

**ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK):**

Vu dass den Här Liesch mech elo drop ugeschwat huet, hat ech déi Rechnung natierlech och gemaach. An ech hat mer och e bëssen d'Marchéspräisser ugekuckt op IMMOTOP.LU, op atHome.lu a wéi d'Sitten alleguerten heeschen. Do bezilt een deelweis dat Duebelt fir den Ar mëttlerweil zu Déifferdeng. Wat ech natierlech erschreckend fannen. Ech wëll elo net, dass mer als Gemeng déi Logik matdroe mat der Präisdeierecht. Mee just fir ze soen: De Marchéspräis ass labber dat Duebelt hautdesdaags. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci. Ier mer zum Vott kommen, géif ech dem Här Krecké nach d'Wuert ginn zu deem Projet. Hien huet dee ganzen Iwwerbléck a kann eis e puer zousätzlech Informatioune ginn.

**GEMENGESEKRETÄR HENRI KRECKÉ:**

Eng technesch Remark zum Cahier des charges. De Cahier des charges läit bäi, wéi dat Usus ass. Mir kréien zwar och nach den Acte notarié en état futur d'achèvement. De Cahier des charges läit schonns bäi, fir d'Qualitéit vun deenen dräi Wunnengen ze beschreiwe mat hirem Inhalt, wéi qualitativ eigentlech iwwert dee Cahier des charges gereegelt den Echange soll stattfannen. Do geet et net ëm den Hotel am Cahier des charges. Dee läit eigentlech bäi fir d'Qualitéit vum Echange ze fixéieren.

Dann ass nach guer net gesot ginn, datt mir an enger Gemengerotssëtzung iwwer ee PAP ofgestëmmt haten zu deem heiten Objet. Dee PAP hu mer expressis verbis heiranner setze gelooss. De Promoteur kann net einfach higoen a soen: Elo maachen ech doraus keen Hotel méi. Elo maachen ech einfach Appartementer. Wann en dat wéilt maachen, misst en éischtens emol eng Modif vum PAP beantragen an da misste mir nach domadder averstane sinn. Dat just gesot. Mir si jo awer an engem Rechtsstaat, och mat Verflichtungen de part et d'autre.

À ce stade sinn zwee Baubléck do, ee residentielle mat 18 Appartementer. 20 ass de Maximum, dee méiglech gewiescht wär. An op där anerer Säit mat engem Apart-Hotel oder Hotel. Well d'Zëmmere gesinn net no Appartement à ce stade am PAP aus. Déi hunn net déi Gréisst, dass ee kéint vun Appart schwätzen, wann et Zëmmere si vu 16 m² oder 20 m2. Dat ass jo dee PAP, iwwert dee mer virun engem Joer ofgestëmmt hunn. Dat just reng zur technescher Form vum Dossier.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Villmools Merci, Här Krecké. Da géife mer elo zur Ofstëmmung kommen.

*Le conseil communal décide avec 16 voix oui et 2 abstentions d'approuver l'acte notarié de vente de deux parcelles au lieudit « Avenue du Parc-des-Sports » à Oberkorn d'une superficie totale de 16,35 a.*

Villmools Merci. Ech géif dann elo eis schonn üblech Paus aleeë bis 10:20 Auer. Villmools Merci.

(Paus)

Dir Dammen an Dir Hären, da komme mer elo zum Punkt 8(d). Dat ass eng Cessioun vum Staat, eng Parzell vun 2,77 Ar an der rue John Ernest Dolibois. Do geet et ganz einfach ëm ee Stéck Strooss. Kënne mer zum Vott kommen?

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver l'acte de cession de l'État d'une parcelle de 2,77 a située au lieudit « Rue John-Ernest-Dolibois » à Differdange.*

Villmools Merci. De Punkt 8e) ass scho méi eng Routine. D'Madamm Lobanova geet an en Atelier d'artiste op 58 Groussstrooss, dat ass den Atelier Nummer 5, fir ee Joer. Si bezilt 200 Euro de Mount.

Kënne mer zum Vott kommen?

infoblat_072021_du_22092021_print 33 01/03/2022 11:39

# 8f. Popup Store / 8g. Piste cyclable 8

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le contrat de bail d'un atelier d'artiste au no 58 de la Grand-rue àé Differdange avec madame Veronika Lobanova.*

Dann hu mer de Punkt 8f). Do geet et ëm ee Pop-up-Store, ee klengt Geschäft an der Rue Parc Gerlache op Nummer 3. Heifir géif ech d'Wuert un d'Madamm Pregno weiderginn.

**SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Villmools Merci fir d'Wuert. Hei hu mer ee Kontrakt fir ee Pop-up-Store, där mer jo schonn e puer hei haten, eppes wat och reegelméisseg wäert erëmkommen, well et jo ëmmer Kuerzzäitkontrakter sinn. Et handelt sech ëmmer ëm maximal sechs Méint.

Dës Kéier ass et eng syresch Madamm, déi de Store opgemaach huet. Si verkeeft handgemaache Saachen an och Seef vun Aleppo. D'Madamm ass vun Déifferdeng selwer. Si hat de Wonsch, sech selbststänneg ze maachen. Si hat bis elo kee Buttek. Dat hei ass fir si elo deen éischte Schrëtt an d'Selbststännegkeet. Einfach e bësse fir ze kucken, wéi hir Produiten um Terrain ukommen, wéi et iwwerhaapt ass, eng Societéit ze hunn an ee Geschäft ze féieren. Ech denken, dass dat engersäits fir d'Madamm ganz flott ass, eng éischt Erfarung ze hunn a fir eis als Déifferdenger anerersäits och flott ass, well mer eis Gamm vu Produiten zu Déifferdeng weiderentwéckele kënnen. An dann natierlech an engems ee Geschäft am Pop-up-Store hunn.

Si wäert bis Enn dëses Joers an deem Pop-up-Store sinn. Esou ka si och vum Chrëschtgeschäft a vum Chrëschtmaart profitéieren.

Villmools Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madamm Pregno. Wat elo nei ass an dësem Bail, ass, dass e méi laang leeft. E leeft iwwer fënnef Méint. Net nëmmen zwou Wochen. Wat der Saach dénglech ass. Well d'Leit iwwerhaapt eng Chance kréien.

Och een, deen net all Dag an den Zentrum Déifferdeng geet, kann dat awer vläicht entdecken a vläicht nach eng Kéier dohinner zréckgoen.

Da komme mer zum Vott.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le contrat de bail du popup store au no 3 rue du Parc-Gerlache à Differdange avec madame Kassouha Yara.*

Da komme mer zum Punkt 8g). Do geet et ëm eng Quadripartite. Dat heescht d'Gemeng mam Staat, mat Ponts & Chaussées a mat der CFL. Et geet genau ëm déi Bréck...

(Ënnerbriechung)

Hunn ech dee vergiess? Dee kënnt eréischt.

(Ënnerbriechung)

Et ass guer näischt. Et ass déi Bréck, déi vum ieweschte Parking Contournement op de Vëloswee vun Nidderkuer geet. Dofir géif ech der Madamm Pregno d'Wuert ginn.

**SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Villmools Merci. Déi éischt Informatiounen huet d'Madamm Buergermeeschter scho ginn. Et geet hei ëm ee weidert Stéck vun der Piste cyclable Nummer 8, déi vu Beetebuerg bis op Péiteng geet, déi dee ganze Minett verbënnt, déi ganz Terres Rouges. Et ass ee wichtegt Stéck fir eis Gemeng, well et dat Deelstéck ass tëschent Déifferdeng an Nidderkuer, wat nach ëmmer gefeelt huet. Deen Tronçon Nidderkuer bis op d'al Gare – also dat Stéck hanne laanscht d'Bunn – war jo schonn op d'virlescht Joer. Dat war an engem relativ schlechten Zoustand an net angeneem fir de Vëlosfuerer, well et esou klengt Gegrimmels war mat relativ ville Lächer, wou et dann och, bei schlechtem Wieder immens gesprëtzt a Knascht gemaach huet.

*Christiane Brassel-Rausch passe au point 8 f, le popup store de la rue du Parc-Gerlache.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *précise que ce type de contrats va revenir souvent, puisqu'ils sont temporaires et durent six mois au maximum.*
*Une dame syrienne vivant à Differdange va ouvrir une boutique. Elle va vendre des produits faits main et du savon d'Aleppo. Elle souhaite devenir indépendante et veut tâter le terrain. C'est une bonne chose pour elle, car elle pourra gagner en expérience, et une bonne chose pour Differdange, qui élargit sa gamme de produits.*
*Elle conservera la boutique éphémère jusqu'à la fin de l'année, ce qui lui permettra de profiter du marché de Noël.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *ajoute que ce bail est plus long que d'habitude: cinq mois au lieu de deux semaines. Cela donnera le temps à quelqu'un qui ne se rend pas dans le centre-ville tous les jours de découvrir le magasin.*
*(Vote)*
*Christiane Brassel-Rausch passe au point 8 g, une quadripartite avec l'État, l'Administration des ponts et chaussées et les CFL.*
*(Interruption)*
*Christiane Brassel-Rausch précise qu'il s'agit du pont reliant la partie haute du parking du contournement à la piste cyclable de Niederkorn.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *ajoute que c'est la piste cyclable 8 reliant Bettembourg à Pétange, c'est-à-dire toutes les Terres rouges.*
*Le tronçon allant de Niederkorn à l'ancienne gare de Differdange est ouvert depuis deux ans, mais il était en mauvais état. Il n'était pas agréable d'y circuler.*

# 8g. Piste cyclable 8

*Entretemps, le revêtement a été refait. Il est chouette de pouvoir faire du vélo sans passer par l'avenue de la Liberté et son trafic dense. Mais Laura Pregno trouve que tout Niederkorn en profite puisqu'on y voit souvent des gens se promener avec leurs enfants ou leurs chiens. En plus, la piste est facilement accessible.*
*Les travaux dont il est question aujourd'hui ont lieu entre l'ancienne gare et le pont. Le pont doit être refait. Il est probable que le chantier dure un an. Laura Pregno est consciente que ce projet est ancien. C'est dommage, car cela n'incite pas les gens à faire du vélo.*
*Ce projet est important pour la mobilité douce. Faire du vélo en plein trafic est dangereux. C'est pourquoi cette piste cyclable est chouette.*

---

**ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK)** *salue la construction de tous les tronçons de piste cyclable, mais il trouve que les choses n'avancent pas assez vite. La Ville de Differdange ne peut-elle pas s'investir davantage dans la construction rapide de pistes cyclables ? Bientôt, on pourra circuler sans danger entre Differdange et Niederkorn. Mais de Niederkorn, on ne pourra pas se rendre à Sanem ou à Pétange. De Differdange, il est aussi impossible d'arriver à Oberkorn de manière sécurisée.*
*La PC 8 est censée relier Pétange à Bettembourg. Le tronçon entre Pétange et Esch est fini à moitié. Mais pour éviter entièrement le trafic, il faut chercher des chemins soi-même.*
*Eric Weirich rappelle que chaque campus scolaire dispose de vélos. Mais sans pistes cyclables entre les localités de Differdange, il est improbable que les parents laissent leurs enfants prendre le vélo.*
*Eric Weirich répète que pour lui, les choses ne vont pas assez vite.*

---

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)** *se réjouit du fait que la piste cyclable soit bientôt fonctionnelle. La Ville de Differdange aurait probablement réussi à l'aménager deux fois plus vite.*
*Monsieur Weirich a raison de dire que la vitesse de croisière est trop basse. Si l'on veut vraiment des*

Dat ass fäerdeg. Do ass deen neie Belag scho geluecht. Et ass immens flott do abseits vum geféierleche Verkéier, virun allem laanscht d'Avenue de la Liberté, ze fueren. Et ass een Deel, vun deem net nëmmen de Vëlosfuerer profitéiert, mee ech déi ganz Nidderkuerer iwwerhaapt. Well et begéint een awer vill Leit do, déi mat der Kutsch spadséieren oder mam Hond. Och einfach Foussgänger, déi ënnerwee sinn. Deen Deel ass op an och zougänglech vu verschiddene Plazen, wou een och vun der Haaptstrooss dohinner kënnt.

Op deem Tronçon duerno, vun der aler Gare bis bei déi Foussgängerbréck, si se amgaang ze schaffen. Dat gëtt an deem Kontext natierlech och ganz fäerdeg gemaach. Dofir gëtt och déi aktuell Foussgängerbréck nei gemaach. Déi muss perpendiculaire zu de Schinne gesat ginn. Dat ass eppes, wou d'CFL Wäert drop leet. Soudass dat Ganzt warscheinlech ee Joer wäert gespaart sinn an et ee Joer dauere wäert, bis deen Tronçon do komplett ass. Wat natierlech fir eis erëm immens laang ass. Mer wëssen, dass dee Projet schonn immens laang dauert. Fir eis ass et immens schued, dass et esou laang dauert, well doduerch kréie mer och net onbedéngt méi Leit op de Vëlo. Mee bon. Et ass eebe sou.

Mir sinn awer frou, dass et elo endlech gemaach gëtt. Et ass een immens wichtege Schrëtt fir déi duuss Mobilitéit. D'Vëlofueren am alldeeglече Verkéier ass, mat Momenter, immens geféierlech. A wann een op esou Vëlospisten abseits ka fueren, ouni ze vill Ëmweeër ze maachen, ass dat scho flott. Soudass ech denken, dass dat fir de Vëlosfuerer wierklech ee groussen Atout wäert sinn an deemno dann och fir d'Déifferdenger Stad. Villmools Merci.

---

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madamm Pregno. Här Weirich.

---

**ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK):**

Merci, Madamm Buergermeeschter. Merci och, Madamm Pregno, fir déi Erklärungen. Et ass natierlech gutt a begréissenswäert fir all Stéck Vëloswee, deen nei entsteet. Mee allgemeng geet dat awer, a mengen Aen, net schnell genuch. Dir hutt et och selwer gesot, Madamm Pregno. Ech wär frou wa mer eis als Gemeng kéinten och nach selwer méi asetzen am Kader vun eise Moyenen, fir d'Vëlosweeër vläicht méi schnell auszebauen. Zemools innerhalb vun der Gemeng. Vun elo u kënnt een dann iergendwa sécher vun Déifferdeng op Nidderkuer. Mee vun Nidderkuer kënnt een net op Suessem. Déi eng Säit kënnt een net op Péiteng. Déi aner Säit kënnt een och vun Déifferdeng net op Uewerkuer. Do ass och kee gesécherte Vëloswee.

De PC8 soll u sech zwëschen Péiteng a Beetebuerg zirkuléieren. Dee ganzen Tronçon vu Péiteng bis op Esch ass esou hallef fäerdeg. Do muss ee scho relativ hin an hier knéchelen a sech selwer e bësse Weeër sichen, fir justement net mam Trafic ze kollidéieren. Wat immens schued ass. Zemools well mer och virdru rieds hate vun der Maison relais. Dass mer op all Campus Vëloen hunn, fir dass déi Jéngst och Vëlo fuere léieren. Mee mam aktuellen Zoustand vun de Vëlospisten oder d'Inexistenz vun de Vëlospisten innerhalb vun der Gemeng tëschent de verschiddenen Uertschaften, gleewen ech kaum, dass et Eltere gëtt, déi hir Jéngst mam Vëlo op d'Strooss géife schécken.

Et ass begréissenswäert. Mee et geet a mengen Aen net schnell genuch. Do misste mer eis e bësse méi dru ginn. Merci.

---

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Weirich. Här Liesch.

---

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):**

Ech muss awer dozou eppes soen. Ech verknäife mer den Historique, well soss fänken ech liicht un, e bëssen Adrenalin ze kréien. Ech sinn awer trotzdeem frou, dass de Vëloswee schlussendlech iergendwann Realitéit gëtt. Also dat Stéck, wat mir als Gemeng warscheinlech schonn an der Hallschent vun der Zäit gemaach hätten. Mee et gëtt elo realiséiert.

Ech ginn dem Här Weirich awer och Recht, dass mer wierklech eng Vitesse

de Croisière hunn, déi extreem schlecht ass. Wa mer eng Ännerung an der Mobilitéit wëlle kréien, musse mer d'Optiounen dofir bidden. A mat där heiter Vitess geet dat sécher net duer.

Mir haten als Gemeng schonn e puermol mat eisen Nopeschgemenge Kontakt, fir ze kucken, well et jo och kee Wäert huet, dass een zum Beispill Richtung Zolwer eppes mécht an d'Gemeng niewendru vläicht aner Projeten huet, déi net koherent sinn. Dann hu mer näischt geschafft. Et geet nëmmen, wann ee sech mat den Nopeschgemengen zesummesetzt.

Do war och elo viru Kuerzem dee Groupe de travail zesummekomm, wou iwwer Mobilitéitssaache sollt gekuckt ginn. Vläicht gëtt et do Neiegkeeten. Mee ech géif et wierklech begréissenswäert fannen, wa mer vläicht am nächste Budget scho verschidde Projete géifen zumindest an d'Etüd setzen. Dir hutt scho gesot. Fir mech wär nach wichteg d'Rue Pierre Gansen erofzekommen, dass ee bis op Suessem kéim. Well do ass erëm een nationale Vëloswee. Wa mer et packen, bis dohin ze kommen, a mat de Modifikatioune vum PAG hu mer et zumindest theoreetesch erméiglecht, kéint een eigentlech och elo schonn e bësse Suen an eng Etüd setzen. Okay, mir waarden drop, datt de PAG erëmkënnt, mee mir kéinten eis awer scho Gedanke maachen, wéi dat kéint ausgesinn. Wëssend, dass et duerno jo nach 15 Joer dauert, bis deen éischte Vëlo do fiert!

Richtung Péiteng gëtt et fir mech nach ëmmer déi zwou Varianten, wou et jo net kloer ass, ob an a wéi eng Richtung et soll goen. Mir als Gréng plädéiere ganz kloer fir déi zwou. Net fir en oder, mee fir en an. Ech denken, dass déi zwou Richtungen, fir uewe laanscht d'Gare, respektiv fir Richtung Biff mam Vëlo ze kommen, interessant sinn an och wäerte genotzt ginn. Duerfir ass eise kloren Appell un de Schäfferot, sech beim Ministère net fir en oder anzesetzen, mee fir en an. Déi zwou Vëlospisten ze maachen.

Dann och déi, déi Richtung Zolwer geet, wou ee bis op den Zolwereck kënnt a wou een e puer Honnert Meter méi wäit eran och erëm op den nationale Reseau kënnt. Do feelt also och net alles.

Dat wäre ganz wichteg Strecken am Alldag. Wann een e bësse méi wäit fiert, och grad Richtung Zentrum, wat haut mat Elektrovëloe jo absolutt kee Problem ass, fënnt een nach esou Plaze wéi déi do. Et ass effektiv hei an der Gemeng, wou mer net gutt erauskomme mam Vëlo, bis mer op den nationale Strecke sinn.

Nichts desto trotz ass deen heite Projet wierklech super. Et ass och keen einfachen, dat wëll ech och soen. Et ass jo net grad op der gréngen Wiss, wou dat gebaut gëtt. Et ass en héich komplexe Projet. Mir hunn d'CFL dobäi. Mir hunn d'Air liquide dobäi. Et war also och technesch eng Erausfuerderung mat deene Brécken.

Trotzdeem huet et awer e bësse laang gedauert. Mee mir sinn awer frou, dass en elo schlussendlech gemaach gëtt.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Liesch. Här Muller.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Dir Dammen an Dir Hären, et huet laang gedauert. Et ass awer ni ze spéit! Dat ass meng Konklusioun.

Ee Wuert zu deem, wat d'Virriedner scho gesot hunn. Dat ass d'Vernetzung vun den nationale Vëlosweeër. Ech war eng Partie Joren am ProSud. Do war et eent vun deenen Haaptthemen zesumme mam Ministère. Ech war souguer selwer a verschiddene Sitzungen dobäi. Et schéngt mer, wéi wann de Ministère och net méi vläicht dee Poids op dat dote Kapitel leet. Mee e muss sech awer bewosst sinn, dass dat nach laang net ofgeschloss ass. Dat ass jo och dat, wat déi zwee Virriedner zum Ausdrock bruecht hunn.

Wat elo dës Konventioun ubelaangt iwwert de Passage supérieur vun deem Vëloswee iwwert d'Gleiser a Form vun enger Bréck: Déi bannenzeg Breet vun där Bréck ass véier Meter. Déi geet iwwer ee Meter eraus op der Breet vun deenen normale Vëlospisten, déi dräi Meter ass. Dat ass och néideg, well do vill Foussgänger vun där Bréck pro-

*changements dans la mobilité, il faut offrir des options. Celles actuelles ne suffisent pas.*
*La Ville a contacté ses communes voisines, car il ne servirait à rien de construire des pistes cyclables qui seraient incohérentes avec leurs projets. Une collaboration est nécessaire. Georges Liesch sait qu'un groupe de travail s'est réuni récemment.*
*Il estime que le prochain budget devrait prévoir des fonds pour lancer des études. Il faudrait notamment relier Niederkorn à Sanem. Les modifications du PAG le permettent même s'il faut attendre la fin de la procédure. Car une fois la décision prise, il faudra 15 ans pour construire la piste.*
*En direction de Pétange, deux variantes existent. Les écologistes trouvent qu'il faudrait réaliser les deux : celle le long de la gare et celle en direction du Biff. Georges Liesch exhorte le collège échevinal à s'engager pour la construction des deux pistes cyclables.*
*Une piste cyclable est aussi nécessaire en direction de Soleuvre, où l'on peut ensuite s'engager sur le réseau national.*
*Aujourd'hui, les vélos électriques permettent de se rendre plus loin. Georges Liesch regrette qu'il soit difficile d'atteindre le réseau national de pistes cyclables à partir de Differdange.*
*Cependant, ce projet est fantastique. Il est aussi complexe, car la piste n'est pas construite sur une prairie. Les CFL et Air liquide participent au projet. Techniquement, les ponts représentent un défi. Mais le conseiller communal répète que la réalisation a duré trop longtemps.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *estime qu'il n'est jamais trop tard pour bien faire les choses.*
*La mise en place d'un réseau de pistes cyclables nationales est un des thèmes principaux abordés entre le Prosud et le ministère. Erny Muller a participé à certaines réunions. Il a l'impression que le ministère ne s'engage pas autant que nécessaire. Or le projet est loin d'être fini.*
*Pour ce qui est de la convention dont il est question aujourd'hui, le*

# 8g. Piste cyclable 8

*pont fait quatre mètres de largeur, un mètre de plus que les pistes cyclables normales. C'est nécessaire, car de nombreux piétons utilisent le pont pour rejoindre le centre-ville.*
*Madame Pregno a expliqué que le pont serait fermé pendant un an. Le collège échevinal a-t-il prévu une alternative ?*
*(Interruption de M. Ulveling)*
*Erny Muller constate que ce sera dur pour ceux qui utilisent le parking du contournement. Comme l'a dit monsieur Liesch, la difficulté provient des conduits reliés au pont et qui ont été entretemps déplacés sous les rails. Lorsque le chantier sera fini, la piste cyclable pourra être inaugurée. Malheureusement, les documents ne précisent pas de délais.*

**JERRY HARTUNG (CSV)** *salue les travaux d'aménagement de la piste cyclable entre Niederkorn et Differdange. Comme l'a souligné madame Pregno, les gens doivent pouvoir se déplacer sans voiture dans une ville se voulant attractive. Ce chantier constitue donc une pièce de puzzle importante permettant de se rendre de Niederkorn à Differdange le long de la voie ferrée sans être dérangé par les odeurs et le bruit des voitures.*
*Jerry Hartung constate qu'il reste du pain sur la planche. Il faudrait relier efficacement Differdange aux communes voisines.*
*Le conseiller communal regrette qu'il ait fallu autant de temps pour réaliser un projet que tout le monde soutient. Il est incroyable de voir combien de temps il faut parfois au Luxembourg. Mais il n'est jamais trop tard pour bien faire les choses. Les chrétiens sociaux approuveront cette convention.*

**FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)** *donne raison à monsieur Muller quand il dit que la fermeture complète du pont devrait être aussi courte que possible. Le collège échevinal devrait garantir l'accessibilité au pont jusqu'à ce que le nouveau pont soit prêt. Sur les autoroutes, on remplace bien les ponts en une nuit. Le collège échevinal ferait bien d'étudier cette possibilité.*
*(Vote)*

fitéieren, fir vum Parking Contournement eriwwer ze kommen an den Zentrum.

Wat mech allerdéngs e bësse stutzeg mécht, ass déi Ausso vun der Madamm Pregno, dass mer eventuell riskéieren, dass déi Bréck ee Joer gespaart wär. Da mussen déi Leit awer e relativ groussen Ëmwee maachen. Ech weess net, ob et eng Ersatzléisung gëtt.

(Ënnerbriechung duerch den Här Ulveling)

Dat gëtt eng schwiereg Zäit fir déi Leit, déi de Parking Contournement benotzen.

Ech mengen, den Här Liesch hat et scho gesot, d'Schwieregkeet vun dësem Ouvrage waren all déi Leitungen, déi un där aler Bréck houngen, déi entretemps ënnert d'Gleiser verluecht gi sinn. Speziell déi vun der Air Liquide. Dat war keen einfache Chantier.

Wann den Ouvrage definitiv fäerdeg ass, steet der Aweiung vun deem neie Vëloswee näischt méi am Wee. Mir ginn elo mol op en Enn zou.

Et muss een allerdéngs och soen, datt an den Dokumenter näischt vun engem Delai steet. Do hoffe mer net en open end, mee dass dat awer an engem gewëssen Zäitraum ofgewéckelt gëtt. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Muller. Här Hartung.

**JERRY HARTUNG (CSV):**

Madamm Buergermeeschtesch, léif alleguer, als Vertrieder vun der Déifferdenger CSV begréisse mer, datt dës Stéck fir d'Foussgänger an d'Vëlosfuerer tëscht Nidderkuer an Déifferdeng elo endlech uerdentlech fäerdeggestallt gëtt an et soumat gutt befuerbar gëtt.

Wa mer eng attraktiv Stad wëlle ginn, huet d'Madamm Pregno komplett Recht ze soen, datt ee sech och gutt a flott ouni Auto muss deplacéiere kënnen. Dofir ass dat hei ee wichtegt Puzzelstéck. Esou kann ee flott an entspaant laanscht d'Bunn vun Nidderkuer op Déifferdeng tréppelen oder pedalléieren, ouni ënner anerem am Gestank oder am Kaméidi vun den Autoen ze sinn.

Wéi d'Virriedner richteg ugemierkt hunn, bleiwen nach vill aner Weeër, Vëlosweeër oder Foussgängerweeër, ze maachen innerhalb vun der Gemeng. Respektiv mat den Nopeschgemenge kucken, fir eng gutt Verbindung fir de Vëlo an d'Foussgänger hierzestellen.

Zur Dauer, déi ugeschwat gouf: Jo, et huet effektiv laang gedauert. Besonnesch wann ee bedenkt, datt fir esou ee Projet, dee jo jiddwereen ënnerstëtzt a wëll, u sech näischt dogéint ka schwätzen. Et ass scho verréckt, wéi laang Saachen heiansdo zu Lëtzebuerg kënnen daueren. Mee wéi sot den Här Muller, et huet laang gedauert an et ass ni ze spéit.

D'CSV stëmmt dës Konventioun, déi dëst elo erméiglecht, tëscht dem Staat, der CFL, der Ponts & Chaussées an der Gemeng mat. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Hartung. Här Schwachtgen.

**FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):**

Ech ginn dem Här Muller Recht. Deen Zäitraum tëschent dem Ofrappe vun där aler Bréck, déi jo schif iwwert d'Bunn geet, an dem Setze vun där neier Bréch misst theoreetesch kënne getimt ginn, dass d'Fermeture totale esou kuerz wéi méiglech wier. Et wier wichteg, déi Suggestioun un de Schäfferot weiderzeginn. Dass am Fong déi al Bréck esou laang fonctionéiert, bis quasi déi nei kann installéiert ginn.

Dat gesi mer bei Autobunnsbrécken. Do geschitt dat an enger Nuecht, dass den Transfert gemaach gëtt vun enger neier Bréck iwwer ee Stéck Autobunn. Vläicht wär dat hei och méiglech. Dat wier eng Suggestioun un de Schäfferot, fir dat vläicht ze studéieren an en Zäitplang ze maachen, deen deem ganze Verkéier iwwert d'Schinnen herno souwuel de Foussgänger wéi och de Vëlosfuerer géif gerecht ginn.

infoblat_072021_du_22092021_print 37 01/03/2022 11:39

# 8h. Pacte climat 2.0

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Schwachtgen. Da komme mer zum Vott.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la convention quadripartite avec l'État, l'Administration des ponts et chaussées et la Société nationale des chemins de fer luxembourgeois pour la construction d'un passage supérieur et d'un tronçon de piste cyclable pour le passage de la piste cyclable nationale PC8 entre le parking du contournement à Differdange et le PAP « Anciens ateliers » à Niederkorn.*

Villmools Merci. Fir de Punkt 8h), de Klimapakt 2.0 tëschent der Gemeng, dem Staat a myenergy, géif ech d'Wuert direkt un d'Madamm Pregno weidergïnn.

**SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Villmools Merci. Genau. Et geet hei ëm eng Tripartite Klimapakt 2.0 tëscht dem Staat, myenergy an der Gemeng. Deen neie Klimapakt war jo schonn eng Kéier hei am Gemengerot vun eisem Conseiller virgestallt ginn. Et ass esou, dass de Conseiller ëmmer een État des lieux mécht. Da gëtt ee Programm opgestallt, deen ëmgesat gëtt an all Joer sollt suivéiert ginn, gefollegt vun engem Audit an enger Zertifikatioun hannendrun.

De Klimapakt 2.0 ass eng Weiderféierung vum Klimapakt 1.0. Doriwwer eraus soll en awer vill méi Gewiicht a Wäert op déi verschidde Mesurë leeën. Well mir gesinn alleguerten ëmmer méi oft a ganz reegelméisseg, dass mer wierklech mussen eppes ënnerhuelen. Et ass näischt Neits, dat ech Iech hei zielen. Mir hunn et alleguerte gesinn, wéi mer Iwwerschwemmungen haten, dass mer wierklech mussen agéieren an eis, virun allem wat Klimawandel ugeet, endlech méi musse beweegen.

Dee Mesurëkatalog gesäit eng ganz Rei Saache vir. Ënner anerem d'Weiderféierung vum Klimateam. Do ass et vläicht vu menger Säit nach eng Kéier den Opruff un all d'Parteien ze kucken, wien hir Membere sinn an ob déi Membere gewëllt sinn, aktiv matzeschaffen. Wann deen aktuelle Member dat net ass, gëtt et jo vläicht een aneren innerhalb vun enger Partei, dee Loscht hätt, sech dorun ze bedeelegen. Mir hate jo schonn ee President drop gesat, fir dass dat e bësse méi Beweegung géif kréien. Mee ech muss awer soen, dass et nach ëmmer relativ zéi ass.

Zousätzlech gesäit de Mesurëkatalog ee Klimaschäffe an ee Klimaberoder vir, deen am Moment nach extern ass. Fir awer eng besser Handhabung ze hunn, ass deen externe Klimaberoder all Mëttwoch op der Gemeng present, well mer gemierkt hunn, dass et e bësse schwiereg war. Mer haten d'Impressioun, dass et e bësse méi lues war am Schaffen a dass mer och eng Diskrepanz haten tëschent deem, wat an der Theorie méiglech war, an dat, wat um Terrain net esou gutt funktionéiert hat. Zënter e puer Méint ass de Monsieur ëmmer mëttwochs do a kann da ganz enk mat eise Leit zesummeschaffen. Dat ass wierklech immens flott elo schonn. Et geschitt einfach méi doduerch, dass e wierklech present ass.

De Klimapakt, vläicht erënnert Der Iech nach un d'Presentatioun, ass jo a sechs Kategorien ënnerdeelt. Engersäits den Amenagement an d'territorial Entwécklung. Alles, wat d'kommunal Gebaier ugeet, d'Gestioun vun de Ressourcen, e ganz wichtegt Kapitel d'Mobilitéit, déi intern Organisatioun, d'Kommunikatioun an d'Kooperatioun…

Innerhalb vun deene sechs grousse Iwwerkapitele fënnt ee lauter ënnerschiddlech méi kleng Mesuren, déi herno zur Zertifikatioun wäerte leede mat verschiddene Gewiichtungen, déi herno verschidde Gemenge mat Bronze, Sëlwer oder Gold wäerte labeliséieren.

Et ass ee ganz wichtege Schratt, wat de Klimawandel ugeet. Dofir froen ech hei fir Ënnerstëtzung a wär frou, wann Der dee Punkt géift matstëmmen. Villmools Merci.

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *passe au pacte climat 2.0 conclu entre la Ville de Differdange, l'État et myenergy.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *rappelle que le nouveau pacte climat a déjà été présenté au conseil communal par un conseiller. Celui-ci dresse un état des lieux et élabore un programme. À la suite d'un audit, la commune obtient ensuite une certification.*

*Par rapport au pacte climat 1.0, le pacte climat 2.0 met plus de poids sur les mesures. Il est temps d'agir contre le changement climatique comme le montrent les inondations.*

*Le catalogue de mesures prévoit la reconduction du Klimateam. Laura Pregno demande aux partis de s'assurer que leurs membres sont disposés à travailler activement au sein de l'équipe. Le président de la commission a déjà lancé un appel semblable, mais ce n'est pas évident.*

*Le catalogue prévoit aussi la présence d'un échevin au climat et d'un conseiller climatique, qui est actuellement un expert externe. Celui-ci vient désormais à l'hôtel de ville tous les mercredis pour accélérer les choses. Le collège échevinal a en effet remarqué une différence importante entre ce qui est possible et ce qui est réalisé. La collaboration se passe vraiment bien pour le moment.*

*Le pacte climat est subdivisé en six catégories : l'aménagement et le développement du territoire, les bâtiments publics, la gestion des ressources, la mobilité, la communication et la coopération. Ces chapitres comprennent des mesures plus petites, dont la réalisation mène à la certification. La commune peut obtenir le label de bronze, d'argent ou d'or.*

*Laura Pregno demande au conseil communal d'approuver le pacte climat 2.0.*

# 8h. Pacte climat 2.0

**ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK)** *trouve que le pacte climat est un outil extrêmement important pour inciter les gens à participer à la politique sur le climat.*
*Quelle ambition la Ville de Differdange se donne-t-elle ?*
*Il existe plusieurs niveaux de certification. Une des nouvelles catégories du pacte climat concerne la participation des citoyens. Ne pourrait-on pas inclure des externes dans le Klimateam au lieu de se limiter à des experts ? On pourrait même créer des groupes de travail dans les différentes catégories.*
*Eric Weirich approuvera le projet.*

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)** *se réjouit de l'arrivée du pacte climat 2.0 et du fait que le collège échevinal ait décidé d'y participer.*
*Les écologistes voudraient que le Klimateam soit plus dynamique. Madame Pregno a fourni quelques explications à ce sujet. De toute façon, quand beaucoup de gens travaillent sur un même dossier, ce n'est jamais facile.*
*George Liesch croit avoir compris que le conseiller climatique est une personne externe, mais que l'objectif est de recruter quelqu'un à moyen terme. Il estime qu'un employé de la commune aurait moins de mal à réaliser son travail.*
*En tout cas, il se dit heureux de la participation de la commune. Il espère que celle-ci obtiendra le plus haut niveau de certification.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *explique que les socialistes sont pour la protection de l'environnement. Mais ils ont des questions.*
*Pourquoi le collège échevinal a-t-il choisi un conseiller climatique externe au lieu de recruter quelqu'un ?*
*En 2021, le nombre maximal d'heures allouées en conseil est de 456. Qu'en est-il des prochaines années ?*
*À combien les dépenses vont-elles se chiffrer ?*
*Le contrat porte sur dix ans, c'est-à-dire du 1er janvier 2019 au 31 décembre 2030. Cela dépasse une période de législature.*
*Qui a réalisé le catalogue des mesures ? Le ministère ? Pour Erny Muller, il est clair qu'il faudra pré-*

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madamm Pregno. Här Weirich.

**ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK):**

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Merci och Madamm Pregno fir déi Erklärungen. Dat heiten ass en immens wichtegen Outil, fir iwwert déi nächst Joren och d'Biergerinnen an d'Bierger aus der Gemeng an d'Klimapolitik mat anzebannen. Oder souguer Klimaupassungspolitik, vun där mer mëttlerweil éischter schwätzen.

Ech wollt froen, wat mer eis als Ambitioun ginn als Gemeng. Dir hutt déi véier verschidden Zertifikatiounen erwäänt, déi et elo gëtt. Et ass jo elo eng bäikomm am Pacte Climat 2.0. An eng vun deene sechs Kategorien ass wierklech ganz drop ausgeriicht, fir d'Leit anzebannen. Do kann een zum Beispill e Klimateam mat Externer besetzen. Net just mat Experten. Et kann een Aarbechtsgruppe grënne fir déi sechs grouss Theemefelder. An et wär mäi Wonsch, dass mer wierklech deen Tool notzen, dee Pacte Climat 2.0, fir och d'Leit aktiv an eis Klimapolitik mat anzebannen.

De Rescht ass absolutt ënnerstëtzenswäert. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Weirich. Här Liesch.

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):**

Merci. Mir begréissen dat heiten natierlech och. Mir si frou, dass de Klimapakt 2.0 endlech do ass. Vun deem jo scho vill och geschwat gouf. An dass mer erëm kënne matmaachen. Dass de Schäfferot sech bereet erkläert huet, dat nach eng Kéier matzemaachen. Dat ass eng immens gutt Saach.

Mir wären natierlech och frou, wa mer méi Dynamik géifen erakréien. D'Madamm Pregno huet d'Erklärungen dozou ginn. Dass dat net ëmmer esou einfach ass, well einfach vill Leit un deenen Dossiere musse schaffen.

Wann ech dat richteg verstanen hunn, ass de Klimaberoder elo mol extern an dat mëttelfristegt Zil ass, fir een internen ze kréien. Wou ech der Meenung sinn, dass dat vill Schnëttstelle besser ka bedéngen, wann een en Internen huet, deen also d'Leit kennt, deen d'Servicer kennt, dee weess wéi d'Weeër op der Gemeng funktionéieren, wéi een Externen, dee sech do nach muss eraschaffen.

Mir sinn op jidde Fall ganz frou, dass d'Gemeng matmécht. An hoffen, dass mer ganz séier op dem Goldniveau sinn.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Liesch. Här Muller.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Am Numm vun der LSAP wëll ech Stellung huelen a virausschécken, dass mir als LSAP och fir Klimaschutz stinn. Mir hätten awer nach e puer Froen zu dësem Kontrakt.

Eng éischt Fro betrëfft de Conseiller Climat. Den Här Liesch ass schonn drop agaangen. Gëtt et e spezielle Grond, firwat de Schäfferot sech fir en externe Beroder decidéiert huet, woubäi d'Méiglechkeet vun engem interne Beroder och ginn ass?

Weider gesi mir, dass am Kontrakt fir 2021 e Maximum vu 456 Stonne Berodung festgeluecht ass. Wéi verhält sech dat fir déi kommend Joren? A mat wivill direkten an indirekte Käschten ass an deene kommende Joren ze rechnen?

Wat mech perséinlech iwwerrascht huet, ass déi laang Lafdauer vum Kontrakt bis 2030. Dat sinn am Ganzen zéng Joer. E gëtt réckwierkend op den 1. Januar 2019 applizéiert. Am Text steet och: „Sans possibilité de renouvellement au 31 décembre 2030". Wat trotzdeem ee ganz laangt Engagement ass. Wäit iwwer eng Legislaturperiod eraus.

Zum Catalogue des mesures an der Annex 4, wann een deene Rechnung dréit: Wien huet dëse Katalog erstallt?

infoblat_072021_du_22092021_print 39 01/03/2022 11:39

# 8h. Pacte climat 2.0

Ass dat alles exklusiv vum Ministère ënner 2.0 mat agefloss? Da musse mer awer eng etlech Zommen an de kommende Budgeten aplangen. Wann Der sot, datt mer elo endlech musse virukommen, ass dat och mat enger Partie Geld verbonnen. Da misst dat och an de Budgeten an deenen nächste Jore mat ageplangt ginn. Mam Resultat, dass mer dann awer definitiv eng gréng Mustergemeng ginn.

Dat waren nach déi puer Froen. Et ass mir ee grousst Fragezeichen. Et ass immens vast. Wann ech déi Mesurë kucken am Dossier, ëmfaasst dat praktesch alles, wat d'Gemengepolitik ubelaangt. Vun A bis Z, géif ech bal soen. Wann Der mer vläicht kënnt eng Äntwert ginn dorop. Mir ware jo schonn um Pacte Climat 1.0 bedeelegt. Elo geet et awer e grousst Stéckelche méi wäit. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Muller. Den Här Meisch.

**FRANÇOIS MEISCH (DP):**

Ech ka mech menge Virriedner uschléissen. Am Klimapakt 1.0 hu mer jo scho relativ gutt ofgeschloss. Mir si frou, datt dat elo weidergefouert gëtt nach e bësse méi explizitt. Mir wënschen eis natierlech, wéi Dir warscheinlech och alleguerten, datt mer Gold kënnen usteieren an dat dann och erreechen. Dat war et schonn. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Meisch. Madamm Pregno.

**SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Villmools Merci. Ech probéieren op d'Froen ze äntweren. Firwat de Kontrakt op zéng Joer. De Klimapakt ka just funktionéieren, wann et Vision-à-long-termë sinn. An da fannen ech zéng Joer nach relativ begrenzt. Dat ass jo eppes, wat à long terme muss uviséiert ginn. Et gëtt einfach Saachen, déi een net vun haut op muer geännert kritt. Et soll ee sech awer Visioune ginn an natierlech ee Wonsch festsetzen, wou ee wëll ukommen. Jee méi fréi een do ass, desto besser. Mee ech denken, dass ee just duerch Outilen, déi een à long terme ka steieren, dohinner kënnt. Vun dohier ass déi Zäit definitiv berechtegt.

D'Käschten, déi op eis duerkommen, sinn natierlech esou grouss, wéi mir se wëlle grouss hunn. Wat mir méi Saachen ëmsetzen, wat mer natierlech och musse méi am Budget virgesinn. Ech mengen, dass mir als Gemeng awer do wäerten déi néideg Accente setzen, fir dass mer och weiderhin an deem Gedanken, an deem bis elo souwisou scho geschafft ginn ass, kënne weiderschaffen.

Wann ech dann héieren, dass de Fränz seet, dass mer solle Gold kréien, denken ech, datt mer eis och déi Outile musse ginn an d'Méiglechkeete ginn, dass mer dat Gold erreechen. Quitte dass net alles just iwwer Sue muss a soll gemaach ginn. Ech mengen, dass all eenzelne Bierger all Dag scho vill kann dozou bäidroen. Do denken ech un d'Gestioun vu Ressourcen: Waasser, Energie… Ech denken un d'Mobilitéit. Dat si jo alles Saachen, déi eis net vill kaschten. Wann ech de Krunn zoudréien, wärenddeem ech meng Zänn botzen, huet dat mech als Gemeng näischt kascht. Dann huet et mech kascht, dass ech de Bierger vläicht dorop sensibiliséieren. Dat sinn déi kleng Saachen, déi een am Alldag ka maachen. Dat ass déi Theorie vun deene klenge Schrëtt.

Firwat mer een externe Beroder hunn, ass einfach. Eis Leit sinn am Moment nach net fit genuch, dee Klimapakt 2.0 ëmzesetzen. Dir sot selwer, datt dat eng Hellewull u Mesuren ass.

Eis Leit am Service écologique schaffe jo net just um Klimapakt. Se schaffe jo och nach un anere Saachen. Nichts desto trotz hu mer awer eng Persoun, déi ganz no mat deem externe Klimapaktberoder zesummeschafft. Ech hoffen, dass déi Persoun dann zäitno fit ass, fir dat och iergendwann ze iwwerhuelen. Dat ass u sech de Wonschgedanken, deen hannendru stécht. Wat awer warscheinlech och heescht, dass mer de Service écologique anerwäerteg opstocke mussen. Well déi Persoun aktuell nach un Dossiere schafft, muss jo dat vun engem aneren erëm iwwer-

*voir des fonds conséquents dans les années à venir. Car si comme l'a dit madame Pregno, il faut avancer, cela va couter de l'argent. Differdange va devenir un modèle écologique.*
*Bref, Erny Muller voit un gros point d'interrogation. Le catalogue de mesures est si vaste qu'il englobe tous les domaines de la politique communale. La Ville de Differdange a participé au pacte climat 1.0, mais la nouvelle version va bien plus loin.*

**FRANÇOIS MEISCH (DP)** *signale que Differdange s'en est bien sortie dans le cadre du pacte climat 1.0. Les démocrates espèrent que la commune pourra obtenir le label d'or.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *explique que le contrat porte sur dix ans parce que le pacte climat ne peut fonctionner qu'à long terme. Elle trouve que dix ans, c'est même relativement court. Certaines mesures ne peuvent pas être réalisées du jour au lendemain. Malgré cela, il faut avoir une vision et il faut essayer de la réaliser le plus vite possible.*
*Les frais seront aussi élevés que la commune le souhaite. Plus la Ville de Differdange réalisera de mesures, plus cela coutera cher. Laura Pregno estime que la commune continuera à mettre les accents là, où c'est nécessaire.*
*Monsieur Meisch demande la médaille d'or. Dans ce cas, la commune doit s'en donner les moyens. Mais ce n'est pas qu'une question d'argent. Chaque citoyen peut y contribuer en gérant l'eau ou l'électricité. Fermer le robinet d'eau quand on se brosse les dents par exemple, ne coute rien à la commune. C'est ce qu'on appelle la théorie des petits pas.*
*Actuellement, la commune a besoin d'un conseiller climatique externe parce que les employés ne sont pas encore capables de mettre en place les mesures seuls. En plus, le service écologique a aussi d'autres tâches que le pacte climat. Cependant, un employé travaille plus spécifiquement avec le conseiller. Laura Pregno espère que cet employé pourra s'occuper de tout le projet. À ce*

*moment-là, il faudra sans doute renforcer le service écologique.*

**FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)** *se réjouit des remarques de madame Pregno.*
*Il constate que « Fridays for Future » se plaignent que les anciennes générations — notamment celles au gouvernement et dans les conseils communaux — ne vont pas assez vite, qu'elles dépensent l'argent ailleurs et qu'elles ne pensent pas suffisamment à l'avenir. Le pacte climat 2.0 porte sur dix ans. Ce n'est rien du tout. En matière de neutralité carbone, on réfléchit sur vingt ou trente ans. Et si on ne commence pas à investir massivement et à changer nos habitudes, les inondations, les tempêtes et les sècheresses vont couter bien plus cher. Le moment d'agir est arrivé.*

**ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK)** *constate que monsieur Schwachtgen a mentionné les « Fridays for Future », des jeunes qui s'engagent en faveur de l'environnement. Leur prochaine manifestation aura lieu vendredi matin à 10 h à Luxembourg-ville.*
*De toute façon, il est trop tard pour réfléchir en termes d'argent. Nous n'avons plus le choix. Le calendrier sur dix ans coïncide avec le PNEC, le plan national de l'énergie et du climat, visant à réduire les émissions de $CO_2$ de 55 % en 2030 et d'atteindre la neutralité en 2050.*
*Les scientifiques sont unanimes : il faut mettre en place des mesures massives pour 2030. C'est le moment d'investir. Autrement, il sera trop tard.*
*(Vote)*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *ajoute qu'il s'agit d'un dossier qui concerne tout le monde. La commune donne une belle image d'elle en se lançant sur cette voie.*
*Christiane Brassel-Rausch passe Esch2022.*

holl ginn. Mee ech denken, dass do och nach Méiglechkeete sinn.

Dat waren d'Äntwerten.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madamm Pregno. Här Schwachtgen.

**FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):**

Ech wollt elo net d'lescht Wuert hunn an deem Dossier. D'Madamm Pregno huet jo alles gesot. Ech sinn och immens frou iwwert déi Aussoen.

Mir sinn eis all eens doriwwer. „Fridays for Future" soen zu Recht zu där Generatioun, déi elo um Rudder ass, an der Regierung sëtzt an an de Gemengeréit sëtzt, déi vorwiegend méi eng al Generatioun ass – ech ziele mech natierlech dozou –, dass mer net séier genuch fueren, dass mer ze vill knécken, dass mer d'Suen op anere Plazen ausginn an dass mer net laangfristeg un d'Zukunft denken. Am Pacte climat 2.0 ass wierklech och déi laang Visioun – zéng Joer ass näischt. Mir schwätze vu Kuelen-, CO2-Neutralitéit och an 20-, 30-Joer-Echelonen.

Ech mengen, wa mir net massiv ufänken, Suen auszeginn an och eist Verhalen ze änneren, kréie mer dat, wat mer vläicht an deene leschte Joren ufänken ze erliewen. D'Nofollgekäschte vun de Schied vu Stuermfluten, vu Stierm oder vun Dréchente si gigantesch par rapport zu deem, wat mer kënnen asetzen, fir méi lues ze maache mat der Klimaschiedegung. An deem Sënn wëll ech dat och als Message verstoen, dass mer mussen handelen. An dass eis näischt ze schued däerf sinn, an déi Richtung weiderzegoen als Gemeng. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Schwachtgen. Här Weirich.

**ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK):**

Ech erlabe mer just nach kuerz ze komplettéieren, wat den Här Schwachtgen elo sot. En huet gesot „Fridays for Future". Dat sinn eeben déi Jonk, déi sech fir d'Klima asetzen. Iwwregens e Freideg de Moien an der Stad um zéng Auer ass déi nächst Manifestatioun vu „Fridays for Future„, déi Éischt säit dem Ausbroch vun der Kris vum Covid.

Ech mengen, dass et elo net en Entweeder-Oder ass oder eng Diskussioun iwwert d'finanziell Mëttelen, déi mer eis ginn oder net ginn. Mir hunn einfach kee Choix. Mir mussen einfach Suen an de Grapp huelen an elo reagéieren, ier et einfach ze spéit ass. Déi Lafzäit vun zéng Joer, dat heescht bis 2030, coincidéiert jo och mam PNEC, mam nationale Klima- an Energieplang, wou mer eng éischt Deadline 2030 hunn, fir eis $CO_2$-Emissiounen ëm 55 % ze reduzéieren als Lëtzebuerg, respektiv als Europäesch Unioun, fir Klimaneutralitéit ze erreechen 2050. All Wëssenschaftler seet, mir hu bis 2030, fir wierklech massiv géigenzesteieren. Soss ass et ze spéit. Mir hu schonn eng Rëtsch Kipppunkten iwwerschratt. Et ass wichteg, elo ze investéieren. Soss ass et ze spéit. Den Här Schwachtgen huet dat och gesot. Ech wollt dat just nach eng Kéier ënnersträichen. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Weirich. Wann et keng Wuertmeldung méi dozou gëtt, géife mer zum Vott kommen.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le contrat tripartite Pacte climat 2.0avec l'État et le GIE myenergy.*

Ech soen Iech villmools Merci. Dat do ass een Dossier, deen eis all betrëfft, wéi et elo scho gesot ginn ass. Als Gemeng wäerte mer gutt do stoen, wa mer eis op deem Wee engagéieren.

Fir de Punkt 8, d'Konventioun am Kader vun Esch 2022, géif ech d'Wuert un den Här Ulveling weiderginn.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Merci, Madamm Buergermeeschter, Dir Dammen, Dir Hären, ech weess elo net, inwiefern ech elo nach eng Kéier ganz in extenso soll op all déi Projeten agoen, well mer déi jo den 28. Juni am Hall O offiziell virgestallt haten.

Mir hunn och ee flotte Clip gedréit, deen Der nach zougestallt kritt, fir e bësse Reklamm fir alles dat ze maachen, wat am Kader vun 2022 hei zu Déifferdeng soll stattfannen.

Et sinn 30 Projeten, déi iwwert d'Joer verdeelt d'nächst Joer wärten am Kader vun Esch 2022 hei an der Gemeng stattfannen. Déi Projete kann een opdeelen a Projete vu Geschicht, Natur, Patrimoine, Theater, Danz, Spectacle vivant – do hu mer der 11 – Musek – 3 –, Film a Literatur – 3 –, Design – 8 –, Architektur – 9 – an Autres – 3. Am Ganze sinn et 30 Projeten.

Wéi Der feststelle kënnt, maache mir als Gemeng Déifferdeng sechs Projeten. Dat huet ee Gesamtkäschtepunkt vun 939.000 Euro. Vun deenen 939.000 Euro gi mer subventionéiert vun Esch 2022 an enger Héicht vun 359.000 Euro. Soudass d'Gemeng Déifferdeng fir déi Projeten eleng 580.000 Euro – ech hunn et elo ofgeronnt – wäert bäileeën. Déi aner Projeten, 24 un der Zuel, kaschte 578.000 Euro als Subsid fir d'Gemeng Déifferdeng. Soudass mer am Fong 1.158.000 Euro bäileeë wäerte fir dee ganzen Esch 2022. Woubäi mer jo net nëmmen dat maachen. Mir maache jo och nach de Gîte d'étapes, deen eis och wäert eng 650.000 Euro kaschten. Soudass mer insgesamt budgetär fir Esch2022 eng Zomm vun 1.850.000 Euro virgesinn hunn, fir eeben dat do ze subventionéieren.

Am Ganzen hu mer dräi Konventioune mat Esch2022 an 23 Konventioune mat externe Projetsträger. Ee Projet, wou mir eng Koproduktioun mat der Gemeng Diddeleng maachen an dräi Projeten, déi mir als Gemeng zousätzlech maache wäerten. An engem internen Aarbechtsgrupp, wou eis Gemeng vertruede war, ass eng Konventioun ausgeschafft gi mat Esch 2022, déi op eis ugepasst ginn ass an och juristesch iwwerpréift gouf vum Ministère de l'Intérieur.

Dir hutt iwwer Cloud déi aner Konventiounen eropgeluede kritt. Eng Presentatioun mat enger klenger Beschreiwung vun all Projet, en iwwersiichtlechen Excelsfichier, wou opgelëscht ass, wivill mir als Gemeng bäisteieren an och wivill Esch 2022 oder aner Partner fir de Projet bäisteieren. Dir hutt do wierklech een exzellenten Dossier, wou all Projet e bësse beschriwwen ass a senger Substanz an dann och wat et kascht a wie wat bäigëtt. Dat kann een alles eroflueden. D'Chifferen hunn ech genannt. Dass mir als Gemeng Déifferdeng eis Esch2022 iwwert d'Projeten eleng 1.163.000 Euro kaschte loossen, plus de Gîte d'étapes.

Dat wär et. Ech ginn net op alles an. Dir hat d'Geleeënheet, wéi gesot bei där Presentatioun dobäi ze sinn, wou all Projet virgestallt ginn ass. Dat war extra dofir gemaach ginn, fir dass Der konnt zu deem Moment scho Kontakt huele mat de Projetsträger, wann Der Froe gehat hätt. Dat ass en long et en large deemools virgestallt ginn. Dat brauch ech elo hei net ze maachen. De Rescht hutt Der alles op der Cloud.

Ech wëll vläicht nach just soen, wien alles do matmécht, well een dat ëmmer vergësst. D'Gemengen aus Lëtzebuerg sinn d'Gemenge Beetebuerg, Déifferdeng, Diddeleng, Esch, Monnerech, Bascharage, Keel, Péiteng, Rëmeleng, Suessem a Schëffleng. An déi aus dem Grand Est, Audun-le-Tiche, Aumetz, Boulange, Ottange, Rédange, Russange, Thil a Villerupt. Dat sinn déi Gemengen, an deene sech Esch2022 haaptsächlech wäert ofspillen d'nächst Joer. Offiziell soll et Mëtt Februar lassgoen. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Ulveling. Madamm Wohl.

**NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG):**

Et geet hei ëm d'Konventioun am Kader vun Esch2022. Am Ganzen ass de Käschtepunkt 1.159.000 €. D'Hallschent ass Gemengeprojeten, d'Hallschent extern Projeten.

**TOM ULVELING (CSV)** *ne sait pas s'il a besoin de revenir en détail sur tous les projets, car ils ont été présentés officiellement le 28 juin au Hall O. La commune a fait réaliser un clip vidéo chouette sur le programme differdangeois.*
*Trente projets vont se tenir à Differdange dans le cadre d'Esch2022 dans les domaines de l'histoire, la nature, le patrimoine, le théâtre, la danse, le spectacle vivant… La Ville de Differdange en organise six.*
*En tout, les frais se chiffrent à 939 000 €, dont 359 000 € sont subventionnés par Esch2022. Les projets de la commune coutent 580 000 € et les autres 578 000 €. En tout, la Ville de Differdange dépensera 1 158 000 € pour Esch2022 auxquels s'ajoutent 650 000 € pour le gite d'étape.*
*La Ville de Differdange a conclu 3 conventions avec Esch2022 et 23 conventions avec des prestataires externes. Un projet est coproduit avec la commune de Dudelange.*
*Un groupe de travail a élaboré une convention avec Esch2022 approuvée par le ministère de l'Intérieur. Tous les documents se trouvent sur le Diffcloud. Le dossier est excellent. Tous les projets y sont décrits et chiffrés. Tom Ulveling répète que les projets pour Esch2022 couteront 1 163 000 € à la Ville de Differdange sans compter le gite d'étape.*
*Il ne veut pas rentrer dans les détails parce que les conseillers communaux ont assisté à la présentation. S'ils le souhaitaient, ils pouvaient poser des questions aux prestataires. Tous les projets ont été discutés en long et en large. Inutile d'y revenir aujourd'hui.*
*Tom Ulveling mentionne toutes les communes participant à Esch2022 : Bettembourg, Differdange, Dudelange, Esch, Mondercange, Käerjeng, Kayl, Pétange, Rumelange, Sanem et Schifflange, auxquelles s'ajoutent des municipalités du Grand-Est comme Audun-le-Tiche, Aumetz, Boulange, Ottange, Rédange, Russange, Thil et Villerupt. Officiellement, Esch2022 commencera à la mi-février.*

**NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG)** *rappelle que les frais se montent à*

*1 159 000 €, dont la moitié pour des projets communaux et le reste pour des projets externes. Parmi les projets communaux figurent Diff-Mix, Lommelshaff ou Pimp my Access(ibility) — un projet visant à mettre en valeur les rampes dans la commune. Un appel à projets a été lancé pour trouver des artistes disposés à présenter ces rampes de manière créative. La Jugendkonschtwoch sera développée.*
*Pour clôturer Esch2022, Paul Schumacher du 1535° organisera une projection sur le plafond de l'église de Lasauvage, où seront installées des chaises longues.*
*La Ville de Differdange versera les subventions en deux tranches : une tranche de 70 % à la signature du contrat et une tranche de 30 % lors du décompte final, qui ne doit pas dépasser les 30 % prévus.*
*Le projet de la mine Renkert a été abandonné. Les écologistes demandent au collège échevinal de reprendre les discussions à ce sujet. Pour le reste, ils sont satisfaits du programme et remercient tous les acteurs — en particulier Lynn Bintener.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *rappelle que le subside total pour la Ville de Differdange s'élève à 1 159 000 € alors que les projets coutent 6,3 millions d'euros en tout. La commune s'en sort donc bien, d'autant plus que le gite d'étape est un projet à part.*
*Vingt-quatre projets ont obtenu l'accord d'Esch2022. Six sont organisés par la Ville de Differdange, dont quatre sont subventionnés partiellement par Esch2022.*
*Mis à part le projet « European Music Festival », le programme ne comprend pas de projet évènementiel. Erny Muller va présenter le point de vue des socialistes. Ils souhaitaient la réalisation d'au moins une infrastructure culturelle importante et durable, qui aurait pu être utilisée au-delà d'Esch2022. Des sites comme le centre pour visiteurs du Fond-de-Gras s'y seraient prêtés. Ce centre doit être réalisé en partenariat avec la commune de Pétange. Une manifestation aura lieu au Lommelshaff. Mais Erny Muller regrette le manque de concept pour l'intérieur. Le collège échevinal aurait aussi pu décider de restaurer le*

Zu de Gemengeprojete gehéieren der sechs, wéi den Här Ulveling gesot huet. Dozou gehéiert den Diff-Mix, wou d'Populatioun mat agebonne ginn ass. De Projet Lommelshaff. Ganz interessant ass de Pimp my access(ibility), wou mam Sing-Loon op eng kreativ Manéier op d'Rampen an der Gemeng opmierksam gemaach gëtt. Déi, déi gutt an déi, déi manner gutt funktionéieren. Do ass jo och een Appel à Projet eraus, fir dass d'Kënschtler dat kënne kreativ gestalten. D'Jugendkonschtwoch gëtt méi grouss opgezunn.

Als Ofschloss vun Esch2022 ass eng Projektioun um Plaffong vun der Kierch zu Lasauvage virgesinn. De Projet gëtt vum Paul Schumacher aus dem 1535° gemaach. A fir d'Projektioun um Plaffong kënnen ze genéissen, wäerte Ligestill installéiert ginn, soudass een och eppes dervun huet.

Wärend Esch 2022 an dräi Tranchë bezuelt gëtt, ginn d'Subventioune säitens der Gemeng an zwou Tranchë bezuelt. Eng Tranche vu 70 % ab der Signature vum Kontrakt, fir dass d'Artisten hire Projet richteg starten a realiséiere kënnen. Eng zweet Tranche vun normalerweis 30 % gëtt duerno bezuelt, ofhängeg vum Bilan, deen agereecht gëtt. Déi 30 ursprénglech Prozenter sollen net depasséiert ginn.

Allerdéngs ass elo, wat Esch 2022 ubelaangt, de Projet Minn Renkert net méi dran. Virdrun hat den Här Ulveling dat kuerz erwäänt. Mir als Gréng fuerderen de Schäfferot op, déi Diskussioune vläicht nach eng Kéier opzehuelen.

Am Allgemengen ass et esou, dass mir ganz zefridde si mat deenen heite Kontrakter an dass mir déi stëmmen. Mir soen een décke Merci un all d'Acteuren, déi involvéiert sinn. Ee ganz décke Merci un d'Lynn Bintener, dat de Courage, d'Ausdauer an d'Capacitéit huet, fir esou ee Projet ze leeden.

Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madamm Wohl. Här Muller.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Als LSAP hätte mir zu dëse Konventioune respektiv am Kader vun Esch2022 Folgendes ze soen. Et ass e Subside total vun 1.159.000 Euro virgesi fir d'Gemeng Déifferdeng. Deem entgéint setze mer ee Chiffre total vu 6,3 Millioune fir déi ganz Projete mat de Produktiounskäschten an de Gesamtvolume vun de Prestatiounen. Wann een dat esou einfach zueleméisseg kuckt, kann ee soen, dass mer weesentlech méi erauskréie wéi dat, wat mer selwer dran engagéieren. Dat anert mam Gîte ass eng extra Saach. Dat ass jo en dauerhafte Projet.

Am Ganze sinn et 24 Projeten, déi direkt den Accord vun Esch 2022 kritt hunn am Kader vun der Selektioun. Sechs lafen dann ënner der Gemeng Déifferdeng. Fairerweis muss een awer soen, dass och nach véier deelweis subventionéiert gi vun Esch 2022.

Wann ee mol vum Projet European Music Festival ofgesäit, ass kee richtegen événementielle Projet dobäi. Wat jo awer och heiansdo interessant ass, fir op deem Niveau eppes ze maachen.

Ech wëll kuerz vun der Geleeënheet profitéieren, fir d'Vue vun der LSAP zu Esch 2022 fir Déifferdeng duerzestellen. D'LSAP hätt sech virgestallt – an ech hat et mengen ech scho gesot –, op d'mannst eng gréisser Investitioun an eng nohalteg an nach vläicht iwwer Esch2022 eraus notzbar Infrastruktur ze plangen, wou d'Kultur am Minett an déi sozial Komponent vun der Populatioun duergestallt géif ginn. Hei vermësse mer eng gewësse Visioun.

Et gëtt eng Partie Gebailechkeeten, respektiv Sitten, déi heifir géeegent wären. Engersäits de Besucherzentrum am Fonds-de-Gras, wou jo ee Projet sollt realiséiert ginn interkommunal, zesumme mat der Gemeng Péiteng. De Lommelshaff, wou een awer muss soen, datt op d'mannst eng Manifestatioun am externe Kader vum Lommelshaff ass. Leider hu mer bannenan nach keen direkt Konzept, wéi et sollt virugoen. Dann hätt ee kënnen eventuell iwwert d'Restauratioun vum Thillebiergstadion, een historesche Patrimoine, kucken, an déi Richtung eppes ze maachen. Dëse kritt nämlech am Kulturjoer 2022 100 Joer.

# 8i. Esch2022

Als Lescht wëll ech nach op d'Gebailechkeete vun der Groussgasmaschinn a vum Science Center agoen. Eng Iddi, déi elo 14 Joer schonn zréckläit. 14 Joer sinn dat schonn hier, dass mer déi éischte Kéier iwwert d'Groussgasmaschinn am Gemengerot geschwat hunn.

Ech verstinn, dass dat ee vun deene komplizéiertste Projeten ass mat engem héijen Invest a mat villen Acteuren. Dass een do net esou einfach virukënnt, kann ech och verstoen. Et hätt mech perséinlech zwar gefreet, wa mer op d'mannst eng kleng Manifestatioun op dësem Site hätte kënnen organiséieren.

Net zu lescht bleiwen zwee Projeten ze erwänen, déi een als nohalteg Infrastruktur ka benennen. Dir hutt et gesot, Här Ulveling, dat ass engersäits d'Kierch zu Lasauvage an anerersäits de Gîte, respektiv d'Logementer fir Tourismus op der Place Saintignon. Dat ass een éischten Usaz an déi Richtung, wéi mir et e bësse méi gesinn hätten. En dauerhaften Invest an eng Infrastruktur, schonn eleng fir en Zeechen ze setzen, dass eppes Bleiwendes vun Esch 2022 zu Déifferdeng ass.

Wat elo déi Projeten ubelaangt, muss ech soen, datt mir se ënnerstëtzen an hoffen op deen néidege Succès fir Déifferdeng a fir de Süden. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Muller. Den Här Meisch an dann den Här Weirich.

**FRANÇOIS MEISCH (DP):**

Merci, fir d'Wuert. Mir si frou, dass d'Projete fir d'europäesch Kulturhaaptstad Esch 2022 endlech kënne weider geplangt ginn. Inhaltlech sinn ech e bëssi enttäuscht. Net vill Projete rappe mech wierklech vum Hocker. Virun allem den Événementiel kënnt ganz schlecht ewech. Do hu mer zu Déifferdeng schonn aner Saachen erlieft. Ech schwätze vu grousse Volleksfester, wou een eng ganz Partie vu lokalen Acteure mat abanne kéint, oder vun internationale Concerten…

Schued ass et, dass ee vun den Haaptprojeten, d'Minn Renkert, net kann ëmgesat ginn. Do dann den Opruff un ArcelorMittal, hir Decisioun vläicht ze iwwerdenken. A wann och net elo, dann awer mëttelfristeg vläicht eng adaptéiert Versioun vum Projet kéint Realitéit ginn.

Merci all de Leit, déi sech asetze fir d'Kultur zu Déifferdeng. Och eise Servicer, déi dat mat ëmsetzen.

Op de finanzielle Volet ginn ech elo net an. Mir begréissen déi nohalteg Projeten zu Lasauvage. Nichts desto trotz stëmme mer déi Konventiounen, dass elo um Detail ka weider gefeilt ginn. Mir freeën eis op Esch 2022 zu Déifferdeng an doriwwer eraus. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Meisch. Här Weirich.

**ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK):**

Merci, Madamm Buergermeeschter, ech géif déi Propositioun och ënnerstëtzen, wat d'Minn Renkert ugeet – wat d'Madamm Wohl sot a wat den Här Meisch widderholl huet –, dass ee vläicht nach eng Kéier Gespréicher ophëlt. Et ass effektiv schued, dass déi elo ewechgefall ass. Vläicht kann een dat iergendwéi méi spéit nach eng Kéier entwéckelen. Dat géif ech absolutt ënnerstëtzen.

Pour le reste sinn ech frou, dass mer haut kënnen déi Konventiounen hei stëmmen am Gemengerot. Esch2022 war bis elo ee laange Wee, eng relativ schwéier Gebuert. Et goufe Problemer mat den Droits d'auteur. Dat schéngt jo da gekläert ze sinn. Soss wären d'Konventiounen net ënnerschriwwe ginn. Et war och e bëssen ee Kampf, fir déi extern Subventiounen ze fanne fir d'Kënschtler. Si hu musse 50 % selwer fanne bei privaten oder aneren institutionellen Investoren. Dat schéngt jo och alles geklappt ze hu mat deene Projeten, déi mer haut hei virleien hunn.

Ech war bei der Presentatioun dobäi am Hall O virun e puer Méint, wou mer d'Projeten alleguerte virgestallt kruten. Dat war en immens flotten

*stade du Thillenberg dans le cadre de son centenaire en 2022.*
*Enfin, Erny Muller mentionne les bâtiments de la grande machine à gaz, dont il a été question pour la première fois il y a 14 ans. Il se rend compte de la complexité de ce projet. Mais il aurait voulu que l'on organise au moins une manifestation sur ce site.*
*Les deux seuls projets durables sont l'église de Lasauvage et les logements de la place Saintignon. C'est ce type de projets que les socialistes auraient voulu voir davantage. C'est-à-dire des investissements dans des infrastructures durables marquant Esch2022 à Differdange.*
*En attendant, ils soutiennent le programme.*

**FRANÇOIS MEISCH (DP)** *se réjouit que les choses avancent, mais il se dit un peu déçu. Peu de projets l'enthousiasment. Differdange est habituée à mieux en matière d'évènements comme des fêtes populaires ou des concerts internationaux.*
*François Meisch regrette que le projet de la mine Renkert ne puisse pas être réalisé. Il exhorte ArcelorMittal à revoir sa position. Peut-être pourra-t-on un jour réaliser une version adaptée de ce projet.*
*Il remercie tous ceux qui s'engagent pour la culture à Differdange.*
*Il ne souhaite pas revenir sur le volet économique, mais salue le projet de Lasauvage, qui est durable. Les démocrates approuveront la convention, qui peut encore être peaufinée.*

**ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK)** *soutient ce qu'ont dit madame Wohl et monsieur Meisch concernant la mine Renkert. Il faut essayer de reprendre les négociations. Eric Weirich espère que le projet pourra être réalisé prochainement.*
*Il se dit heureux de pouvoir voter cette convention aujourd'hui. L'organisation d'Esch2022 n'a pas été facile. Il y a eu des problèmes de droits d'auteur, qui ont finalement été résolus. Trouver des subventions pour les artistes externes n'a pas été évident non plus. Ils ont dû s'adresser à des investisseurs privés pour rassembler 50 % des fonds.*

*Mais apparemment, tout cela a fonctionné.*
*Eric Weirich a assisté à la présentation des projets au Hall O. La soirée était bien organisée. Il remercie madame Bintener et toute l'équipe qui a participé à cette belle soirée. Déi Lénk soutient les projets d'Esch2022,*

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)** *constate que le terme « art » est vague. Pour lui, un projet durable peut être autre chose qu'un bâtiment ou une œuvre d'art. Une pièce de théâtre, par exemple, peut être durable, car elle reste dans la mémoire des spectateurs. La même chose est vraie pour un concert.*
*Georges Liesch se dit enthousiaste de la variété de projets. Il trouve cela plus important que de rénover un bâtiment ou d'ouvrir un musée. Le programme l'a agréablement surpris.*
*Par ailleurs, le projet du gite d'étape à Lasauvage est parfaitement durable. Mais les autres sont également excellents. L'évènementiel n'est pas au premier plan, mais cela démontre qu'aucun domaine n'est privilégié. Le programme se compose d'un mélange de projets et forme un tout vraiment chouette.*

**TOM ULVELING (CSV)** *ajoute que construire des bâtiments subventionnés ne fait pas partie de la philosophie d'Esch2022. Monsieur Liesch a raison sur ce point. Le slogan est « Remix », car les gens et les projets doivent se mélanger.*
*Tom Ulveling se dit déçu du fait que peu d'associations differdangeoises participent à Esch2022. Certaines avaient prévu de le faire, mais remplir le dossier de candidature était compliqué. Malgré cela, trente projets auront lieu à Differdange. Cela représente en moyenne plus d'un projet toutes les deux semaines.*
*En ce qui concerne la mine Renkert, tout était prêt. Mais au dernier moment, l'ITM a trouvé que l'entrée de la mine n'était pas sécurisée à 100 %. Le collège échevinal a contacté le directeur de l'usine à ce sujet, mais sans succès. Le collège échevinal a fait ce qu'il a pu, mais ArcelorMittal a dit non. C'est dommage. La commune pourra*

Owend. Et war gutt organiséiert. Et war eng gutt Iddi, fir esou een Abléck ze kréien an d'Projeten. Och vu menger Säit ee Merci un d'Madamm Bintener, d'ganz Ekipp an alle Leit, déi dorunner geschafft hu fir dee flotten Owend an dee ganzen Asaz, fir déi Esch-2022-Projeten ugoen ze kënnen. Vun déi Lénk aus absolutt grouss Ënnerstëtzung fir déi heite Projeten. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Weirich. Här Liesch.

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):**

Ech wollt dat, wat den Här Weirich gesot huet, och eng Kéier ënnersträichen.

Ech hu vläicht eng aner Lektür vun de Projeten. Konscht ass ee vage Begréff. Wann ech d'Virriedner esou héieren, dass se nohalteg Projete vermëssen, ass fir mech nohalteg net nëmmen, wat herno als Gebailechkeet oder als Kultur iergendwéi bestoe bleift. Wann ech mer en Theaterstéck ukucke ginn, ass dat fir mech e kulturell nohaltege Projet. Et ass a menger Memoire, an der Memoire vun deene Leit, déi sech dat ukucke gaange sinn, an an der Mémoire collective. Dozou gehéiert och ee Concert. Also ech gesinn dat e bësse méi differenzéiert.

Bei der Presentatioun vun de Projeten, war ech op jidde Fall ganz begeeschtert vun där grousser Panoplie. Dat war fir mech méi wichteg, wéi elo ze gesinn, dass mer X Gebaier renovéieren oder dass do e Musée entstéing. Dat hätt ech mer elo zum Beispill net gewënscht. Ech fannen dat e bëssen dréchen. Ech war wierklech positiv iwwerrascht iwwert d'Villfältegkeet vun de Projeten, déi presentéiert gi sinn. Dat ass fir mech am Fong méi wichteg, wéi dass mer elo vill nohalteg Saachen hunn.

Nichts desto trotz, fannen ech dee Projet, dee mer elo grad zu Lasauvage maache mam Gîte absolutt nohalteg. Mee déi aner Projete fannen ech op jidde Fall awer immens gutt. Den Evenementiel stécht net eraus, mee et ass eebe grad dat, wat ech gutt fannen. Et ass näischt vun de Projeten, wat erausstécht. Et ass wierklech e gudde Mix vun differenzéierte Projeten. An dat Ganzt zesummen ass, fir mech jiddefalls, ee ganz flotte Programm fir Déifferdeng.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Här Liesch. Merci, Här Ulveling.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Erlaabt mer e bëssen ze reagéieren op dat, wat gesot ginn ass. Et läit net an der Philosophie vun Esch2022, fir elo do grouss Gebaier opzeriichten an déi da vun Esch2022 subventionéieren ze loossen. Et ass éischter dat, wat den Här Liesch elo gesot huet. Et heescht jo och Remix. D'Leit solle sech mëschen, verschidde Saache solle sech mëschen.

Ech sinn och e bëssen enttäuscht, muss ech éierlech soen, dass net méi Déifferdenger Veräiner matmaachen. Am Ufank haten der e puer gesot: „Mir maache mat". Duerno war et awer relativ komplizéiert, fir sech ze mellen an d'Dossieren auszefëllen. Do hu sech der vill ofschrecke gelooss. Mee op där anerer Säit hu mer awer 30 Projeten. A wann ee weess, dass ee Joer nëmmen an déi 50 Wochen huet, weess een, dass am Duerchschnëtt all zwou Wochen een anere Projet virgestallt gëtt.

Ech war natierlech ganz traureg wéinst dem Projet Minn Renkert. Do war fënnef vir zwielef. Et war alles an der Rei. ArcelorMittal war ëmmer iwwerall dobäi, d'ITM war dobäi, alles war ganz kloer bis op eemol een e Veto ageluecht huet. D'ITM hat op eemol fonnt, et wären e puer Meter am Aganksberäich net 100 %eg sécher. Déi géifen zwar net zesummefalen, mee awer. Mir sinn dunn intervenéiert, net nëmmen direkt bei ArcelorMittal, mee och iwwert den Direkter vum Wierk. Deen ass souguer zréckgebootscht ginn, wat hie sech do géif amëschen. Dat wier net säi Béier.

Mir hu wierklech alles versicht, fir dee Projet um Liewen ze halen, well mer en och gutt fonnt hunn. Dat war jo och eppes wat nohalteg gewiescht wär. Mee wéi gesot, Arcelor huet do kloer Nee gesot. An ech mengen net, dass mer do elo weiderkommen. Et deet mer leed. À

moins, dass d'Leit eng Kéier changéieren. Da kann een erëm eng Kéier uklappen. Mee à ce stade, mengen ech net.

Dem Här Muller wëll ech soen, dass mer net däerfe vergiessen, dass, niewent all deene Saachen, déi am Kader vun Esch2022 stattfannen, mir och e Blues Express wäerten hunn. Dass mer och wäerten e Steampunk hunn. An och d'Musekschoul wäert mat 2.000 Kanner optrieden a sangen. Wat jo awer och flott Saache sinn.

Den Här Muller huet sech e bëssen ageschoss op de Lommelshaff, Thillebierg a Science Center. Lommelshaff ass ee schwieregen Dossier. Mir haten immens vill Iddien. Mir haten immens vill Leit kontaktéiert. Mir ware souguer bei de Minister gepilgert, fir ze froen, ob mer kéinten eng Hotelschoul draus maachen. Déi kënnt elo op Suessem, hu mer gëschter oder virgëschter héieren. Mir haten awer Iddien, fir dat do ze beliewen. Leider si se net duerchkomm. Elo hu mer aner Iddien. Déi wäerten dann och iergendwann eng Kéier virgestallt ginn.

Thillebierg ass och een Dossier, deen net einfach ass. Iwwerall do, wou Der mat Sites et Monuments zesummen am Boot sëtzt, geet dat net esou einfach, wéi wann een eleng ass. Da kann ee maachen, wat ee wëll. Mee hei muss een, bei all Schrëtt, deen ee mécht, Mutter, Mutter darf ich? froen an da geet et eréischt virun.

Mam Science Center, Här Muller, hat ech och laang Diskussiounen. Déi haten e Projet, dee se an der grousser Gaszentral wollte maachen am Kader vun Esch2022. Et war ee Projet zesumme mam Sites et Monuments. Ronderëm déi Kierchefënsteren aus der Déifferdenger Kierch huet dee sech gedréit. Am leschte Moment hu se deen dunn zréckgezunn.

Mee de Schäfferot huet jo awer schonn x-mol gesot, dass mir zu deem Science Center stinn an dass mir och bereet sinn, eis Responsabilitéit ze iwwerhuelen. Mir gesinn, dass dat eppes fir Déifferdeng wäert bréngen a bréngt. Dat ass d'Zukunft. Mir sinn ëmmer nach a Gespréicher mam Science Center. Mir hunn elo signaliséiert kritt, dass e Projet an de Regierungsrot géif goen am Oktober oder November. Soudass effektiv kann ugefaange ginn, richteg ze plangen. Well bis elo hat jo ëmmer jiddwereen nëmme seng Desiderata gesot, mee et ass ni richteg eppes op Pabeier komm. Elo schéngt et awer esou ze sinn.

Ech hat Iech et schonn eng Kéier gesot, als Gemeng solle mer eventuell iwwerleeën, fir e Commitment ze maachen, fir eng gewëssen Zomm budgetär an enger éischter Phas an eng Reserv ze setzen, fir wann et dann esouwäit ass, wann déi Sue géife gebraucht ginn, dass een déi dann net misst op ee Coup opbréngen, mee dass een dat schonn iwwert d'Jore virdrun ugespuert hätt. Dann deet dat manner wéi, wéi wann een an engem Joer op eemol an engem Budget misst e puer Millioune labber maachen. Dat war dat, wat ech nach wollt soen. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Villmools Merci, Här Ulveling. Ech wëll zwou Saachen drunhänken. Bei deene Versammlunge war ech och ëmmer derbäi. Souwuel wat de Science Center ubelaangt, wéi wat de Lommelshaff ubelaangt. Ech kann awer elo hei wierklech eppes ënnerstraichen. Am Oktober sinn ech elo zwee Joer am Amt. Nodeems am Lommelshaff jorelaang näischt geschitt ass, si mir zwee Joer amgaang, sondéieren a kucken ze goen, wat méiglech ass. Wat kënne mer maachen?

Et geet jo net duer, e Projet dohinner ze setzen, just fir fir Esch2022 e Projet ze hunn. Et geet jo drëm, dass de Lommelshaff der Stad Déifferdeng a sengen Awunner herno zegutt kënnt. Vun der Hotelschoul iwwer Projet hei an iwwer Projet do. Et ass net wouer, dass keng Iddien do sinn. Dat nächst, wat gemaach gëtt, ass eng Etüd, déi amgaang ass. Eng Étude de faisabilité. Wat dierfe mer iwwerhaapt vun der Statik hier? Wat kënne mer? Wat kascht dat eis, wa mer dës Iddi ëmsetzen oder déi aner Iddi? Wat wëlle mer investéieren? Et ass jo awer sécher net fir näischt, dass fënnef Joer näischt un deem Lommelshaff gemaach ginn ass. Wëll ech elo wierklech soen. Zwee Joer si mer wierklech intensiv mam Lommelshaff amgaang.

*faire une nouvelle tentative quand il y aura d'autres personnes.*
*Tom Ulveling rappelle à monsieur Ulveling que le Blues Express et le Steampunk vont aussi avoir lieu. Deux-mille enfants de l'école de musique vont tenir un concert.*
*Le Lommelshaff est un dossier complexe. Le collège échevinal avait beaucoup d'idées — notamment celle d'une école hôtelière. Mais finalement, une telle école ouvrira à Sanem. Le collège échevinal a d'autres idées qu'il présentera le moment venu.*
*Le dossier du Thillenberg n'est pas évident non plus, car l'Administration des sites et monuments y est mêlée. Celle-ci doit donner son accord pour toutes les transformations.*
*Le Science Center voulait, quant à lui, réaliser un projet dans la centrale à gaz en partenariat avec l'Administration des sites et monuments, mais il a retiré la candidature au dernier moment. De son côté, le collège échevinal est disposé à prendre ses responsabilités et soutenir le Science Center, qui est important pour l'avenir de Differdange. Il sera question du projet au Conseil d'État d'octobre ou novembre. Jusqu'à présent, chacun a exprimé ses souhaits, mais rien n'a été retenu sur papier.*
*Tom Ulveling a déjà proposé de déposer chaque année un certain montant dans un fonds spécifique pour éviter de devoir verser quelques millions d'euros d'un coup le moment venu.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)**
*a assisté à toutes les réunions concernant le Science Center et le Lommelshaff. Elle est bourgmestre depuis deux ans. Et si auparavant, rien n'a été fait au Lommelshaff pendant plusieurs années, depuis deux ans, les réflexions à ce sujet se multiplient. Mais la commune ne peut tout de même pas organiser un projet pour Esch2022 juste pour en avoir un.*
*Les idées concernant la future affectation du Lommelshaff sont nombreuses. Prochainement, la commune fera réaliser une étude de faisabilité pour savoir quels types de projets sont possibles d'un point de vue statique. Les projets ont*

*aussi un cout qu'il faudra évaluer. C'est pour toutes ces raisons que le projet n'a pas avancé. Mais depuis deux ans, les choses bougent.*

*La même chose est vraie du Science Center. Comme l'a dit monsieur Ulveling, le collège échevinal attend de connaitre les subventions du ministère. La Ville de Differdange a l'intention de soutenir le projet. Christiane Brassel-Rausch le répète depuis un an et demi. Le Science Center est important pour la commune. Il faut déterminer comment et à quels chiffres participer.*

**GUY TEMPELS (CSV)** *croyait qu'ArcelorMittal allait céder les obligations relatives aux mines à l'État. Ils ne devraient donc plus être en mesure de prendre des décisions concernant la mine Renkert prochainement.*

**TOM ULVELING (CSV)** *répond que la commune pourra entamer de nouvelles discussions à ce moment-là. Mais actuellement, elle a tout essayé — y compris en passant par des intermédiaires.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *revient sur les propos de la bourgmestre concernant les années où rien n'aurait été fait au Lommelshaff. Les socialistes n'étaient pas là il y a cinq ans.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *se plaint de la pression à laquelle elle est soumise.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *rappelle que les mêmes partis sont au pouvoir depuis dix ans. L'opposition ne peut pas être responsable du manque d'action.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *répète qu'on lui dit tout le temps que le projet Lommelshaff n'avance pas. Mais depuis son arrivée, beaucoup a été fait même si elle n'a encore rien à montrer.*

**TOM ULVELING (CSV)** *précise que les propos de la bourgmestre n'étaient pas une attaque.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *ajoute que le collège échevinal*

A mam Science Center genau esou. Komescherweis ass deen elo virukomm, och an deene leschten zwee Joer. Mir sinn elo mëttlerweil ganz no beim Zil. Mir kucken, wéi den Här Ulveling gesot huet, wann et an de Regierungsrot geet, wat d'Ministèrë bäiginn. Mir mussen elo just kucken inwiefern – an do gitt Dir jo gefrot souwisou – d'Gemeng Déifferdeng gewëllt ass, ee Projet matzedroen. Mir si gewëllt. Dat hunn ech och scho virun annerhallwem Joer gesot. Dee Projet ass wichteg fir Déifferdeng. Wat mir eis elo erlabe kënnen a wat méiglech ass, bleift ze klären. Net méi spéit wéi nächste Freideg wäerte mer schonn erëm ee klenge Schrëtt weider sinn an deem Dossier.

Et dauert. Sorry. Mee et ass net, dass mer näischt maachen. Dat ass mer ganz wichteg ze soen.

Här Tempels.

**GUY TEMPELS (CSV):**

Ech wollt just zur Minn Renkert soen: Ass net de Mittal amgaangen déi ganz Obligatiounen, déi zu deene Minnen do gehéieren, un de Staat ze iwwerginn? Wéi ech dat emol matkritt hunn. Soudass, wann dat sollt duerchgoen, Mittal do eigentlech aus dem Renne wär.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Da sinn aner Leit do. Da kann ee vläicht erëm eng Kéier uklappen. Mee de Moment, wéi gesot, hunn ech alles versicht, iwwer Zwëschemänner, iwwer Leit, déi am Conseil sëtze vun Esch2022, déi bei Arcelor schaffen, iwwert den Direkter vun der Schmelz, iwwert d'Madamm vu Real Estate, fir ze soen, iwwerleet Iech et. Mee do war näischt ze maachen.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Här Bertinelli.

**FRED BERTINELLI (LSAP):**

Madamm Buergermeeschtesch, ech wollt eppes nofroen, well ech Iech net esou richteg verstanen hunn. Dir hutt virdru gesot, datt all déi Joren näischt geschitt ass mam Lommelshaff. An datt elo säit zwee Joer déi Saachen… Et ass jo awer net un eis, wou déi Adress do geet? Well mir waren net do viru fënnef Joer.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Nee. Ech kréien ëmmer Drock gemaach.

**FRED BERTINELLI (LSAP):**

Am Schäfferot sëtzen déiselwecht Leit an déi selwecht Parteie säit 10 Joer. Also kënnt Der elo net maachen, wéi wann d'Oppositioun e bësse schëlleg wier, datt näischt geschitt wier.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Nee.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Ech hunn dat och net esou gesot, Här Bertinelli. Ech hu just gesot, ech kréie vun all Säit Drock gemaach, dass mat deem Lommelshaff näischt geschitt. An dogéint wieren ech mech. Zënter zwee Joer gëtt intensiv un deem Lommelshaff geschafft. Just, dass mer Iech näischt kënne liwweren. Dat war elo guer net géint Iech. Mee et sinn net déi nämmlecht Leit.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Et war géint keen.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Awer net déi nämmlecht Leit.

Den Här Schwachtgen nach.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Petite différence.

# 8j. 1535° Creative Hub

**FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):**

Eppes ganz anescht. Ech si ganz zefridden, wéi eise Spriecher scho gesot huet, mam Programm ausser, wat ech bedaueren, d'Minn Renkert. Wat och ee vu mengen Dadaen ass. Do muss ee vläicht au plus haut niveau vun ArcelorMittal intervenéieren, fir vläicht Beweegung nach dran ze kréien. Vläicht kann een dat probéieren.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Et ass ze spéit fir 2022.

**FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):**

D'accord. Dat ass kloer.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

De Projet ass offiziell zréckgezu ginn.

**FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):**

Sécher. Kloer.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Do waren effektiv seriö Subside schonn an Aussiicht gestallt ginn. Mee leider...

**FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):**

Ech verstinn, dass eng Deadline ass an dass et da leider näischt gëtt fir de Moment. Also en attendant.

Ech wollt awer och eppes nach erageheien, dat leider héchstwarscheinlech och näischt méi gëtt an dat ech awer vun Ufank un och gesot hunn. Mir hu Relatiounen, wat d'Zesummesetzung vun de Gemengen ubelaangt. Den Här Ulveling hat éinescht gesot, de Pro-Sud wier ganz derbäi. Dat sinn déi eelef Gemengen. Dann hu mer de CCPHVA, den Haut Val d'Alzette mat de Fransouse vun Audun-le-Tiche. Mir hunn zënter Joren och eng Zesummenaarbecht opgebaut mam TNT, den Territoire Naturel Transfrontalier. Eise Gedanken am TNT war, iergendwéi déi Gemengen och un Esch2022 mat Déifferdeng unzekoppelen. Wa mer elo d'Kaart kucken, ass op der Kaart grafesch visuell näischt ze gesinn, dass mer do e klengen Territoire nach op der offizieller Kaart hätten. Et ass mer awer ëmmer verséchert ginn, souwuel vun de Responsabel vun Esch2022 wéi och hei an der Gemeng, dass mer sollte probéieren, den Territoire Naturel Transfrontalier iergendwéi mat anzebauen, well mer mëttlerweil awer och op d'Ënnerstëtzung lues a lues vun der Regierung kënnen zielen an deem Projet.

Dofir wier ech frou, wann de Schäfferot, respektiv déi responsabel Leit, och géife kucken, ob mer net déi iwwert eng Joint Venture, déi iwwer Lasauvage géif lafen – mer hu jo Projeten do – am Fong deen Territoire kéinten e bësse mat abannen an och kéinten an eiser Werbung an an eiser Kommunikatioun matabezéie fir Esch2022. Ënner wéi enger Form, à voir. Dat wier e Wonsch, deen ech nach derzou wéilt bäisetzen. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Schwachtgen. Solle mer zur Ofstëmmung kommen? Okay.

(Ënnerbriechung)

D'Kontrakter, jo. Ech hat Iech jo gesot, mir ware laang amgaang, se ze ënnerschreiwen. All Kontrakt eenzel ënnerschriwwen. Wannechgelift net eenzel ofstëmmen.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les conventions dans le cadre du programme de Capitale européenne de la culture Esch2022.*

Villmools Merci fir déi flott Diskussioun. Elo komme mer zum Punkt 8j). Dat sinn am Fong zwou Saachen. Dat eent ass einfach eng Informatioun: Notification d'une résiliation d'un contrat am 1535°. Dat huele mer zur Kenntnis.

Dat anert ass en Avenant vun engem Contrat de bail. Dat ass en Avenant fir

*n'était pas composé des mêmes personnes.*

**TOM ULVELING (CSV)** *estime que cela fait tout de même une petite différence.*

**FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)** *est satisfait du programme, mais regrette que le projet de la mine Renkert n'ait pas abouti. Le collège échevinal pourrait-il intervenir aux plus hauts étages d'ArcelorMittal ?*

**TOM ULVELING (CSV)** *répond qu'il est trop tard pour 2022. Le projet a été retiré officiellement. Des subsides importants avaient pourtant été mentionnés.*

**FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)** *comprend qu'il y a un calendrier à respecter.*
*Il revient sur un point, dont il a déjà parlé dès le départ et pour lequel il est sans doute aussi trop tard. Monsieur Ulveling a expliqué que les 11 communes du Prosud prenaient part à Esch2022 en plus du Haut Val d'Alzette et d'Audun-le-Tiche. Mais Frenz Schwachtgen aurait voulu que le Territoire naturel transfrontalier soit un partenaire de Differdange. Sur le plan, il ne trouve aucune indication que le TNT soit inclus. Pourtant, des efforts lui avaient été promis par les responsables d'Esch2022 et la commune. Il demande une nouvelle fois au collège échevinal de prévoir un partenariat entre Lasauvage et les communes de l'autre côté de la frontière afin de promouvoir ce territoire. La forme de ce partenariat reste à définir.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *passe au vote.*
*(Interruption)*
*Christiane Brassel-Rausch précise que tous les contrats ont été signés séparément. Elle propose de les voter en bloc.*
*(Vote)*
*Christiane Brassel-Rausch passe au point 8 j. Le premier contrat concerne une résiliation au 1535°.*
*Le deuxième est un avenant au contrat du Sonotron avec Unison. L'équipe d'Unison avait obtenu un contrat temporaire, le temps de faire ses preuves. Mais avec la CO-*

# 9a. Règlement des taxes, tarifs et prix

*VID-19, elle n'a pas pu le faire réellement. C'est pourquoi le contrat sera renouvelé sur la base des contrats habituels pour le 1535°. La bourgmestre ajoute que l'équipe est jeune et bien intégrée.*

*La programmation du Sonotron sera publiée dans une brochure et dans le DIFFMAG.*

*(Vote)*

*Christiane Brassel-Rausch passe au point 9, la modification des taxes pour le Dinola, les cours de sport et le stationnement.*

*(Interruption)*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *va présenter les modifications l'une après l'autre.*

*Le Dinola était un projet pilote et ne figurait donc pas dans le règlement des taxes. Le Dinola fonctionne bien malgré quelques pépins. Il est arrivé que le bus soit en retard ou qu'on oublie d'aller chercher quelqu'un. Mais la commune essaie d'améliorer les choses. Les horaires et la disponibilité ont aussi été adaptés. Le collège échevinal écoute ce que les séniors ont à dire et réagit en conséquence.*

*Inscrire le Dinola dans le règlement des taxes au prix de deux euros par trajet va permettre de renforcer ce projet.*

**ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK)** *souhaite quelques précisions.*

*Le site internet de la commune explique que le Dinola est destiné aux séniors, aux femmes enceintes et aux personnes temporairement invalides. Ne faudrait-il pas inscrire tout cela dans le règlement des taxes ? C'est confus.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *répond que cela est fixé dans les règlements, mais pas dans le règlement des taxes.*

de Sonotron, dee mat Unison geschloss ginn ass virun zwee Joer. Dee leeft den 30. September 2021 aus. Dat ass eng jonk Ekipp gewiescht, deen Unison. Dofir hate se kee Kontrakt kritt wéi déi aner alleguer, well gesot gi war, se sollte sech fir d'éischt beweisen a behaapten. Elo ass et awer esou, dass duerch Covid se sech weeder konnte beweisen nach behaapten. Soudass mer op e Kontrakt mat hinne gi wéi all déi aner Locatairen am 1535°. Et ass eng jonk Ekipp, déi sech gutt integréiert huet an déi engagéiert ass. Dofir géif ech Iech bieden, dass mer fir si deen nämmlechte Kontrakt kënnen opstelle mat Avenant, dee vu Joer zu Joer verlängert gëtt, wa se dann d'Chance iwwerhaapt kréien, sech ze beweisen.

Ech weess net, ob déi Broschür schonn eraus ass, wat alles am Sonotron stattfënnt. Mee dat wäert spéitstens am Diffmag oder op eis Internetsäit kommen. Déi si ganz aktiv. An deem Sënn bieden ech Iech, fir dee Kontrakt hei ze stëmmen, dee sech dann uleent un all déi aner Kontrakter aus dem 1535°.

Da komme mer zum Vott a soen Iech Merci.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver l'avenant au contrat de bail avec la société Unison Studios au 1535° Creative Hub.*

Ech soen Iech Merci. Mir kommen zum néngte Punkt. Do geet et ëm Modifikatioune vun Taxen. Mir hunn de Ruffbus an den Dinola. Mir hunn d'Taxe Cours de sport-loisirs a mir hunn d'Taxe de stationnement. Wëllt Der iwwer all eenzel ofstëmmen? Solle mer alles mateneen ofstëmmen?

(Ënnerbriechung)

Da stëmme mer se eenzel of. Madamm Pregno, wgl.

**SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Villmools Merci. Vu dass eenzel driwwer ofgestëmmt gëtt, presentéieren ech se eenzel. Dat ass méi einfach, fir d'Linn ze halen.

Déi éischt Tax, déi am Taxereglement bäikomm ass, ass déi fir de Ruffbus Dinola. U sech war dat ee Pilotprojet. Soudass déi Tax net am Taxereglement festgehale gouf. Et ass awer elo un der Zäit, dee Projet ze festegen. Mir hu ganz gutt a ganz flott Erfarunge mam Dinola, och wann net ëmmer alles klappt. Dat soen ech och ganz kloer. Et sinn heiansdo Mësselen, wou mol eng Persoun do stoung an net ofgeholl gouf oder och emol ee klenge Retard war. Mee do si mer awer ëmmer hannendrun, fir dass dat verbessert gëtt, dass déi Saachen net méi geschéien. Et sinn och kleng Adaptatioune gemaach ginn, wat d'Horairen oder d'Disponibilitéit vum Bus ubelaangt. Mir wëlle méi op d'Demande vun de Senioren agoen. An och déi Remarken, déi d'Leit um Terrain eis ginn, huele mer eis zu Häerzen.

An ech mengen, doduerch dass mer den Trajetspräis vun 2 Euro an d'Taxereglement schreiwen, mir einfach dee Projet weiderhin am Stadliewe vun Déifferdeng wäerte festegen. Villmools Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Här Weirich.

**ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK):**

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Merci och, Madamm Pregno. Ech hunn eng kleng Verständnisfro zum Dinola. Am Dokument an der Cloud steet Dinola tout court mam Präis. Op eisem Site steet, dass dat sech haaptsächlech un d'Seniore riicht mat der Ausnam vu schwanger Fraen a mat der Ausnam vu Leit, déi eng temporär Invaliditéit hunn. Meng Fro wär, ob een net misst an den Taxen och ernimmen, dass et net onbedéngt fir jiddwereen ass. Oder ass et awer fir jiddwereen? Dat war e bësse konfus.

**SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Ech loosse mer hei vun der rietser Säit zouflüsteren, dass dat an de Reglementer festgehalen ass an net am Taxereglement.

# 9a. Règlement des taxes, tarifs et prix

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci. Här Altmeisch.

**GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Madamm Buergermeeschter. Wéi mir bekannt ass, ass den Dinola-Bus immens beléift bei de Leit. Et gëtt immens dervu profitéiert. En huet eng super Resonanz fonnt. E war awer bis dato fir näischt.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Nee.

**GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Bis elo hunn d'Leit net musse bezuelen. Esou ass mir gezielt ginn. Dofir géife mir géint déi Tax vun 2 Euro stëmmen, wou mer souwisou der Meenung sinn, dass dat d'Gemengefinanzen net weesentlech verbessert. Mir sinn der Meenung, dass wann den Transport public fir näischt ass, wa mer en Diffbus hunn, dee fir näischt ass, wa mer en RGTR hu fir näischt, musse mer de Leit den Dinola Ruffbus och fir näischt zur Verfügung stellen.

(Ënnerbriechung an Diskussiounen)

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Madamm Pregno.

**SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Et ass esou, dass d'Gratuitéit vum Transport u sech net ugeduecht war am Projet. De Projet ass jo kuerz ugelaf, ier d'Pandemie komm ass. Dunn hat de Fournisseur vum Service gesot, datt si keng Suen un am Bus wéinst der Pandemie géifen huelen. Dat ass dee Moment geschitt. De Fournisseur huet einfach gesot: „Ech wëll elo déi Suen net huelen“. Do hu mir gesot als Gemeng, mer géifen dat einfach elo gratis maachen, fir d'Saach einfach ze halen. Well wéi funktionéiere mer soss? Dat klappt jo dann net.

Ech fannen net onbedéngt, dass dee Service soll gratis sinn, och wann den ëffentlechen Transport gratis ass. Hei schwätze mer net onbedéngt vun engem ëffentlechen Transport. Well en ass „On demand“. Dee bréngt Iech vu konkreet engem Punkt bei een aneren. Dee bréngt Iech vun doheem bis bei de Coiffeur, wou Der dann e Rendez-vous hutt. Een ëffentlechen Transport, dee mech esou schéin op d'Plaz bréngt, gëtt et net.

Ech fannen et och par rapport zu enger Taxisentreprise net ganz richteg. Natierlech bréngen déi zwee Euro eiser Gemengekeess elo net d'Welt. Mee et ass einfach ee klenge Gest, deen een awer ka fir e super Service bezuelen. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madamm Pregno. Madamm Wohl.

**NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG):**

Mir als Gréng begréissen, dass elo festgehale gëtt, dass et eppes kascht. Dass et jo wierklech dës Kéier awer e Service sur mesure ass, géif ech soen. Ech denken, dass een dat awer kann aneschters kucke wéi en Transport en commun, un deen ee sech dann upasst. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madamm Wohl. Här Ruckert.

**ALI RUCKERT (KPL):**

Madamm Buergermeeschtesch, Dir Dammen an Dir Hären, bis elo ass d'Meenung an der Bevëlkerung, dass dee Service gratis ass. An elo kommt Dir nodréiglech, ouni virdrun iergendeng Kéier eng Erklärung ze ginn, déi elo hei gesot ginn ass, an da sollen d'Leit eppes dofir bezuelen. Dat fannen ech awer net normal.

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *sait que les gens apprécient le Dinola. Ils en profitent. Mais jusqu'à présent, il était gratuit.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *proteste.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *insiste sur le fait que les usagers ne payaient rien. Les socialistes n'approuveront pas la taxe. De toute façon, deux euros ne vont pas améliorer les finances de la commune. Les transports en commun, le Diffbus et le RGTR sont gratuits. Le Dinola ne doit pas être traité différemment.*
*(Interruption et discussions)*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *réplique que ce projet n'était pas censé être gratuit. Mais il a été lancé pendant la pandémie. Le prestataire a informé la commune que les chauffeurs ne pouvaient pas toucher de l'argent. C'est pourquoi la commune a finalement décidé de ne pas demander de l'argent au départ.*
*Laura Pregno ne pense pas que le Dinola doive être gratuit, car il s'agit d'un service à la demande conduisant les usagers à un endroit précis — par exemple chez le coiffeur. C'est ce qui le différencie des transports en commun. Le rendre gratuit ne serait pas correct non plus par rapport aux entreprises de taxi.*
*Bien sûr, deux euros ne vont pas améliorer les caisses communales, mais c'est un petit geste pour un superbe service.*

**NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG)** *approuve la taxe, car il s'agit d'un service sur mesure. Il n'est donc pas comparable directement aux transports en commun.*

**ALI RUCKERT (KPL)** *constate que pour la population le Dinola est gratuit. Et voilà que le collège échevinal demande de l'argent sans en avoir parlé précédemment. Ce n'est pas normal.*
*(Interruption de Mme Pregno)*

# 9a. Règlement des taxes, tarifs et prix

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *demande à madame Pregno de laisser monsieur Ruckert s'exprimer.*

**ALI RUCKERT (KPL)** *ajoute qu'à travers un chemin détourné, une partie des transports en commun redevient payante. Car les transports en commun peuvent être sur mesure. Le ministre des Transports va ainsi créer de nouvelles lignes de bus dans les zones industrielles pour répondre aux besoins des entreprises. Pour Ali Ruckert, il est inacceptable de demander de l'argent pour les transports publics.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *rappelle que le projet n'a jamais été gratuit. Si la population a compris autre chose, il s'agit de dommages collatéraux de la pandémie. Pour l'échevine, Dinola ne fait pas partie des transports en commun.*

**TOM ULVELING (CSV)** *ajoute que ces deux euros vont aussi inciter les usagers à ne pas appeler le Dinola pour rien. En plus, dans les autres communes, les services comme celui-ci ne pas gratuits non plus.*
*Tom Ulveling rappelle par ailleurs que la commune a offert des bons de deux euros pour Dinola. Il était donc clair que ce bus n'était pas gratuit. Madame Pregno a expliqué que les chauffeurs ne voulaient pas toucher l'argent en pleine pandémie. Cela ne veut pas dire que le collège échevinal veuille introduire une taxe en cachette.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *rappelle que les séniors de plus de soixante ans ont reçu deux tickets de deux euros pour le Dinola. Celui-ci n'a jamais été gratuit.*
*(Vote)*
*Christiane Brassel-Rausch passe au sport pour tous.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *explique que le tarif des cours de sport passe de cinquante à soixante euros. La commune organise désormais 17 cours au lieu de 15. Chaque cours coute 3,52 €. C'est ce qui explique le nouveau prix. Ce n'est donc pas une augmentation.*
*Le premier semestre commencera le 27 septembre et le deuxième le*

(Ënnerbriechung vun der Madamm Pregno)

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Ee Moment, Madamm Pregno.

**ALI RUCKERT (KPL):**

Zweetens muss een duerch eng Hannerdier erëm een Deel vum ëffentlechen Transport bezuelen. Dir kënnt sechsmol soen, datt et e Service sur mesure ass. Am ëffentlechen Transport gëtt et eng ganz Rëtsch Services sur mesure. Services sur mesure an deem Sënn, dass elo nach dës Woch eng Pressekonferenz ass vum Transportminister, wou en op Initiativ vun enger Rei Betriber a verschiddenen Industriezonen nei Buslinnen aféiert. Dat ass e Service sur mesure fir Betriber. Dat ass net fir d'ganz Ëffentlechkeet. Dat ass fir déi Leit, déi do schaffen.

Ech fannen dat onerhéiert, wann Der elo hei erëm eppes frot fir en Deel vum ëffentlechen Transport. Well wann d'Gemeng Déifferdeng dat ubitt, ass et en Deel vum ëffentlechen Transport.

**SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Ech wëll vläicht just ganz kuerz drop äntweren, dass vun Ufank un dee Projet als net gratis lancéiert gouf. Falls dat an der Bevëlkerung als gratis ukomm ass, ass dat e Kollateralschued vun der Pandemie. Dann deet dat mer och leed. Mee ech fannen et wierklech e ganz klenge Betrag. A fir mech ass dat net Deel vum ëffentlechen Transport a fir mech och net am Kader vun der Gratuitéit. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madamm Pregno.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Et kascht zwar nëmmen 2 Euro, mee wann et näischt kascht, gëtt e bestallt an et steet keen do. Sou sinn d'Leit awer e bësse dru gehalen. Wa se bezuelen, benotze se et och. Et ass och an all aner Gemeng, wou d'Leit fir déi Servicer bezuelen, souwäit ech weess.

An et war a mengen Ae ganz kloer ëmmer gesot ginn. Well mir de Leit souguer Bonge geschenkt hunn. Do stoung drop, dass dat eng Valeur vun 2 Euro wär an et stoung ganz kloer, dass dat sollt eppes kaschten. Ech verstinn, wat d'Madamm Pregno gesot huet, dass an der Pandemie kee wollt matfueren oder Suen upaken. Dass se do gesot hunn, si wéilten dat net. Mee et ass awer elo net esou, dass mir duerch d'Hannerdier eppes Neies wëllen aféieren, wat mer ni wollte virdru maachen.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Ech fügen dobäi, dass d'lescht Joer all déi Leit iwwer 60 Joer – ech mengen, et sëtzen der jo e puer hei am Conseil –, hunn ënner anerem als Kaddo e Bong kritt, wou zwee Tickete vun 2 Euro dobäi ware fir den Dinola. Also deen ass ni als gratis ugeprise ginn. Wëll ech wierklech soen.

Da komme mer zum Vott.

*Le conseil communal décide avec 14 voix oui et 5 voix non d'adapter le règlement des taxes, tarifs et prix avec l'introduction d'une taxe « Ruffbus Dinola ».*

Villmools Merci. Da komme mer bei de Sport pour tous. Den Här Aguiar ass net do. D'Madamm Pregno wäert d'Erklärunge ginn.

**SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Villmools Merci. Et geet hei ëm d'Organisatioun, respektiv de Bäitrag fir d'Sportscoursen. Dir hutt gesinn, dass dat vu 50 Euro op 60 Euro fir déi normal Course gehuewe ginn ass. D'Erklärung ass follgend: Virdru waren et 15 Course pro Semester. Elo sinn et 17 Course pro Semester. Dat kascht 3,52 Euro pro Cours. Dat ass jo nach ëmmer d'nämmlecht bëlleg wéi virdrun. Just

# 9a. Règlement des taxes, tarifs et prix

d'Woche sinn anescht opgedeelt wéi virdrun.

Dat éischt Semester fänkt elo de 27. September un. Dat Zweet den 21. Februar. An d'Coursen dauere bis den 10. Juli. All Semester, wéi gesot, mat 17 Coursen.

Bei de Sportscourse fir Senioren, ass et wuel eng méi substanziell Héicht. Do si mer bei 35 Euro d'Joer. Dat geet e Krack méi liicht erop einfach aus deem Grond, well mer do 34 Coursen ubidden. D'Inscriptioun ass fir ee Joer. Et kascht 1,02 Euro pro Cours. Wat jo och nach ëmmer wierklech quasi gratis ass.

Villmools Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Madamm Wohl.

**NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG):**

D'Madamm Pregno huet elo scho vill gesot. Ech wollt nach soen, dass mir als Gréng et begréissen, dass d'Seniore méi eng grouss Offer kréien, wat d'Sportscoursen ubelaangt.

D'Aschreiwunge si jeeweils 17 Course pro Semester. Mir ënnerstëtzen dat.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madamm Wohl. Här Weirich.

**ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK):**

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Merci och, Madamm Pregno, fir d'Erklärung. Ech fannen de Sport pour tous eng absolutt begréissenswäert Initiativ, dass mer fir en extreem abordabele Präis Sportscoursen ubidden, eng ganz Panoplie u Sportscourse fir d'Awunner vun Déifferdeng.

Den Dag nodeems d'Aschreiwungen opgaange sinn, wollt ech mech umellen. Do war awer quasi schonn alles ausgebucht. Zemools dee Cours, fir deen ech mech wollt umellen. Dat beweist, dass dës Aktioun e Succès ass. Dat heescht: Abordabele Präis an eng Panoplie u Sportscoursen, déi mer ubidden. Dat ass absolutt begréissens- an ënnerstëtzenswäert. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Villmools Merci., Här Weirich. Dat freet eis dat do. Net, dass Der net ugeholl gi sidd. Mee dass d'Coursen esou gutt besicht sinn.

(Gelaachs)

Da komme mer zum Vott.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'adapter le chapitre « sport pour tous » du règlement des taxes, tarifs et prix.*

Merci. Fir d'Voirie, Mobilité an Taxes de stationnement ginn ech d'Wuert direkt weider un d'Madamm Pregno.

**SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Villmools Merci. Hei sinn e puer Ännerungen, déi wäerte kommen. Dohier wäert ech e puer méi laang Erklärunge gi wéi bei deenen zwou aneren Ännerunge virdrun. Dir hutt gesinn, dass all Changement am Taxereglement gréng respektiv giel markéiert ass. Gréng ass alles, wat nei bäikënnt. Giel ass wat geännert gëtt, respektiv mat Momenter ass et och duerchgestrach. Ech ginn all déi eenzel Ännerungen eng Kéier duerch. Wann herno nach Froe sinn, beäntweren ech déi natierlech gär.

Déi éischt Ännerung oder Neierung, ass d'Zon 4. Dat sinn d'Bornes de stationnement minutes. Dat si Kuerzzäitparkplazen, wat mer an enger anerer Stad hei am Süde gesinn hunn a wat eis immens gutt gefall huet. Et kann ee fir 30 Minutte gratis am Zentrum parken. Dofir gëtt eng Schleef an de Buedem geluecht. Dat heescht: Wann en Auto bäifiert, ginn LED-Luuchten an där Borne un. Déi liichte gréng. En Fonctioun vun deenen 30 Minutten, gi se erof. Wat ëmmer manner Luuchte blén-

*21 février. Les cours se poursuivront jusqu'au 10 juillet.*
*Les cours pour les séniors passent à 35 € par an. Il s'agit de 34 cours au prix de 1,02 € par cours. C'est pratiquement gratuit.*

**NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG)** *se réjouit du fait que les séniors auront davantage de choix. Chaque inscription donne droit à 17 cours par semestre.*

**ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK)** *trouve que le sport pour tous est une belle initiative proposant des cours de sport à un prix abordable.*
*Il a essayé de s'inscrire un jour après le lancement des inscriptions. Les cours étaient tous presque complets. C'est un véritable succès.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *se dit contente non pas du fait que monsieur Weirich n'ait pas pu s'inscrire, mais que les cours soient un succès.*
*(Rires et vote)*
*Christiane Brassel-Rausch passe aux taxes de stationnement.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *signale que toutes les modifications sont marquées en vert ou en jaune dans le règlement des taxes. Les points en vert représentent les nouveautés et ceux en jaune, les adaptations. Laura Pregno va les expliquer tous.*
*Les nouvelles bornes de stationnement à courte durée s'inspirent d'un système que le collège échevinal a vu dans une autre ville du sud Dans le centre-ville, un automobiliste peut se garer trente minutes. Quand une voiture est garée, une lumière DEL verte s'allume sur la borne. Au fur et à mesure que le temps passe, les lumières s'éteignent et au bout de trente minutes, les lumières passent au rouge.*

# 9a. Règlement des taxes, tarifs et prix

*Petit à petit, tous les horodateurs du centre seront remplacés. Les places de stationnement du centre-ville doivent être attractives pour inciter les gens à se rendre dans les commerces de proximité. Un roulement est nécessaire pour dynamiser le centre.*
*Le tarif des parcs de stationnement va baisser dans le centre et sur la place des Alliés. Au départ, l'idée était de demander plus dans le centre-ville et moins en périphérie. Mais cela n'a pas fonctionné. Les voitures bloquent la voie publique continuellement. Les résidents ne trouvent pas de place malgré leurs vignettes. Parallèlement, les parcs de stationnement sont vides. La baisse des prix permettra peut-être aux gens de profiter davantage des places à courte durée.*
*Au Fousbann, les locataires du 1535° ne profitent pas du parking de la place des Alliés, ce qui embête les résidents. Or la place des Alliés est vraiment proche du 1535°. Pour ce qui est du parking du 1535°, on ne pourra y stationner que 90 minutes. La première demi-heure est gratuite. Pour favoriser les restaurateurs, le parking restera gratuit à midi.*
*Le tarif préférentiel de la Diffcard est abandonné. Au départ, l'idée était de regrouper des services sur la carte et d'offrir un meilleur tarif aux résidents. Mais finalement, la Diffcard ne sert qu'à payer les parkings. Dans ce contexte, elle fonctionne bien puisqu'on peut payer rapidement, ce qui évite la formation de longues queues lors de manifestations.*
*Désormais, tout le monde pourra profiter de la Diffcard au même tarif, qu'il soit résident ou pas. Car quelqu'un venant d'une autre commune ne comprendrait pas pourquoi il devrait payer plus. En outre, le collège échevinal souhaite qu'une personne venant à Differdange y retourne plusieurs fois.*
*Le parking du Bock va disparaitre. Actuellement, il n'est pas accessible à cause du chantier et il ne rouvrira pas à la fin des travaux.*
*Le tarif du parking du CHEM est fixé à cinquante centimes par heure pour le personnel. Il s'agit d'un tarif concurrentiel par rapport à d'autres hôpitaux. Un des parkings*

ken, wat u sech ëmmer manner Minutten zur Verfügung stinn. D'Durée gëtt och affichéiert. A si gi rout, wann eeben déi 30 Minutten eriwwer sinn.

No an no ginn all eis Kuerzzäitparkingen, déi vu 15 Minutten am Moment am Zentrum jo mat esou puer roude Mënze fonctionéieren, domadder ersat. Dat, well mer der Meenung sinn, dass d'Kuerzzäitparkinge sollen attraktiv sinn. Dat motivéiert de Bierger, fir ganz schnell an den Zentrum ze kommen an de lokale Bäcker an de Metzler ze ënnerstëtzen. Fir ze verhënneren, dass d'Leit ze laang op de Parkplaze stinn a mer u sech kee Roulement an d'Utilisateure vum ëffentleche Parkraum kréien. Mir erhoffen eis doduerch, eng aner Dynamik am Stadzentrum ze kréien.

Parallel zu där Dynamik, déi mer eis setzen, an an där nämmlechter Logik, setze mer d'Tariffer vun de Parkhaiser erof. Engersäits am Zentrum, anerersäits op der Place des Alliés. Déi Tariffer ware gemaach ginn an enger Iddi vu Centre à Périphérie. Dat heescht den Zentrum soll méi deier si wéi d'Peripherie. Mat där Iddi sinn ech grondsätzlech averstanen. Dat klappt just net.

Mir hunn immens vill Autoen, déi de Stroosseraum ganz laang blockéieren, ouni dass do gewiesselt gëtt. Mir hu ganz vill Residenten, déi, obwuel se eng Vignette résidentielle hunn, net kënne vun deem Parkraum profitéieren, deen do ass. A mir hunn eebe vill Leit, déi ganz laang do stinn.

Mir hunn eis Parkhaiser, déi eidel sinn. Eis Parkhaiser si momentan net attraktiv genuch. Mir erhoffen eis elo mat enger Senkung vum Präis vun de Parkhaiser Nei Déifferdeng a Place des Alliés, dass d'Leit dora parke ginn, soudass déi Parkplazen, déi sollen dréien, och kënnen dréien. Respektiv déi, déi do si fir d'Residenten, kënne vum Resident genotzt ginn.

Am Quartier Fousbann hu mer och de Problem, dass d'Locatairë vum 1535° - well jo och dee Parking begrenzt ass am – selwer net vun der Place des Alliés profitéieren an d'Quartiersleit wierklech embêtéiert sinn. Doduerch dass mer de Präis erofsetzen, hoffe mer einfach, dass mer Flu drainéiert kréien. Well et ass jo wierklech net wäit vun der Place des Alliés bis bei de 1535°. Dass déi Leit, déi laang do sinn an do schaffen, sech do parke ginn. An de Parking, deen do ass, kritt een neien Tarif. Do kann ee maximal 90 Minutte stoe bleiwen. Déi éischt hallef Stonn ass gratis. Dee soll dréien och erëm fir d'Visiteuren, respektiv déi, déi vum Service profitéieren. D'Mëttesstonn bleift gratis, fir de Restaurantsbetrib weider ze favoriséieren. Dat ass d'Logik vun den Ännerunge vun de Parkhaustariffer.

An deem Kader huele mer och den Tarif préférentiel vun der Diffkaart ewech. D'Logik vun der Diffkaart war jo à la base, dass mer eng Kaart maache fir den Déifferdenger oder fir d'Déifferdenger Servicer ze regruppéieren op enger Kaart an den Déifferdenger Bierger domadder en Tarif préférentiel ginn. Elo ass et awer esou, vu weidere Servicer ass näischt op där Diffkaart. Si gëtt als Moyen de paiement benotzt an ass och e gär gesinnene Moyen de paiement. Virun allem wa mol eng Festivitéit, e Match oder iergendeen Turnéier ass, geet et immens schnell mat där Diffkaart ze bezuelen. Dann entsteet och keng laang Schlaang beim Automat.

Mir halen och d'Diffkaart bäi als Moyen de paiement. Mir huele just deen Tarif préférentiel ewech. Einfach an der Logik: Jidderee ka sech jo déi Diffkaart kafe goen. Egal ob Dir Déifferdenger, Suessemer oder Escher sidd. Dat heescht, am Endeffekt huet jiddereen déi Diffkaart kaf, just net déi Persoun, déi vläicht eemol op Déifferdeng komm ass. Déi, déi dann eemol kënnt, denkt se sech vläicht: „Mee elo bezuelen ech jo méi wéi all aneren. Firwat soll ech dat“? An a wéi enger Logik? Mir hätte jo gären, dass déi Persoun hir Gewunnecht ännert. Si soll eemol kommen. Mee si soll och, wannechgelift, eng zweet an eng drëtte Kéier zréckkommen. Well Déifferdeng vläicht eppes huet wat se unzitt. An eppes wat se vläicht nach eng Kéier wëll notzen.

Da vläicht eppes wat verschwënnt, ass de Parking um Bock. Deen ass chantiersbedéngt am Moment souwisou jo net accessibel an herno, och wann déi nei Schoul gebaut ass, gëtt et dee Parkraum net méi.

# 9a. Règlement des taxes, tarifs et prix

Dann hu mer de Parking zu Nidderkuer beim CHEM. Do maache mer en eenheetlechen Tarif vu 50 Cents d'Stonn fir d'Personal vum Spidol. Wat nach ëmmer immens gënschteg ass, par rapport zu anere Parkinge bei Spideeler, wou d'Personal net esou ee flotte Service huet, soen ech elo mol, wéi bei eis.

De Parking fir d'Residenten zu Nidderkuer. Do huet sech u sech näischt geännert. Et ass just, dass deen net drastoung. Am Kader vun der Renovatioun vun der Lonkescher Strooss, der Hiel, sinn eng ganz Rei Parkplazen ewechgefall. D'Residente vun Nidderkuer konnte sech dee Moment op de Parking stellen, och mat der Diffkaart. Dat ass einfach eng Kéier offizialiséiert ginn am Taxereglement.

Bei de Kontrakter bei der Locatioun vun de Parkingen, fannt Der „de petits emplacements fixes au parking couvert Parc des Sports“. Do ass et esou, dass tëschent zwou Parkplazen et haut nach esou e Coin gëtt, deen deels scho voll gestallt war mat Saache vum Locataire vun der Parkplaz riets oder lénks niewendrun. Mir offizialiséieren dee Coin andeems mer dat verlounen. Natierlech just verlounen un de Locataire vun der Parkplaz riets oder Parkplaz lénks. Mir hate bei d'Leit ugeruff, fir ze wëssen, ob se dat interesséiert. Da kënne se do nach eng Motocyclette dee Moment histellen. Dat ass bei de Leit immens gutt ukomm, fir dat nach mat ze verlounen.

Zum Schluss nach dee ganze Volet Vignettes résidentielles. Dat hu mer eng Kéier op de Leescht geholl an eis e bësse bei den Nopeschgemengen ëmgekuckt. Et ass esou, dass Déifferdeng relativ kulant war. Dat wäert net méi esou sinn.

Bis elo bestoung d'Méiglechkeet, fir sechs Autoe pro Menage op d'Vignette schreiwen ze loossen. Et ass elo esou, dass d'nämmlecht wéi virdrun déi éischt Vignette pro Stot gratis ass a fir zwee Autoen och ka sinn. Déi zweet an déi drëtt Vignettë wäerte leider ab elo just nach fir een Auto sinn. Et kann een also just nach een Auto drop schreiwe loossen. Ech mengen, ech muss net laang erkläre firwat. Mee einfach an der Iddi, dass Parkraum vill genotzt gëtt a mer net der Meenung sinn, dass e Menage onbedéngt soll sechs Autoe kënnen umellen a se op d'Vignettë setzen, ouni sech musse selwer an d'Responsabilitéit zu huelen, wou e Parkraum kritt fir deen Auto.

Mir sinn eis zwar eens, dass mer Parkraum brauchen. An och ëmmer Parkraum erëm schafen. Dass mer och enger Demande do gerecht ginn. An awer musse mer och d'Leit dozou unhalen, dass se op eng aner Mobilitéit ëmklammen. A gegeebenefalls, sech einfach och selwer ëmkucken, wou se den Auto elo stellen. Well d'Allgemengheet kann och net ëmmer dofir opkommen.

Bei de Vignettes professionelles erhéije mer d'Präisser. Och do eng Adaptatioun, well mer an der Groussregioun hei am Süde relativ bëlleg waren an och do eis Präisser e bëssen hiewen.

Zum Schluss hu mer nach d'Studentevignette, déi mer bis elo net haten. Wou awer och eng grouss Demande do ass. Si kënnen eng Vignette fir 5 Euro pro Mount ufroen, maximal fir sechs Méint, well mer jo oft Studenten hunn, déi net esou laang hei sinn. An déi kënne se awer nach renouvelléieren, wa se dat dee Moment brauchen.

Ech hunn den Tour gemaach. Ech si sécher, et kommen déi eng oder déi aner Froen. Villmools Merci fir d'Nolauschteren. Weider Explikatioune kommen dann, wa Froe sinn. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madamm Pregno. D'Madamm Wohl.

**NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG):**

Merci, fir d'Wuert. Mir als Gréng fannen d'Iddi vum neie Kuerzzäitparken interessant. D'Parkhaiser si maximal zu 80 % ausgelaascht. Et besteet also Parkraum zu Déifferdeng. Vun deenen neien Tariffer, déi e positiven Avis vun der Mobilitéitskommissioun kritt hunn, erhoffe mer eis méi eng grouss Notzung vum disponibele Parkraum. Et gëtt elo, wat d'Tariffer ubelaangt, keen Ënnerscheed méi gemaach tëscht Bierger aus der Gemeng an aus anere Gemengen.

*est destiné aux résidents de Niederkorn. Dans le cadre de la rénovation de la route de Longwy, plusieurs places de stationnement ont disparu. Les résidents de Niederkorn pouvaient recourir au parking du CHEM, par exemple avec la Diffcard. Cela est désormais officialisé dans le règlement.*
*Pour ce qui est du parc de stationnement du Parc-des-Sports, le règlement parle de « petits emplacements fixes ». Il s'agit d'un coin, où les locataires des places de stationnement entreposent des objets. Le règlement officialise ce coin, qui pourra être loué aux locataires des places à sa gauche et à sa droite. Ils pourront par exemple l'utiliser pour une motocyclette.*
*Pour ce qui est du stationnement résidentiel, Differdange était particulièrement tolérante par rapport à ses voisins puisque chaque ménage pouvait inscrire six voitures, c'est-à-dire deux par vignette. Désormais, la deuxième et la troisième vignette se destineront à une seule voiture. Le collège échevinal estime que si un ménage a besoin de six voitures, ce ménage doit prendre ses responsabilités en matière de places de stationnement. Pour Laura Pregno, il faut continuer à aménager des places de stationnement, mais les gens doivent aussi s'habituer à une autre mobilité. Tout ne peut pas être géré par les instances publiques.*
*Les vignettes professionnelles deviennent plus chères. Differdange s'aligne sur ses voisins et sur la région.*
*Le collège échevinal introduit une vignette pour les étudiants au prix de cinq euros par mois pour un maximum de six mois renouvelables.*

**NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG)** *ajoute que les parcs de stationnement ne sont remplis qu'à 80 % au maximum. Il existe donc suffisamment d'emplacements. Les nouveaux tarifs devraient permettre de les gérer plus efficacement.*

# 9a. Règlement des taxes, tarifs et prix

*La Diffcard continuera à fonctionner comme moyen de paiement. Elle permet de gagner du temps aux caisses. Par ailleurs, on peut aussi se déplacer à pied ou à vélo.*

**ALI RUCKERT (KPL)** *n'approuvera aucune de ces taxes, car pour les communistes, le stationnement doit être gratuit dans la rue et dans les parcs de stationnement. Ce serait la meilleure solution. Le collège échevinal va voir partout où le stationnement est cher. Il ferait bien de se rendre aussi dans les villes où il est gratuit. Cela l'inspirera peut-être.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *explique que certains points lui sont sympathiques. Mais cela ne permet pas de masquer le fait que la commune supprime les places de stationnement depuis des années. Le collège échevinal veut inciter les automobilistes à se garer dans des parcs de stationnement qui ne fonctionnent pas parce qu'ils sont trop éloignés ou pas assez pratiques. Les gens n'ont pas ce réflexe.*
*Le Bock tient particulièrement à cœur à Fred Bertinelli. Or le chaos y règne. Les résidents ne trouvent pas de places de stationnement et reçoivent une amende à chaque infraction. Ce n'est pas comme cela que le conseiller communal conçoit la mobilité. Il faut inciter les quartiers au calme en permettant aux gens d'y vivre avec leurs voitures.*
*Par ailleurs, Fred Bertinelli ne sait pas comment madame Pregno peut penser que quelqu'un s'entrainant au Bock ira se garer à Oberkorn. Ce qu'il sait en revanche, c'est que ces gens vont stationner dans les quartiers.*
*Le collège échevinal applique ce système depuis qu'il a refusé de construire le parking du contournement. Fred Bertinelli mentionne aussi les problèmes du Wangert. Il compare la suppression des places de stationnement à une catastrophe. Les écologistes veulent faire disparaitre les voitures de la ville.*
*Fred Bertinelli signale en outre que la Diffcard fonctionnait parfaitement. Les gens accouraient pour en obtenir une. Le conseiller ne comprend pas où le collège échevinal veut aller.*

D'Diffkaart, déi ee jo opluede kann, wäert weiderhin als Moyen de paiement bestoen a fir jiddereen erhältlech sinn. Et spuert ee vill Zäit, wann een net bei all Passage muss beim Automat stoen. Fir sech innerhalb Déifferdeng ze deplacéiere bleift natierlech weiderhin d'Méiglechkeet, ze Fouss ze goen oder mam Vëlo. Eventuell mam Vël'OK ze fueren. Dat spuert oft Zäit a Suen. Ech soe Merci. Mir stëmmen dëse Punkt.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madamm Wohl. Här Ruckert.

**ALI RUCKERT (KPL):**

Madamm Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll just ukënnegen, dass ech als Vertrieder vun der Kommunistescher Partei géint all déi Erhéijungen do stëmme wäert, well mer an der Vergaangenheet eis drop festgeluecht hunn, dass zu Déifferdeng d'Parke soll gratis sinn. Souwuel op de Stroosse wéi an de Parkhaiser. Ech mengen nach ëmmer, dass dat déi beschte Saach wär fir d'Zukunft. Dir gitt zwar iwwerall kucken, wou ee kann d'Taxen erhéijen an aner Gemengen am Süden, Dir kënnt vläicht och an aner Gemenge kucke goen, vläicht am Ausland, wou d'Parke gratis ass. Da kënnt Der Iech vläicht och do inspiréieren.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Ruckert. Här Bertinelli.

**FRED BERTINELLI (LSAP):**

Dir Dammen an Dir Hären, et si jo verschidde Saachen, déi dra sinn, déi mer ganz sympathesch sinn. Am grousse Ganze verstoppt et eppes awer net. An zwar dat, wat mer scho jorelaang soen, datt hei an eiser Gemeng e reegelrechten Ofbau vu Parkplaze gemaach gëtt. An hei ass de Beweis och dovunner. Mir dreiwen d'Leit op verschidde Parkingen, déi net funktionéieren. Entweeder well se ze wäit ewech sinn oder net esou ideal stinn, datt d'Leit dohinner fueren oder de Reflex hunn, fir dohinner ze fueren, wa se da wëllen akafe goen. Da forcéiere mer se a gewësse Parkhaiser ze fuere mat deem dote System, andeem mer dat esou maachen.

De Bock ass elo speziell, well et e Quartier ass, dee mer ganz no ass. Ech weess, datt Chaos sonnergläichen all Dag ass, wou d'Leit Vignette-residentielle bezuelen, wou dann déi eng Säit, déi Leit, déi d'Vignette residentielle bezuelen, keng Parkplaz kréien. A wa se 10 Minutten do stinn, dann och nach ee gepecht kréien, well se do stinn. Dat ass wierklech net esou, wéi ech d'Mobilitéit verstinn a wéi ech verstinn, datt een e Quartier berouegt an d'Parkplazen esou hikritt, datt d'Leit och do kënne liewen.

Ech weess och net, wéi Der dat wëllt maachen, wann nach eng Sportshal soll hikommen, déi dann och bis owes eelef Auer fonctionéiert. Wann Dir wierklech mengt, Madamm, déi géifen dann op de Parking op Uewerkuer goen an op de Fussballterrain, fir do ze parken, fir an déi dote Sportshal trainéieren ze goen, weess ech net, wéi Der Iech dat virstellt. Mee ech weess, wou déi Autoen herno stinn. Déi stinn an deenen eenzelne Quartieren.

A wann een ëmmer kuckt, säit Dir e bëssen dee System do maacht – dat ass ugaange mat deem Parking Contournement, dee mer net gebaut hunn, an dat geet riicht esou virun op de Wangert… Dee Parkraum, deen Dir ofbaut, ass einfach eng Katastroph. Et ass e Choix deen déi gréng geholl hunn, den Auto an d'Parkplaze komplett aus eiser Stad ewechzekréien. Där Meenung si mir awer net.

Hei ass elo e bëssen esou verstoppt verschidde Saachen, déi dann esou mat drakommen, och mat Taxen. Et ass näischt, wat hei an där Gemeng besser fonctionéiert huet wéi déi Diffkaart. Ech weess net, wat do net gutt soll sinn. D'Diffkaart war eppes, do sinn d'Leit eis d'Bud agelaf op der Gemeng, fir déi kënnen ze kréien. Dat war e Service, dee mer de Leit ugebueden hunn. Elo soll dat net méi fir d'Leit esou sinn. Ech verstinn net richteg, wou Der higitt.

A wann een elo déi Quartiere kuckt, wou d'Parkinge verschwannen, wat maachen d'Leit? Ech kann Iech de Beweis all fënnef Minutte weisen:

# 9a. Règlement des taxes, tarifs et prix

D'Leit huelen hir Virgäertercher ewech, rappen hir Maueren ewech a maache sech virun d'Dier eng Parkplaz. Well se virun hirer Dier keng méi kréien. Wat onerlaabt ass. Mee d'Leit maachen et awer, well se es einfach genuch hunn. Bei mir an der Strooss sinn der dräi, déi einfach hir Maueren ewechrappen a sech virun d'Dier eng Parkplaz maachen. Well se es einfach genuch hunn, datt se virun hirer Dier keng Parkplaz méi hunn.

Wann dat de Wee ass, wou mer wëllen higoen, mengen ech, datt et dee falsche Wee ass. Datt mer de Leit eng Méiglechkeet sollte ginn, fir ze parken. Soss – dat hu mer schonn eng Kéier am Budget gesot – musse mer de Leit ganz kloer soen: Wëllt Der op Déifferdeng wunne kommen, hutt wannechgelift keen Auto. Dat heescht, wann Der en Auto hutt an Dir hutt keng Garage.

Déi Jonk alleguerte kënne sech keng Garagë leeschten. Déi hunn hir Autoen op der Strooss stoen, mee et gëtt ëmmer méi onméiglech, fir dat hinzekréie mat där Politik, déi Dir maacht. Et ass einfach onméiglech ginn, fir en Auto virun der Dier stoen ze loossen. Ech weess et. Ech erliewen et all Dag. Et ass chaotesch an et ass mat Stress verbonnen. Et huet mat Sträit mat den Noperen ze dinn, wou d'Noperen, wann de Mann schaffe geet, d'Fra den Auto aus der Garage hëlt an dohinner stellt, datt kee sech dohinner stellt. An där Zeene gesi mer de Moment, wann Der Iech dat ukucke gitt.

Ech fannen dat kee gudde Wee. Ech hunn de Wee scho besser fonnt, datt mer Parkhaiser géife bauen, wéi den Här Muller se virgesinn hat um Contournement an anere Plazen.

Elo de Bock… Ech weess net, wéi Der dat wëllt hikréien. Dat gëtt eng Katastroph. D'Leit plënneren da vun do, wa se et net méi packen. Um Fousbann dat selwecht. Also dat ass ee Choix, deen Dir trëfft als Gréng, fir dat esou ze maachen. Deen hu mir ze respektéieren. Dir sëtzt an der Majoritéit. Mee ech mengen net, datt et dee richtege Choix ass. An hei gitt Der an déi Richtung an et ass e bëssen esou verstoppt. Mee et ass awer dat am Endeffekt, wat dobäi erauskënnt. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Bertinelli. Här Liesch.

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):**

Ech muss awer elo op den Här Bertinelli e bësse reagéieren, well wat en do elo gesot huet, éischtens emol hannen a vir net stëmmt. Zweetens hutt Der Iech an Ärer Ried dräimol selwer am Krees gedréit.

Éischtens hutt Der hei gesot, d'Diffkaart géif gutt funktionéieren an d'Leit géifen eis d'Bud arennen. An elo wär dat net méi. Ech liesen hei net, dass déi Diffkaart ofgeschaaft gëtt. Ech liesen hei just, dass déi Diffkaart en Tarif kritt, dee fir jiddwereen d'selwecht ass. Also hutt Der hei schonn eppes gezielt, wat net wouer ass.

Da sot Der, et gëtt alles méi deier. Ech liesen an eisem neie Reglement Adaptatiounen, dass d'Parking-couverte méi bëlleg ginn. Also ass dat och net richteg.

(Ënnerbriechung)

Da sot Der, d'Leit géife keng Parkplaz virun der Dier kréien. Duerfir misst een, wéi den Här Muller et geplangt huet, Parkhaiser bauen. An da sot Der awer selwer, d'Leit ginn net an d'Parkhaiser. Do verstinn ech awer net wat Der gären hätt.

Mam Parking résidentiel ännert sech fir mech eigentlech net ganz vill, well et steet jo elo just dran, dass een op déi éischt Vignette zwee Autoe kann dropsetzen an op déi aner Vignetten allkéiers nëmmen een. Virdru konnt een zwar zwee Autoen drop setzen, mee et huet nëmmen een op der Voie publique däerfe stoen. Dat heescht um Parkverméige vun der Strooss ännert sech eigentlech net direkt eppes. Also muss ech mer déi selwecht Iwwerleeung maachen.

Ech wunnen och an engem Quartier, wou et jo net einfach ass, Parkingen ze fannen. Ech gesinn awer dee Sträit an dee Stress, wat Dir elo sot, absolutt net. Ech gehéiere jo zu deenen, déi awer e bësse méi Autoen hunn. Ech ginn och

*Dans les quartiers, les résidents en arrivent à détruire leurs jardins de devant pour y garer leurs voitures. C'est interdit, mais les gens en ont marre. Dans sa rue, Fred Bertinelli connait trois personnes ayant agi de la sorte. La commune va dans la mauvaise direction. Les gens doivent disposer de places de stationnement. Les jeunes n'ont pas les moyens de louer un garage. Mais ils ne peuvent pas se garer dans la rue non plus. Autrement, il faut dire aux gens clairement que s'ils veulent s'installer à Differdange, ils ne peuvent pas avoir de voiture.*

*Tout cela engendre du stress que Fred Bertinelli voit tous les jours. Les voisins se disputent. Lorsque le mari part travailler par exemple, la femme déplace sa voiture devant la maison pour que le soir, le garage soit libre. Ce n'est pas une façon de procéder. Le conseiller communal préférait la politique de monsieur Muller visant à construire des parcs de stationnement.*

*Le Bock est une catastrophe. Les gens sont obligés de déménager. La même chose est vraie pour le Fousbann. Les socialistes doivent respecter les décisions des écologistes, car ils sont majoritaires. Mais ils commettent une erreur et le résultat de leur politique est visible à tous.*

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)** *souhaite réagir aux propos de monsieur Bertinelli, qui ne correspondent pas du tout à la réalité. En plus, il a retourné sa veste à plusieurs reprises.*

*Par exemple, il a dit que la Diffcard fonctionnait superbement bien, mais que cela ne serait plus le cas. Or il n'est mentionné nulle part que la Diffcard allait disparaitre. Juste la tarification va évoluer.*

*Fred Bertinelli a prétendu que tout allait devenir plus cher. Or le prix des parcs de stationnement va baisser.*

*(Interruption)*

*Il a également soutenu que les gens ne trouvent pas de place de parking et qu'il faudrait construire des parcs de stationnement comme monsieur Muller. Mais parallèlement, il a expliqué que les gens ne se garent pas dans ces parcs.*

# 9a. Règlement des taxes, tarifs et prix

*Pour ce qui est du stationnement résidentiel, peu de choses changent. Car si avant, on pouvait inscrire deux voitures par vignette, seule une pouvait être garée dehors.*
*Georges Liesch habite dans un quartier, où il est difficile de trouver une place de stationnement. Il possède plusieurs voitures. Mais il ne voit pas de gens qui se disputent.*
*Dire que les écologistes veulent sortir les voitures des villes est une bêtise totale. Ce qu'ils veulent est un mélange sain de voitures et d'autres moyens de transport. La commune investit énormément dans les infrastructures cyclables, Vël'OK, le Diffbus, Dinola... Bref, autre chose que des boites en tôle occupant la voie publique. Peut-être qu'un jour, les enfants pourront jouer dans la rue.*
*(Interruption)*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *sait bien que les gens aiment les instituteurs, mais il se doit de répondre à monsieur Liesch. Car c'est Fred Bertinelli qui a aménagé les pistes cyclables. À l'époque, monsieur Liesch ne savait probablement même pas ce que c'était. Pour le reste, il veut se rendre sur place avec le conseiller communal, car tout ce qu'il a dit est vrai.*
*Fred Bertinelli et monsieur Liesch étaient d'accord pour promouvoir le vélo dans la ville. Mais cela ne veut pas dire déclarer la guerre à la voiture. Dans les quartiers, les résidents ont besoin de places de stationnement.*

**FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)** *réplique que dans la rue de monsieur Bertinelli, le nombre d'habitants et surtout de voitures ont augmenté au fil du temps, mais le nombre de maisons et de garages.*
*(Interruption)*
*Frenz Schwachtgen ajoute que les voitures sont aussi devenues plus longues et plus larges. Deux SUV occupent trois places.*
*En plus, les gens utilisent leurs garages pour autre chose et garent leurs voitures dans la rue. Parallèlement, ils exhortent la commune à leur trouver des places.*
*Frenz Schwachtgen n'apprécie pas que monsieur Bertinelli veuille en faire une question idéologique. Le*

ëmmer eens. Also verstinn ech elo Är Logik net.

Och wann Der elo sot, déi gréng géifen e Choix treffen, en Dogma, fir den Auto aus der Stad ze kréien, ass dat absolutte Quatsch. Dat, wat mir gären hätten als Gréng, ass, dass mer e gesonde Mix kréie vun Autoen an anerer. Well dat, wat Der vergiess hutt ze soen, ass, dass hei immens vill investéiert gouf a Vélosinfrastrukturen, de Vël'OK, de gratis Diffbus an en Dinola-Bus. Mir investéieren als Gemeng an aner Saache wéi nëmmen a bleche Këschten, déi dee ganzen Dag do stinn. Ech fannen et absolutt richteg, dass mer dat maachen. An dass mer d'Stroossen esou wäit fräi kréien, dass d'Kanner vläicht erëm eng Kéier an de Stroosse kënne spillen. Dat ass fir mech méi wichteg, wéi dass do bleche Këschte stinn.

(Ënnerbriechung)

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Liesch. Här Bertinelli.

**FRED BERTINELLI (LSAP):**

Ech muss em jo awer dorobber äntweren. En ass zwar Schoulmeeschter. Schoulmeeschteren hunn d'Leit jo gär, mee alles kann ech mer vun em awer net soe loossen.

Ech wëll Iech soen, Här Liesch, d'Vëlosweeër hunn ech gemaach. Do hutt Dir nach keng Vëlosweeër gemaach. Ech wëll Iech dat just soen. Wann Der mengt, d'Vëlosweeër hätt Dir gemaach an Dir hätt déi erfonnt... Ech hu Vëlosweeër gemaach, do wousst Dir nach net wat et wier.

Ech ginn dat gär mat Iech alles kucken, wat ech Iech elo gesot hunn, sur place. An ech soen Iech näischt, wat net esou ass. Well soss géif ech Iech et net soen.

Ech weess, datt ech mat Iech op enger Linn war, wou mer gesot hunn, mir mussen de Vëlo vill méi an eiser Stad kréien. Mee et geet awer net, datt mer dem Auto de Krich erklären an déi Leit, déi do wunnen, datt mer ëmmer méi Wunnraum schafen a schafen an de Leit d'Méiglechkeet net ginn, ze parken. Dat geet net. Et kann een net esou wuessen, wéi mir wuessen an de Leit keng Méiglechkeet ginn ze parken. Dat geet net.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Här Schwachtgen.

**FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):**

Ech muss dorobber reagéieren, Här Bertinelli. Et ass einfach esou. Wann ech Är Strooss kucken, mat der Zäit si méi Leit komm. Et si virun allem méi Autoe komm. Et sinn duerfir net méi Haiser komm an et sinn net méi eenzel Garagë komm.

(Ënnerbriechung)

D'Autoe sinn 20 cm bis 30 cm méi laang a méi breet. An eng Parkplaz haut ass keng Parkplaz méi vu fréier. Well wann zwee SUVen op dräi Parkplaze stinn, fält eng Parkplaz ewech. Kuckt dat och emol. Gitt mat Iech selwer zu Geriicht an iwwerleet emol, wéi et ass. Kuckt och emol, wivill Leit hir Hausgarage ëmfonctionéiert hunn zu aneren Zwecker. Da steet män Auto eventuell op der Strooss an ech verlaange vun der Gemeng lauthals, ech hätt awer gär eng Parkplaz op der Strooss. Kommt, mer rechnen dat emol eng Kéier. Gitt eng Kéier bei Är Leit, wou Der sot, déi all Dag Kaméidi hunn a schwätzt déi, wannechgelift, un. Kommt mer kucken emol an eiser Strooss, eis Autoen anstänneg ze sortéieren. Da kommt Der och vläicht op aner Iwwerleeungen.

Ech fannen et ganz krass, dass hei elo ideologesch gefuer gëtt: déi gréng. Ech mengen, mir sinn an enger Koalitioun mat der CSV. Et sinn aner Parteien heibannen. Dir kënnt elo op déi gréng klappen, déi nach näischt vu Vëlosweeër héieren hunn. Gott sei Dank sidd Dir dann eng Kéier an de Gemengerot komm, fir Vëlosweeër anzeféieren. Ech fannen dat do e bësse schlëmm, dass hei pauschal am Numm vum Bierger geschwat gëtt, dee guer net esou ass.

Den Här Liesch huet Iech gesot, datt d'Parkhaus méi bëlleg gëtt. Mengt Der, e Sportler, deen zwou Stonne Sport op de Bock maache geet owes, wier net

# 9b. Règlements de circulation

capabel vun do bis do ze goen an Zäit vu sechs Minutten – souguer mat senger Sacoche – an och owes erëm zréckzegoen?

(Ënnerbriechung)

Wann dat net de Fall ass an Dir hätt gär Parkhaiser, do ass eent. Dat ass hallef eidel.

(Ënnerbriechung)

Dat ass hallef eidel. An Är Strooss ass voller Autoen. Da stellt ee vun Ären Autoen owes dohinner. Et deet mer leed.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Villmools Merci. Da komme mer elo zum Vott.

*Le conseil communal décide avec 14 voix oui et 5 voix non d'approuver les adaptations du chapitre « stationnement » du règlement des taxes, tarifs et prix.*

Villmools Merci. Da si mer beim Punkt 9. Do geet et ëm d'Zirkulatioun. An ech géif d'Wuert direkt weider un d'Madamm Pregno ginn.

**SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Merci villmools. Gëschter sinn nach eng Rei Saache bäikomm. Drénglech Verkéiersreglementer, wou mer erëm eng ganz Rei Saachen dra fannen, déi mer ëmmer erëmfannen, ënner anerem: Bennë fir Privathaiser, Steeën, déi opgeriicht ginn, Fassaden, déi nei gemaach ginn…

Mir fannen awer dës Kéier och d'Reglement, wat d'Zirkulatioun um Bock soll reegelen, well mer jo do dee grousse Chantier hunn, wat och wierklech keng einfach Situatioun ass fir de Quartier, Här Bertinelli, ech weess et. A mir sinn eis däers bewosst. Mir hu probéiert et esou gutt ze maachen, wéi et geet. Mee et ass net evident. Wann eng Schoul an deem Ausmooss renovéiert gëtt, mat Containeren, déi do stinn, ass et net einfach an net evident gewiescht et ze maachen. Déi do Léisung ass eng Léisung. Warscheinlech eng vu villen. Et war déi, déi eis am beschte geschéngt huet. Mee mir sinn natierlech och ëmmer op fir aner Suggestiounen, wann een eng besser huet.

Dat nämmlecht gëllt fir de Mathendahl, wou och net glécklech ass, dass elo nach Chantier ass. Mir hunn et esou gereegelt, dass d'Camionen zu Accèszäite vun der Schoul net dierfen zirkuléieren. Mir wëssen, dass et an der Theorie esou ass an an der Praxis warscheinlech anescht. Mir sinn och do nach amgaangen, d'Zännriedercher ze dréien, fir dass mer d'Kanner sou sécher wéi méiglech an d'Schoul kréien.

Mir wëssen awer, dass d'Elteren am léifste wéilte mam Auto bis an de Klassesall fueren. Do hunn ech och Remarken héiere wéi: „Mee mäi Kand huet esou vill Saachen eranzebréngen, dass ech hu musse mam Auto fueren". Déi meescht Leit wunnen am Quartier. Et ass vläicht manner Stress awer dann ze Fouss moies ze goe mat sengem Kand, wéi sech dee Chaos mam Auto unzedinn, dee mer dann ëmmer erëm gesinn, notamment wann Elteren de Kiss and Go och net esou benotzen, wéi e geduecht ass. Nämlech als Kiss and Go an net Kiss and Park. Och do si mer amgaangen, de Leit mat op de Wee ze ginn, wéi dat soll funktionéieren.

Vläicht méi e flott Verkéiersreglement ass dat vun der Kiermes vun Uewerkuer, déi dann och erëm stattfënnt dëst Joer.

Ech notze just ganz kuerz nach de Moment, fir Iech mat op de Wee ze ginn, dass mer den 1. an den 2. Oktober nach ee gréissere Chantier hunn erëm an der rue Woiwer. Do gëtt den Teppech gemaach den 1. Oktober. Dat ass e Freideg. Do ass zou vum Rond-point bis bei d'Sortie vun der Tankstell. An dann nach eng Kéier beim neien Altersheem an der Kéier bis bei d'rue Rasquin.

Parallel dozou gëtt um Contournement den Tapis frësch gemaach laanscht d'Police-Gebai. Do hu mer awer Auswäichméiglechkeeten, well mer d'Busspuer hunn, op déi mer kënnen auswäichen. Soudass ech denken, dass

*CSV fait aussi partie de la coalition. Monsieur Bertinelli ne peut pas parler au nom de tous les citoyens. En outre, comme l'a dit monsieur Liesch, un sportif allant s'entrainer au Bock pendant deux heures est sans aucun doute capable de marcher six minutes s'il se gare dans le parc de stationnement.*
*(Interruption)*
*Frenz Schwachtgen insiste sur le fait que le parc de stationnement est souvent à moitié vide.*
*(Interruption)*
*Frenz Schwachtgen réplique que monsieur Bertinelli n'a qu'à y garer une de ses voitures.*
*(Vote)*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *passe à la circulation.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *explique que les règlements d'urgence sont comparables à ceux des autres fois : il s'agit de bennes, d'échafaudages…*
*Un des règlements règle la circulation au Bock. Laura Pregno sait que la situation n'est pas facile. Un chantier de l'envergure de celui de l'école du Bock entraine forcément des nuisances importantes. Le collège échevinal a pris les décisions qui lui apparaissaient les plus appropriées, mais Laura Pregno est ouverte aux suggestions.*
*La même chose est vraie pour le chantier du Mathendahl. Les camions n'ont pas le droit de circuler aux heures de pointe. Mais dans la pratique, les choses ne se passent peut-être pas toujours comme prévu. En plus, s'ils le pouvaient, les parents conduiraient leurs enfants en voiture jusque dans la salle de classe avec l'excuse par exemple que le sac est lourd. Mais en réalité, il serait moins stressant pour les riverains d'accompagner leurs enfants à pied. Par ailleurs, certains confondent le « kiss & go » avec le « kiss & park ».*
*Laura Pregno mentionne ensuite le règlement concernant la kermesse d'Oberkorn.*
*Un grand chantier est prévu les 1er et 2 octobre dans la rue Woiwer entre la station-service et le rond-point et entre la maison de retraite et la rue Rasquin.*

# 9b. Règlements de circulation

*Parallèlement, le revêtement du contournement le long du commissariat sera refait, mais la situation devrait être moins complexe qu'au Woiwer, car on pourra recourir aux voies de bus.*
*Le 2 octobre, le tracé entre la station-service et la boulangerie sera barré dans la rue Woiwer. Une partie de la route de Soleuvre sera aussi fermée à la circulation. Laura Pregno sait que la situation n'est pas évidente, mais le chantier touche à sa fin.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *précise que les informations concernant les grands chantiers figurent aussi sur le site internet.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *constate que le gros des règlements est en ordre. Cependant, hier soir, un résident du Mathendahl l'a appelé pour se plaindre de la signalisation. Il n'a pas eu le temps d'aller voir sur place, mais il le fera et contactera ensuite monsieur Gonderinger. (Interruption)*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *rappelle que dimanche, il y avait un match de football à Niederkorn et un évènement de vieilles voitures. Pourquoi la commune n'a-t-elle pas ouvert la première sortie du rond-point pour permettre aux gens de passer par Sanem au lieu de Käerjeng ?*
*Certes, il y a un chantier, mais le dimanche, on n'y travaillait pas. Fred Bertinelli a même essayé de trouver un échevin parce que toutes les rues étaient fermées et les gens sont repartis.*
*Tout cela est dommage pour le club, car peu de gens ont finalement vu le match. Les supporteurs de Hesperange ont aussi eu du mal à trouver le chemin. Le collège échevinal est-il au courant de tout cela ? Y avait-il quelqu'un de la commune sur place ?*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *n'était pas là. En revanche, monsieur Aguiar s'est rendu sur place avec le club et a veillé à ce que le parking privé soit ouvert.*

et um Contournement manner problematesch gëtt wéi um Woiwer.

Den 2. Oktober um Woiwer ass vun der Tankstell bis bei de Bäcker een Deel vun der Woiwer Strooss an en Deel vun der Zolwer Strooss nach eng Kéier zou. Ech ginn dat mat op de Wee fir jiddereen dobaussen. Mir wëssen, dass mer do scho wäerten Trafic kréien. Dat wäert net esou einfach gi fir dee Quartier. Mee iergendwann ass de Chantier fäerdeg an da rullt et bestëmmt vill besser.

Villmools Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madamm Pregno. Dir kënnt déi Informatioun jo scho weiderginn, an et kënnt jo och bestëmmt op eis Internetsite an op eis App, dass d'Leit gewarnt ginn. Do gëtt ee jo ëmmer, wann Der dat ugeklickt hutt, gewarnt, wat d'grouss Chantieren ubelaangt.

Här Altmeisch.

**GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. De Gros vun deenen Drénglechkeetsreglementer hunn ech mer ugekuckt. Déi sinn an der Rei.

Gëschter Owend krut ech awer en Telefon, wou ech leider keng Méiglechkeet méi hat, fir dorop ze reagéieren. Dat war vu Leit, déi am Mathendahl wunnen an déi sech gewonnert hunn iwwert déi Beschëlderung, déi do ubruecht ginn ass. Ech selwer konnt nach net kucke goen. Ech géif proposéieren, dass ech mer dat an deenen nächsten Deeg ukucke ginn. An da géif ech dem Här Gonderinger Bescheed soen, wann do iergendeppes ass, wat kromm leeft. Mee ech hat momentan d'Zäit nach net. Ech géif dat dann an deenen nächsten Deeg maachen. Ech géif mech da bei Iech mellen.

(Ënnerbriechung)

Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Altmeisch. Här Bertinelli.

**FRED BERTINELLI (LSAP):**

Ech hätt eng Fro un d'Madamm Pregno. De Sonndeg virdrun, wou mer de Match zu Nidderkuer haten, wou mer och déi Organisatioun mat den alen Autoen haten, hunn ech net esou richteg verstanen, firwat mer déi éischt Strooss vum Rond-point net opgemaach hunn, fir datt d'Leit, déi op de Fussball wollte goen, hätte kënnen erafueren an hannen zu Suessem erauskommen, wéi ëmgedréit vu Suessem mussen iwwer Käerjeng ze fueren, fir dann zu Suessem eranzefueren, fir da bei den Terrain ze kommen.

Et ass zwar geschafft ginn an där enger Strooss, mee de Schantje war awer fräi fir sonndes. Ech hu gekuckt, ob ee vun Iech op d'Plaz kucke war, well ganz vill Leit op d'Strooss gefuer sinn an néierens erakomm sinn. D'Stroossen waren all zou an da si se einfach erëm fortgefuer.

Ech mengen, et war och fir de Veräin deen Dag en Déngen, well net vill Leit op den Terrain komm sinn an och vill Leit de Match net kucke konnte goen. Och déi, déi vun Hesper waren an net grad vun Déifferdeng, hunn de Wee op Suessem net direkt fonnt. Do ass einfach meng Fro, ob Der do Bescheed wësst, wéi dat gaangen ass, oder ob ee vun eise Leit do war, fir ze kucken, fir déi Strooss opzemaachen. Wéi ass dat verlaf. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Bertinelli.

**SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Ech war leider net sur place. Ech weess awer, dass den Här Aguiar sur place war an och ënner anerem mam Veräin am Virfeld gekuckt hat, dass dee private Parking opgemaach gouf. Mee Dir sidd net dohinner komm.

# 10. Commissions / 11. Motion du KPL

Ech kann Iech elo leider direkt keng Äntwert ginn, well ech wierklech net do war. Ech hunn och weider keng Informatiounen. Ech hu matkritt, wat um Fernsee gesot ginn ass, wou mer relativ concernéiert waren iwwert déi Ausso. Ech mengen, déi huet och an deem Mooss net gestëmmt. Mee do si scho Gespréicher tëscht dem Sportschäffen an de Vertrieder vun de Veräiner gelaf. An ech wëll net a sengem Numm schwätzen, well ech net dobäi war. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madamm Pregno. Da komme mer zum Vott.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les règlements temporaires de circulation.*

Merci. Punkt 10, Kommissiounen, ass kee Wiessel komm. Da wiere mer fäerdeg mat eisem Ordre du jour. Da géife mer zur Motioun vum Här Ruckert kommen an duerno nach zu de Froe vum Här Bertinelli a vum Här Muller. Här Ruckert, ech géif Iech d'Wuert ginn.

**ALI RUCKERT (KPL):**

Madamm Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären, an där Motioun, déi ech eraginn hunn, geet et ëm den interkommunalen Informatiounssyndikat SIGI. Ech hu mech eng Kéier an där Motioun geiert, wou ech international geschriwwen hunn. Mee et ass natierlech interkommunal. Et geet also iwwert dee Syndikat, vun deem eis Gemeng Member ass wéi alleguer déi aner Gemenge mat Ausnam vun der Stad Lëtzebuerg. Am SIGI schaffen an der Tëschenzäit 140 Beschäftegt.

Wourëms geet et? Ma et geet dorëms, dass an deem Syndikat, deen en ëffentlechen interkommunale Syndikat ass, eng schläichend Privatiséierung an de leschte Jore vun den Aarbechtsplaze stattfonnt huet. Dat huet an der Tëschenzäit derzou gefouert, dass d'Hallschent vun de Beschäftegte vun deem interkommunale Syndikat, also 70 Leit, bei privat Gesellschaften ugestallt sinn.

Elo kéint ee sech soen: Déi maachen da verschidden Aarbechten an da schaffe se och fir de SIGI. Mee d'Realitéit ass awer déi, dass et sech do deelweis ëm Leit handelt, déi scho fënnef, siwen oder zéng Joer an deem interkommunale Syndikat schaffen an déi ausschliisslech Aarbechte fir den interkommunale Syndikat maachen an net Aarbechten an der Privatwirtschaft. Se schaffen also ausschliisslech fir de SIGI. Et ass och esou, dass d'Astellungsgespréicher, déi mat deene Leit gefouert gi sinn, beim SIGI gefouert gi sinn an net vun enger Privatgesellschaft. Anscheinend hu se dann e Contrat de travail kritt vu Privatgesellschaften.

Dat geet net. Dat ass eng Privatiséierung vun engem Deel vum ëffentlechen Déngscht. Dat féiert och derzou, dass ëffentlech Gelder u privat Firme verschachert ginn op d'Käschte vun de Loun- an Aarbechtsbedéngunge vun deene Leit, déi do schaffen.

Ech hunn déi Motioun eraginn, dass mer als Gemengerot, de Schäfferot an och de Vertrieder vun der Gemeng beim SIGI géifen opfuerderen, sech am SIGI géint déi Privatiséierungspolitik auszeschwätzen a sech derfir anzesetzen, dass domat Schluss ass. An dass déi Leit, déi elo e Privatkontrakt hunn, en ëffentleche Kontrakt direkt vum SIGI kréien. An dass dann och fir all déi Leit e Kollektivvertrag ofgeschloss gëtt.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Ruckert. Här Hartung.

**ALI RUCKERT (KPL):**

Entschëllegt. Ech hunn elo d'Motioun net. Ech kéint se elo nach eng Kéier virliesen um Enn vun deem, wat ech gesot hunn, mee ech mengen, et ass net noutwendeg. Et geet duer, wa se einfach ofgedréckt gëtt. Soss liesen ech se nach vir, wann Der wëllt.

*Malheureusement, Laura Pregno n'a pas d'informations, mises à part celles qu'elle a entendues à la télévision. En tout cas, l'échevin des sports est en contact avec les représentants du club.*
*(Vote)*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *constate qu'il n'y a pas de changements au sein des commissions. Elle cède la parole à monsieur Ruckert concernant une motion.*

**ALI RUCKERT (KPL)** *explique que sa motion porte sur le syndicat intercommunal SIGI. La Ville de Differdange en est membre comme toutes les autres communes à l'exception de Luxembourg-ville. Le SIGI occupe 140 personnes.*
*Ali Ruckert constate qu'au cours des dernières années, le SIGI a procédé à une privatisation des postes de travail. La moitié du personnel est engagée par des entreprises privées. Cela laisserait penser que ces personnes ne travaillent que partiellement pour le SIGI. Mais en réalité, elles ne travaillent que pour le SIGI depuis de nombreuses années. Même les entretiens d'embauche sont réalisés par le SIGI et non par l'entreprise privée, même si c'est avec celle-ci qu'ils signent leurs contrats de travail. Pour Ali Ruckert, il s'agit de la privatisation de services publics. Les instances publiques payent des entreprises privées au détriment des conditions de travail des salariés.*
*Ali Ruckert exhorte le collège échevinal et le représentant differdangeois auprès du SIGI à exiger la fin de cette politique de privatisation. Les salariés jouissant actuellement d'un contrat avec une entreprise privée doivent immédiatement être recrutés par le SIGI.*
*Ali Ruckert voudrait lire sa motion même si ce n'est pas nécessaire en soi puisqu'elle sera publiée.*

# 11. Motion du KPL

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *lui dit de la lire.*

**ALI RUCKERT (KPL)** *procède à la lecture de la motion.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *cède la parole à monsieur Hartung, le représentant de la commune au SIGI.*

**JERRY HARTUNG (CSV)** *est surpris de la motion. Le SIGI est chargé de soutenir les 101 communes syndicalisées, 537 crèches et maisons relais, 60 syndicats et 30 offices sociaux grâce à des produits informatiques et des services numériques. Le SIGI dispose d'une équipe de 135 personnes, dont la moitié est recrutée directement par le SIGI. Le reste se compose de spécialistes d'entreprises externes.*
*Il faut comprendre que le SIGI travaille sur de nombreux projets — parfois à court terme et parfois à long terme. Dans le domaine des technologies de l'information, il est normal de recourir à des collaborateurs externes pour un certain temps. Le SIGI lance alors une soumission publique. L'informaticien représente l'entreprise privée lors de l'entretien puisque c'est lui qui devra réaliser le travail. C'est peut-être à cela que fait allusion monsieur Ruckert.*
*Jerry Hartung mentionne le projet SIGINOVA commencé il y a trois ou quatre ans. Il s'agit d'une application devant remplacer le GESCOM, l'outil informatique des communes depuis près de quarante ans.*

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Da liest se vir.

**ALI RUCKERT (KPL):**

Da liesen ech se vir.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Jo. Liest se vir.

**ALI RUCKERT (KPL):**

Gutt. Da liesen ech se vir.

Das interkommunale Informatiksyndikat SIGI, in welchem mit Ausnahme der Stadt Luxemburg alle Gemeinden Mitglied sind, darunter Differdingen, zählt gegenwärtig 140 Beschäftigte. Davon haben die Hälfte einen Arbeitsvertrag mit Privatunternehmen, die ihre Dienste an das interkommunale Syndikat weiterverkaufen. Ausdruck der Privatisierung um diesen interkommunalen Bereich ist, dass Beschäftigte, die seit langen Jahren ausschließlich Arbeiten für das interkommunale Informatiksyndikat SIGI verrichten und deren Einstellungsgespräche sogar direkt beim SIGI erfolgten, genötigt sind, mit einem Vertrag von einer privaten Dienstleistungsgesellschaft zu arbeiten. Über dieses System werden öffentliche Gelder an Privatunternehmen umgelenkt und die Profite privater Unternehmen – auf Kosten der Lohn- und Arbeitsbedingungen der Beschäftigten – gesichert. Der Gemeinderat der Stadt Differdingen lehnt die Privatisierungspolitik ab und fordert den Schöffenrat und den Vertreter der Gemeinde Differdingen im SIGI auf, sich dafür einzusetzen, dass diese Privatisierungspolitik beendet wird, sämtliche Arbeitsverträge mit dem SIGI und nicht mit Privatunternehmen abgeschlossen werden, ein Kollektivvertrag für alle Beschäftigten ausgehandelt wird Dat ass den Text vun der Motioun.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Villmools Merci, Här Ruckert. Den Här Hartung hat sech gemellt. Ech ginn him dann och als Vertrieder vun der Gemeng beim SIGI d'Wuert.

**JERRY HARTUNG (CSV):**

Villmools Merci. Ech sinn e bëssen iwwerrascht gewiescht, wou ech d'Motioun gelies hunn. D'Missioun vum SIGI besteet jo doranner, déi 101 syndikaliséiert Gemengen, hir 537 Crèchen a Maison-relaisen souwéi weider 60 Syndikater an 30 Office-sociauxen duerch den Asaz vun informateschen an digitale Produiten, an der Ëmsetzung vun hiren deeglechen Aarbechten am Alldag am Service fir d'Bierger ze ënnerstëtzen. Respektiv duerch smart Produiten dës Aarbecht ze erliichteren. Fir dës wichteg an usprochsvoll Aufgab huet de SIGI aktuell eng Ekipp vu ronn – bei mir sinn d'Zuelen 135 Mataarbechter, ass jo keng grouss Differenz –, wouvun e bëssen iwwert d'Hallschent beim SIGI fest agestallt ass an effektiv déi aner, d'Spezialisten, eeben iwwer extern Firmen.

Firwat ass dat esou? De SIGI schafft u ville verschiddenen informatesche Projeten, deels méi laang, deels manner laang. An an der IT-Branche ass et normal, datt weider Mataarbechter, opgrond vun hirer spezifescher professioneller Expertis, fir eeben dës definéiert Projeten zousätzlech zum Personal vum SIGI iwwer eng extern Firma fir déi gewëssen Zäit vum Projet bäigezu ginn. An dëst gëtt ganz normal iwwer ëffentlech Ausschreiwungen ofgewéckelt, wou dann – ech weess net, ob dat déi Astellungsgespréicher waren, déi elo ugeschwat goufen – an der Reegel effektiv den Informatiker selwer fir seng Firma virstelleg gëtt, vu datt hie jo fir d'Firma muss weisen, datt hien deen néidegen Knowhow fir dee gefrote Projet huet. Dat sinn dann eeben un déi jeeweileg gebonne Projete befristet Kontrakter.

Als gutt Beispill géif ech hei kuerz de Projet SIGINOVA huelen, deen de SIGI viru ronn dräi bis véier Joer ugaangen ass. Dëse Programm soll den aktuelle GESCOM ofléisen, dee wärend bal 40 Joer den informateschen Outil vun all

# 11. Motion du KPL

de Gemenge war, fir all d'Donnéeën, an dat sinn der jo net grad wéineg, vun enger Gemeng ze verwalten. Natierlech gouf dëse Produit stänneg weiderentwéckelt.

Den Nodeel ass awer, datt en op engem Produit, wéi meeschtens an der IT-Branche, vun enger grousser internationaler Firma baséiert. Woufir am Endeffekt d'Gemenge vill Lizenzgebüre musse bezuelen. Dës Präisser si variabel. D'Tendenz an de leschte Joren an och fir déi kommend Joren huet staark no uewe gewisen. Fir zum Beispill bei dësem Produit nach op d'Besoine vun de Lëtzebuerger Gemenge méi geziilt anzegoen a se doropshin auszeriichten, gouf eebe virun dräi bis véier Joer decidéiert, datt de SIGI op enger selwer entwéckelter Programméiersprooch deen neien Outil soll schreiwen. Fir esou ee Mammutprojet ass et jo kloer, datt een dann op extern Spezialiste muss zäitweis zréckgräifen, fir d'Ekipp vum SIGI ze epauléieren, bis dësen Outil geschriwwen ass.

Wann ech elo Analogie zu der Gemeng zéien, ass et hei änlech wéi mat der Mathendahl-Schoul, déi gebaut gouf, wou mer jo och net den Architekt oder den Ingenieur zousätzlech zu eisem Personal astellen, mee iwwer en externe Bureau fueren, fir dat zousätzlecht Personal mat der néideger Kompetenz ze hunn, déi wärend der gewëssen Zäit dëse Projet begleeden a se fir eis ëmsetzen.

A wa mer d'Schoul zu Uewerkuer, d'Police-Gebai am Zentrum oder eng Sportshal bauen, schafft d'Gemeng jo och mat anere Firmen zesummen, respektiv mat aneren Ingenieuren an Architekten.

Zréck zum SIGI: Wat een awer och muss berécksiichtegen, an dat spillt jo dann och virdru mat, ass, datt et an der Informatik verschidde Beräicher gëtt, verschidde Programméiersproochen. Et kann een net einfach generell soen, mir stellen een Informatiker an, deen elo un dësem Projet schafft a muer un engem anere Projet. Do kuckt de SIGI schonn ëmmer jeeweils Spezialisten an deem Beräich ze rekrutéieren, déi fir de Projet grad gebraucht ginn. Do geet et net ouni deelweis extern Spezialisten.

Richtegerweis muss een dann awer och soen, datt de SIGI an de leschte Joren och enger Rei vun externe Mataarbechter e feste Kontrakt bei sech ugebueden huet. Insbesonnesch wann de Projet sech zu enger permanenter Aufgab entwéckelt huet. Hei muss een awer och soen, datt vill vun dëse Spezialiste guer net un enger Festastellung an enger Lëtzebuerger Administratioun interesséiert sinn. Als extern IT-Spezialiste verdénge se oft weesentlech méi a genéisse weider Virdeeler wéi zum Beispill e Firmenauto… Wärend de SIGI jo just no den Tabelle vun de Gemengen d'Leit kann astellen a bezuelen.

Och wann d'Zuelen et net esou weisen, mee a Wierklechkeet versicht de SIGI fir dësen Taux vu Festagestallten par rapport zu externen eropzeschrauwen. Wat an de leschte Joren e bësse gelongen ass. Duerch déi am Ufank spezifesch opgezielte Missioun vum SIGI kann d'Syndikat awer quasi nëmme Leit mat enger entspriechender Ausbildung an Erfarung astellen. An d'Realitéit ass jo awer och déi, datt um Aarbechtsmarché ee grousse Manktem un esou Fachkräfte besteet, insbesonnesch un Informatiker an Analysten.

Da kënnt nach dozou – dat muss een dann och soen –, datt och d'Gemenge Schwieregkeeten hunn, gutt IT-Spezialisten ze fannen. A vu datt jo d'Personal vum SIGI an de Ronn 101 syndikaliséierte Gemenge vill ënnerwee ass fir Produite virzestellen, Formatiounen ze halen, bei technesche Problemer Hëllefsstellung unzebidden, ginn dës, déi jo da bereet sinn an enger Administratioun ze schaffen a beim SIGI e feste Kontrakt kruten, och oft vun de Gemengen nees ofgeworben. Wat jo ganz verständlech ass, vu datt se sech gutt mat de Produite vum SIGI fir d'Gemengen auskennen an deemno dës Persoun eng Plus-value fir d'Gemeng ass, well se direkt asazbereet ass. Déi feelen nees dem SIGI intern, respektiv wann een dann de besoten Taux kuckt, spigelt deen net onbedéngt d'Astellungspolitik vum SIGI zréck.

Ech denken, et ware ganz konkreet Saachen ugeschwat ginn. Ech kann dat ganz gär nach eng Kéier mat an de SIGI huelen an dat nofroen. Mee ech hunn hei emol versicht beschtméiglech déi verschidde Grënn opzeféieren, déi dozou féieren, firwat am SIGI d'Perso-

*Dans les technologies de l'information, ce type de produits repose souvent sur les outils d'une grande multinationale. Les communes doivent donc payer des frais de licence conséquents. Pour adapter le produit en question aux besoins luxembourgeois, le SIGI a décidé de développer une application dans un langage propre. C'est un projet gigantesque pour lequel le SIGI doit recourir à des spécialistes externes.*

*Par analogie, on pourrait dire que la commune recrute aussi des architectes et des ingénieurs pour l'école du Mathendahl afin d'épauler le personnel communal. La commune collabore aussi avec des entreprises externes quand elle construit une salle de sport ou le commissariat.*

*Par ailleurs, en informatique, il existe de nombreux langages de programmation. Un informaticien travaillant sur un projet aujourd'hui ne pourra pas forcément travailler sur un autre projet demain. C'est pourquoi le SIGI recherche des spécialistes.*

*Parallèlement, il faut aussi dire que nombre de ces spécialistes ne souhaitent pas non plus être engagés par une administration luxembourgeoise. Ils gagnent plus en tant que spécialistes des technologies de l'information.*

*Même si les chiffres ne le reflètent pas, le SIGI essaie d'augmenter le nombre de ses salariés. Mais le syndicat ne peut recruter que des gens formés et expérimentés. Or ce type d'informaticiens et d'analystes ne courent pas les rues. Les communes ont aussi du mal à en trouver. Et étant donné que le SIGI travaille pour les communes et que ses employés sont amenés à effectuer des missions auprès de celles-ci, il arrive que les spécialistes soient démarchés. Le SIGI perd alors des employés. C'est pourquoi le taux d'occupation ne reflète pas nécessairement la politique de recrutement du syndicat.*

# 11. Motion du KPL

*Jerry Hartung est disposé à poser des questions concrètes au SIGI. Pour le reste, il a essayé d'expliquer la structure du personnel du syndicat. Cette structure ne s'explique pas par la volonté de privatiser des services, chose que Jerry Hartung n'approuverait pas non plus.*

**PIERRE HOBSCHEIT (LSAP)** *a écouté monsieur Ruckert et monsieur Hartung, et il donne raison aux deux. Le SIGI a forcément besoin de spécialistes externes pour certaines missions. Mais Pierre Hobscheit ne pense pas que monsieur Ruckert fasse allusion à eux. Monsieur Ruckert parle de personnes travaillant pour le SIGI depuis 10 ou 15 ans. Et cela pose effectivement un problème.*
*L'explication de monsieur Hartung est cependant plausible. Il s'agit de spécialistes avec un salaire conséquent. Le barème de la fonction publique est, quant à lui, fixe. Il repose exclusivement sur les diplômes et l'ancienneté.*
*Pour toutes ces raisons, le SIGI fait bien de travailler avec des experts externes. Mais en tant que syndicat intercommunal, il doit veiller à ne pas aller trop loin dans cette direction. Pierre Hobscheit suppose qu'il y a des employés qui voudraient obtenir un contrat fixe de la part du SIGI. C'est pourquoi les socialistes sont disposés à soutenir la motion de monsieur Ruckert. Dans le fond, celui-ci n'a pas tort.*

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)** *rappelle qu'il a aussi été représentant auprès du SIGI et qu'il ne peut que soutenir l'argumentation de monsieur Hartung. Pour une fois, les salaires précaires ne sont pas ceux du secteur privé. Les spécialistes en technologies de l'information travaillant pour le SIGI et d'autres entreprises gagnent beaucoup plus. C'est pourquoi il est difficile de les recruter.*
*Georges Liesch rappelle que la commune avait mené une discussion semblable concernant le recrutement d'un juriste.*
*Par ailleurs, l'informatique n'est pas une branche. C'est un terme regroupant de nombreux domaines. Un informaticien spécialisé dans les réseaux ne s'y connait pas forcé-*

nalstruktur esou ass wéi se eeben ass. Ech hoffen, datt ech mat dësen Erklärungen, ënnersträiche konnt, datt et sécher net iergendwellech Iwwerleeunge vu Privatiséierung sinn – eppes, wat ech och perséinlech géif ganz kloer ofleenen. Merci fir d'Nolauschteren.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Hartung. Här Hobscheit.

**PIERRE HOBSCHEIT (LSAP):**

Merci, Madamm Buergermeeschter, Dir Dammen, Dir Hären, ech hunn elo dem Här Ruckert nogelauschtert, ech hunn dem Här Hartung nogelauschtert an ech hunn de Problem, dass ech deenen zwee Recht ginn, well se, mengen ech, deelweis e bësse laanschtenee geschwat hunn.

Et ass evident, dass e Syndikat wéi de SIGI temporär Experte vu bausse brauch, fir verschidden Aarbechte kënnen ze maachen. Ech mengen awer net, dass dat dat ass, wat den Här Ruckert gemengt huet vu Leit, déi vläicht fir een zwee oder dräi Joer fir e Projet dohinner kommen. Mee den Här Ruckert mengt éischter Leit, well ech och mat him iwwer seng Motioun geschwat hunn, déi deelweis 10 oder 15 Joer extern beim SIGI schaffen. Dat fannen ech dann effektiv e bësse problematesch. Wou ee sech da muss d'Fro stellen, ob et net besser wier, déi Leit fest ze engagéieren.

Den Här Hartung huet elo eng Erklärung ginn, déi natierlech och iergendwou plausibel ass, dass dat oft héich spezialiséiert IT-Spezialiste sinn, déi effektiv deementspriechend bezuelt ginn. An de Barème vun der Fonction publique ass de Barème vun der Fonction publique. Deen erlaabt engem net ëmmer grouss Spréng. Do bezilt een dat, wat opgrond vun den Diplomer a vun der Ancienneteit erauskënnt – an da war et dat.

Nichts desto trotz mengen ech awer, dass dem Här Ruckert seng Motioun e Punkt uschwätzt, deen awer net falsch ass, fir ze soen, en interkommunale Syndikat wéi de SIGI sollt natierlech do, wou e se brauch, op Experten zréckgräifen. Mee dat sollt awer vläicht net Iwwerhand huelen. Et sollt een awer kucken, ob net eng Méiglechkeet besteet, fir déi Leit, déi interesséiert sinn an déi gewëllt sinn, fest beim SIGI ze schaffen, och ze engagéieren, dass se net iwwer externer beim SIGI sinn, mee einfach als festen Ugestallte vum Syndikat.

An deem Sënn kënne mir als LSAP mam Här Ruckert senger Motioun duerchaus liewen. Mir gesinn doranner e wichtege Punkt, dass en awer am Kär net Onrecht huet. Mir géifen déi Motioun an deem Sënn matdroen. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Hobscheit. Här Liesch.

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):**

Merci fir d'Wuert. Den Här Hartung huet scho ganz villes erkläert. Ech selwer war jo och eng Rei Joren am Bureau vum SIGI a kennen dofir de Problem och intern. All déi Argumenter, déi den Här Hartung gesot huet, kann ech hei nëmmen ënnersträichen. Mir hunn et hei mat enger Situatioun ze dinn, déi finanziell mol aneschters ass, wou et net esou ass, dass déi prekär Salairen am Private leien, mee éischter ëmgedréit. Déi IT-Spezialisten, déi fir de SIGI oder fir aner Firme schaffe kommen, verdénge weesentlech méi. Ech schwätzen hei wierklech net vun e bësse méi. An dat ass emol sécher ee Grond, firwat een esou Spezialisten normalerweis och net kritt, fir fest iergendwou ze schaffen.

Iwwregens déi Analogie hate mer hei am Gemengerot och schonn, wéi mer iwwert de Jurist geschwat hunn. Do ass dat e bëssen ânlech gewiescht.

Da mengt een ëmmer, d'Informatik wier eng Branche, mee dat ass et am Fong net. Informatik ass en Iwwerbegrëff fir ganz vill Saachen. Een, deen Informatik-Spezialist ass a Reseauen, ass et net an Datebanken an et ass erëm een aneren an enger Programméiersprooch an erëm een aneren an enger Programméiersprooch. Hei ginn also Leit gesicht, déi sech an engem Domän

# 11. Motion du KPL

wierklech extreem spezialiséiert hunn an dat och absolutt beherrschen. An dat natierlech och sech a Geld bezuele loossen.

Déi schaffen da beim SIGI eventuell een, zwee oder dräi Joer, bis dee Projet realiséiert ginn ass. An effektiv hu mer déi Zäit, wou ech dann och am Bureau war, ëmmer probéiert, esou Leit, wa mer gemierkt hunn, dass se och mënschlech immens gepasst hätten, ze iwwerzeegen, vläicht awer an de SIGI schaffen ze kommen, well se jo, nieft hirer Spezialitéit, trotzdeem och immens gutt Basiswëssen hunn an dann eng Plus-value eventuell fir de SIGI gewiescht wären. Mee ganz oft, wéi den Här Hartung et gesot huet, waren déi Leit eigentlech net dorunner interesséiert, fir an de SIGI fest schaffen ze kommen, well se einfach ganz aner Avantagen haten.

Ech sinn awer och e bëssen, wéi hei elo gesot ginn ass, an zwee gespléckt. Well ech och kee Frënd si vu Privatiséierung. Wann een déi Chifferen einfach esou plakeg liest, mengt ee jo wierklech, do géif Abus gemaach ginn an eng Richtung. Well ech et awer vun intern weess, dass dat net de Fall ass, kënne mer déi Motioun net matstëmmen. Ech weess, dass et hei net ëm Privatiséierung geet duerch d'Hannerdier. Dat ass wierklech net de Grond. Hei leien d'Grënn op ganz aner Plazen. An déi loosse sech net doduerch léisen, dass mer elo eng Motioun maachen, wou mer de SIGI opruffen, am Fong all déi Leit anzestellen. Wat en beim beschte Wëllen net wäert kënnen. An och wann et géif funktionéieren, géif et net ausbleiwen, dass wa mer muer en anere Projet hunn, awer erëm Spezialiste brauchen, déi mer haut erëm net hunn.

Dofir mengen ech, dass déi Motioun zwar gutt geduecht ass, ee gudden Usaz huet an och eng flott Diskussioun elo hei lancéiert huet, déi interessant ass, mee an dësem Fall, dësem spezifesche Fall, awer derlaanscht schléit.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Liesch. Här Meisch.

**FRANÇOIS MEISCH (DP):**

Merci, Här Ruckert, fir d'Motioun. Merci och, Här Hartung, fir d'Explikatioune vum SIGI. Temporär op Externer zréckgräifen ass absolutt ze verstoen an deem dote Beräich. An der Informatik kann dat, projetbedéngt, mir hunn et elo schonn e puermol héieren, och emol e puer Joer daueren.

Wann et awer Fäll gëtt, wou Leit 10 bis 15 Joer iwwer extern Firme fir de SIGI schaffen, ass dat awer effektiv frowierdeg. Wann dat wierklech sollt de Fall sinn – déi Informatioune kéint ee vläicht emol eng Kéier nofroen an dann och schwaarz op wäiss vläicht op den Dësch leeën –, kann een iwwer esou eng Motioun nodenken an deem spezifesche Punkt. Mee déi Informatiounen hu mer elo nach net schwaarz op wäiss. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Meisch. Här Weirich.

**ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK):**

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Merci, Här Ruckert, fir d'Motioun. Merci dem Här Hartung fir déi zousätzlech Erklärungen.

Ech mengen déi Behaaptung kënnt jo net vun iergendwou hier, déi do am Raum steet, dass effektiv Leit jorelaang fir de SIGI schaffen, ouni eng fest Plaz ugebueden ze kréien. Den OGB-L hat jo och eng Maniff gemaach virun de Gebailechkeete vum SIGI grad dee selwechte Moment, wou déi Festivitéite waren, wou iergendeppes gefeiert gouf – ech weess net méi genau, wat dat war. Ech mengen den OGB-L mécht dat jo awer net eréischt säit gëschter. Do muss et iergendee Grond ginn. Soss géife se net esou ee Protestpiquet organiséieren.

An deem Sënn wär ech och frou, wann den Här Hartung vläicht awer kéint, wéi en et och selwer ugebueden huet, déi Behaaptungen, soen ech elo, déi am Raum stinn, am SIGI nofroen als Vertrieder vun der Gemeng Déifferdeng.

*ment en bases de données ou en tel ou tel langage de programmation. Les spécialistes dont il est question maitrisent ces domaines à la perfection. Ils coutent donc cher et ne travaillent au SIGI que deux ou trois ans en fonction des besoins. Quand Georges Liesch faisait partie du bureau, le SIGI a souvent essayé de recruter ces personnes, mais elles ne voulaient pas travailler exclusivement pour le SIGI parce qu'elles disposaient d'autres avantages.*
*D'un autre côté, Georges Liesch n'aime pas les privatisations. Et les chiffres avancés par monsieur Ruckert donnent l'impression qu'il y a des abus. Mais Georges Liesch sait pertinemment que ce n'est pas le cas. C'est pourquoi les écologistes n'approuveront pas la motion. Le SIGI n'essaie pas de privatiser les services. Les causes de la politique de recrutement du SIGI sont autres et la motion de monsieur Ruckert n'est pas une solution. Et même si le SIGI recrutait plus de personnel, il aurait quand même besoin d'autres spécialistes pour les prochains projets. La motion de monsieur Ruckert a donné naissance à un débat intéressant, mais dans ce cas précis, elle n'est pas pertinente.*

**FRANÇOIS MEISCH (DP)** *comprend que le SIGI recourt à des spécialistes externes, y compris sur plusieurs années. Mais si des gens travaillent pour le SIGI pendant 10 ou 15 ans, il y a effectivement un problème. Si cela est vrai, on pourrait éventuellement approuver la motion. Mais pour le moment, le conseil communal ne dispose pas de chiffres.*

**ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK)** *suppose que l'affirmation selon laquelle des gens travaillent depuis des années pour le SIGI sans être embauchés provient bien de quelque part. D'ailleurs, l'OGB-L a organisé une manifestation devant leurs locaux récemment. Il doit bien y avoir une raison.*
*Eric Weirich demande à monsieur Hartung de vérifier ces affirmations auprès du SIGI comme il l'a d'ailleurs proposé lui-même. En attendant, il approuvera la motion de monsieur Ruckert.*

# 11. Motion du KPL

**FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)** *n'est pas un spécialiste, mais il partage le point de vue de monsieur Weirich. Il propose d'approuver la motion tout en demandant à monsieur Hartung de se renseigner auprès du SIGI. Car les détails ne sont pas encore clairs.*
*Frenz Schwachtgen est membre de l'OGB-L, mais il n'a pas ce type d'informations. De toute façon, la Ville de Differdange est bien représentée auprès du syndicat. Et Frenz Schwachtgen ne voit pas de politique de privatisation globale. En tout cas, il n'a pas de preuve du contraire.*
*(Interruption)*
*Frenz Schwachtgen croit avoir mal été compris. Monsieur Weirich et lui ont fourni les mêmes arguments, mais contrairement à monsieur Weirich, il approuvera la motion.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *lui répond que c'est le contraire.*

**FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)** *proteste.*

**TOM ULVELING (CSV)** *confirme ce qu'a dit la bourgmestre.*

**FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)** *proteste à nouveau avant de s'apercevoir de son erreur. Il n'approuvera pas la motion.*
*(Interruption)*

**HENRI KRECKÉ (SECRÉTAIRE COMMUNAL)** *ne fait pas de politique, mais la Ville de Differdange est une commune pilote du projet SIGINOVA depuis le début de l'année. La commune collabore aussi avec le SIGI concernant les ressources humaines.*
*Henri Krecké répète qu'il essaie d'être objectif. Au fil du temps, le SIGI a perdu beaucoup de fonctionnaires. En effet, lorsque les communes ont un problème, elles réclament une solution sur le champ. Les salariés du SIGI se transforment alors en pompiers.*

An ech géif an deem Sënn och als déi Lénk d'Motioun vum Här Ruckert matstëmmen. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Weirich. Här Schwachtgen.

**FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):**

Ech kann einfach a mengem Numm soen, ech sinn net Spezialist doranner, mee ech géif awer och den Tëschewee huelen, deen den Här Weirich ugekënnegt huet. Ech géif awer d'Motioun an deem Fall stëmmen. An ech géif eisem Vertrieder am SIGI den Optrag ginn, am Fong op eise Wonsch hin, och méi Informatiounen nach ze ginn an eis vläicht e Bericht ze ginn iwwert dat, wat mer vläicht elo am Detail net wëssen oder net kënne wëssen.

Ech si Member vum OGB-L. Ech hunn awer net déi Donnéeën an ech hunn och net déi Moyenen, fir mech elo do eranzeschaffen. Ech mengen, mer hunn e ganz kompetente Vertrieder an deem Syndikat. An dee soll eis da vläicht do eebe vertrieden an eis Gemeng informéieren. Well ech gesinn elo net eng global Privatiséierungspolitik doranner, wéi an der Motioun beschriwwen ass. Ech gesi vläicht Usätz. Mee dat kann ech elo awer net beweisen.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Schwachtgen. Den Här Krecké huet d'Wuert gefrot.

(Ënnerbriechung)

**FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):**

Nee. Ech si vläicht falsch verstane ginn. Den Här Weirich stëmmt d'Motioun net aus deene Grënn an ech stëmme se aus deene Grënn.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Ëmgedréit.

**FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):**

Nee.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Ëmgedréit.

**FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):**

Nee.

(Ënnerbriechung)

Jo, Pardon. Ech hu mech dann elo verheddert. Den Här Weirich huet deklaréiert, hie stëmmt se. An ech stëmme se net.

(Ënnerbriechung)

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Den Här Krecké huet d'Wuert gefrot.

**GEMENGESEKRETÄR HENRI KRECKÉ:**

Ech hu jo keng Politik ze maachen. Dofir just e klenge Kommentar dozou, well ech am SIGI war a well mer och un der Table ronde als Stad Déifferdeng deelgeholl hunn am Kader vum SIGINOVA, wou mer zanter uganks dëses Joers d'Pilotgemeng si fir d'Gestion de projets communaux an och fir d'Gestion documentaire. An hannendrun si mer eeben och nach amgaangen, d'Ressources humaines mat hinnen opzeschaffen.

Ech kann, wéi gesot, just objektiv elo de SIGI an de Kontext setzen. Wat natierlech iwwer Joerzéngten opgefall ass – an do kënnt dann de Malaise vum Personal deelweis hier –, ass, datt se progressivement immens vill Fonctionnairë verluer hunn. Do sinn och deelweis mir als Gemeng Schold. Well déi meescht, déi um SIGI uruffen, wa se iergendwéi e Bobbo hunn, ass et fir gëschter an net fir haut an och net fir muer. Mee et ass am beschte fir gëschter ze léisen. Si sinn amgaangen, oft lénks a riets Pompjee ze spillen.

Et ass bestëmmt en immens noutwendegt Syndikat. Dat gëtt jo guer net a

# 11. Motion du KPL

Fro gestallt. Och net vum Här Ruckert. Mee déi Leit, déi do schaffen, sinn all Dag wéi gesot ëmmer engem gewëssenen Drock ausgesat, deen eeben net nëmmen aus dem SIGI selwer kënnt, mä wou mir och als Gemengen oft Schold matzewalten hunn. Ech soen et emol einfach, wéi ech et gesinn.

Do hu si dann och oft Fonctionnairë verluer, déi den Exame gepackt hunn an déi dann de Lockruff vun enger Gemeng nokomm sinn. Du koum natierlech dann, dass si strukturell e wéineg an eng aner Situatioun gaange sinn an deelweis eeben op deene Privatverträg eng Basis fonnt hunn. Woubäi dat effektiv kéint a Fro gestallt ginn. Zu Recht.

Mee da kënnt an eisem System de Problem – deen ass mer elo opgefall – mat deene ganzen Developpementsekippen. Déi meescht si Francophone. Een aneren ass Anglophone.

(Ënnerbriechung)

Da kënnt de Problem, dee mer an eiser Charta hunn. Si misste Lëtzebuergesch kënnen, fir Employé communal ze ginn. Da komme mer iergendwann an d'Spiral eran, wou mer net méi eens ginn. Ech hunn hei och net d'Paradeformule bei Hand, fir ze soen, esou an esou kéint et geléist ginn. Mee et soll awer bestëmmt thematiséiert sinn a bleiwen. Ech mengen, dofir soll eisen Delegéierten et och mathuelen.

Wat Dir elo aus der Motioun maacht, ass politeschen Enjeu. Mee ech wollt just dat hei bäisoen. Wann een dat joerzéngtelaang matbegleet huet, ass et keng einfach Situatioun de SIGI.

Buergermeeschtesch Christiane Brassel-Rausch (déi gréng):

Villmools merci, Här Krecké. Ech gesi schwiereg, iwwer eppes ofzestëmmen, wou ech d'Donnéeën net hunn. Dofir géif ech dem Här Meisch seng Propos wierklech opgräifen, Här Ruckert – ech weess net,wat Der dozou sot –, dass een d'Motioun am nächste Conseil nach eng Kéier stëmme léisst mat Chifferen à la base.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Als Complément d'information.

**ALI RUCKERT (KPL):**

Hei geet et ëm ee Prinzip, dass hei iwwer laang Joren eng Privatiséierung stattfonnt huet…

(Ënnerbriechung)

… ouni dass eppes dozou gesot ginn ass. Déi Manifestatioun, déi d'Gewerkschaft OGB-L d'lescht Woch gemaach huet virum SIGI den Dag vun der ëffentlecher Dier, ass am Optrag gemaach gi vun de Leit, déi beim SIGI schaffen. Dat huet net eng Gewerkschaft decidéiert. D'Leit hätten dat gär gehat. Well se wëlle bei de SIGI schaffe goen an net bei eng Privatgesellschaft.

Ech hunn net hei vun deene Spezialiste geschwat, déi fir ee Projet oder kuerz Zäit agestallt ginn. An alle Syndikater gëtt dat gemaach. Mee déi Envergure, déi dat hei huet, dass esou vill Leit privatiséiert sinn, ass de Problem. Dat ass d'Hallschent vun de Leit. A wann do och e puer Spezialiste sinn, déi een oder zwee Joer oder sechs Méint schaffen, ass d'grouss Majoritéit, déi schafft laang Joren do. Do si Leit, déi zéng Joer do schaffen an déi maache soss näischt, wéi fir de SIGI schaffen. Déi schaffen net fir eng Privatgesellschaft. Déi hu just de Kontrakt vun enger Privatgesellschaft, well se do vill Sue maachen. Mee d'Leit mussen déi negativ Auswierkungen dovun droe bei den Aarbechtsbedéngungen a bei de Léin.

Et geet net drëm, dass elo do ee méi oder ee manner ass. Et geet drëm, dass et global an d'Richtung vu Privatiséierung geet, dass d'Hallschent vun de Leit dovu betraff ass, dass ganz vill Leit do grouss Anciennetéiten hunn a just fir de SIGI schaffen, awer bei enger Privatgesellschaft ugestallt sinn. Dat ass de Sënn vun dëser Motioun. Do steet jo net vun deenen 140 mussen der elo 57 direkt agestallt ginn. Mee et geet ëm d'Richtung, an déi et geet. Dat huet also näischt mat dem eenzelne Chiffer ze dinn. An ech menge schonn, wann Der sot, Dir wäert géint d'Privatiséierungen an hei ass et awer offensichtlech, dass eng stattfonnt huet, misst Der awer déi Motioun och stëmmen.

*Personne ne met en doute l'utilité du syndicat. Mais les gens qui travaillent sont constamment sous pression à cause du SIGI, mais aussi à cause des communes. En plus, les communes débauchent leurs employés. C'est ce qui explique qu'ils recourent davantage à des contrats avec des entreprises privées.*
*Par ailleurs, ces spécialistes parlent le plus souvent français ou parfois anglais.*
*(Interruption)*
*Henri Krecké précise que pour devenir employés communaux, ils doivent parler le luxembourgeois. Le secrétaire communal n'a pas de solution miracle, si ce n'est de thématiser le problème et d'en discuter à travers le délégué au SIGI.*
*En ce qui concerne la motion, l'enjeu est politique. Tout ce qu'il peut dire, c'est que la situation du SIGI n'est pas simple.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *ne se voit pas approuver une motion sans disposer de toutes les données. Elle propose à monsieur Ruckert de la soumettre au vote la prochaine fois.*

**TOM ULVELING (CSV)** *ajoute que cela permettrait d'avoir des compléments d'information.*

**ALI RUCKERT (KPL)** *répète que les privatisations ont lieu depuis longtemps.*
*(Interruption)*
*La manifestation de l'OGB-L la semaine dernière a été décidée par les employés. Ils demandent un contrat. Ali Ruckert ne parle pas des spécialistes recrutés pour des projets à court terme. Il parle de la moitié du personnel, qui est là depuis des années — parfois dix ans. Ces gens ne travaillent pas pour une entreprise privée, mais uniquement pour le SIGI. Leurs contrats en revanche sont conclus avec des sociétés privées — avec des désavantages concernant les conditions de travail et les salaires.*
*Ali Ruckert insiste sur le fait que la privatisation est globale et qu'elle touche la moitié du personnel. Il ne demande pas que 57 personnes sur les 140 soient embauchées immédiatement. Mais il condamne la di-*

# 11. Motion du KPL

*rection que prennent les choses. Et ceux qui sont contre la privatisation feraient bien d'approuver la motion.*

**JERRY HARTUNG (CSV)** *signale que depuis qu'il est délégué, le taux de personnes avec un contrat fixe a augmenté. Parallèlement, il y a des démissions liées au débauchage ou au stress.*
*Jerry Hartung ne croit pas que la situation soit aussi grave que ce que monsieur Ruckert laisse entendre. Les salariés que Jerry Hartung a rencontrés ont l'air contents.*

**ALI RUCKERT (KPL)** *ironise sur le fait qu'ils ont manifesté pour montrer qu'ils sont contents.*
*(Interruption de M. Hartung)*
*Ali Ruckert répète que sans problèmes, il n'y aurait pas eu de manifestation.*

**JERRY HARTUNG (CSV)** *rappelle que les élections sociales auront lieu l'année prochaine. Il va se renseigner et fournir des réponses. Mais il ne croit pas que des gens travaillent pour le SIGI depuis 15 ans. Et la commune ne peut pas non plus forcer les spécialistes à se faire embaucher.*

**ALI RUCKERT (KPL)** *n'a pas parlé de 15 ans, mais de 10.*

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)** *soutient que le chiffre exact est sept ans.*
*(Discussions)*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *juge la situation floue. Elle propose à monsieur Ruckert d'attendre que le conseil communal ait plus d'informations.*
*(Interruption)*
*Christiane Brassel-Rausch demande si la commune doit écrire une lettre.*

**ALI RUCKERT (KPL)** *veut que sa motion soit votée.*

**TOM ULVELING (CSV)** *n'y voit pas d'inconvénient.*

**ALI RUCKERT (KPL)** *estime que le collège échevinal pourra s'informer par la suite. Quant à lui, il s'est ren-*

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Ruckert. Här Hartung.

**JERRY HARTUNG (CSV):**

Ech kann elo just soen, datt déi dräi Joer, wou ech do sinn, d'Zuele vu fest Ugestallten par rapport zu net fest ugestallten eropgaange sinn. Mir hunn natierlech effektiv dann awer och ëmmer erëm Demissiounen, wou Leit, déi eeben da fortgi fir bei eng Gemeng. A wat eeben och beschriwwe gouf, datt effektiv vill Stress do ass, vu datt een ëmmer bei d'Gemenge muss fueren.

Ech wäert op jidde Fall dat alles nofroen an Iech och déi Zuele weiderginn. Ech ka mer elo net virstellen, datt dat esou schlëmm ass, wéi Der dat duerstellt. Well déi Leit, déi ech do begéinen a mat deenen ech schwätzen, sinn awer alleguerten zefridden do.

**ALI RUCKERT (KPL):**

Dofir war déi Manifestatioun do. Well se alleguer zefridde sinn. E bësse komesch.

(Ënnerbriechung duerch den Här Hartung)

Wa jo kee Problem wär, hätt och keng Manifestatioun bräichten ze sinn.

**JERRY HARTUNG (CSV):**

D'nächst Joer si Sozialwalen a mer wësse jo, datt dat e bëssen änlech wéi Politik ass. Da muss een och heiansdo e bëssen op d'Tromm haen.

Ech wäert dat alles nofroen an Iech gären eng Äntwert ginn. Ech ka mer net virstellen, datt do elo Leit 15 Joer extern beim SIGI schaffen. An ech mengen, ëmgedréit kënne mer awer och kee forcéiere beim SIGI agestallt ze ginn.

**ALI RUCKERT (KPL):**

Ech hu vun zéng Joer geschwat. Net vu 15.

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):**

Et si siwe Joer.

(Diskussiounen)

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Ech denken, mat Privatiséierung hu vill Leit heibanne Problemer, mee ech denken, dass awer nach e gewëssene Flou do ass. Dofir géif ech virschloen, Här Ruckert, awer nach eng Kéier d'Motioun an deen nächste Gemengerot ze huelen, dass mir als Gemeng Informatioune froen an och vläicht aner Leit sech nach weider informéieren, dass mer da kënne mat guddem Gewëssen déi soi-disant richteg Decisioun hei am Gemengerot huelen. Dat ass elo meng Propos. Well ech ginn d'Gefill vu Flou net lass. An ech hu Problemer esou mat Flou eran ze tranchéieren.

(Ënnerbriechung)

Solle mer doriwwer ofstëmmen, dass mer e Bréif maachen.

**ALI RUCKERT (KPL):**

Ech wëll, dass iwwer d'Motioun ofgestëmmt gëtt haut.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Da stëmme mer driwwer of.

**ALI RUCKERT (KPL):**

Dir kënnt Iech nach ëmmer duerno informéieren. Mee ech soen Iech, da kënnt dat eraus, wat ech gesot hunn. Ech hu mech jo informéiert. Ech hu jo net eng Motioun heihinner bruecht, déi egal wat ass.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Da maache mer d'Ofstëmmung.

# 11. Motion du KPL / Questions

**GEMENGESEKRETÄR HENRI KRECKÉ:**

Also d'Ofstëmmung ass jo ganz kloer: Den Här Ruckert huet eng Motioun ofginn. Entweeder et stëmmt ee fir d'Motioun mat Jo oder mat Nee oder et enthält ee sech wéi bei all anere Votum. An da maache mer de Vott dozou. Okay?

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Okay.

*Le conseil communal décide avec 13 voix non et 6 voix oui de rejeter la motion du KPL portant sur les privatisations au SIGI.*

**FRANÇOIS MEISCH (DP):**

Trotzdeem kann den Här Hartung eis awer déi Informatioune liwweren.

(Diskussiounen)

**JERRY HARTUNG (CSV):**

Natierlech.

(Ënnerbriechung)

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Da komme mer zu de Froen. Wie wëll vir, den Här Bertinelli oder den Här Muller?

**ERNY MULLER (LSAP):**

Meng Fro riicht sech un d'Madamm Buergermeeschtesch a betrëfft de Sall op der Place des Alliés am Gebai vum Fonds de Logement genannt Miwwelchen. Mir hate schonn hei eng gréisser Diskussioun driwwer. Entretemps hate mir zwee eng Kéier kuerz rieds mateneen. Mee ech hunn awer elo näischt méi héieren, ob de Schäfferot interesséiert a bereet wär, dëse Sall ze lounen, wann en net ze kafen ass, fir Aktivitéiten am Kader vun de Senioren dran ze maachen. Ech mengen, dat wär vläicht eng Méiglechkeet, well et nach ëmmer net besat ass, dass mer awer nach do kéinten aktiv ginn an e Pied-à-terre op der Place des Alliés géife gestalte fir ënner anerem Aktivitéiten am Senioreberäich. Mee do kéinte sech jo och nach ganz aner Iddie verwierklechen. Merci fir d'Äntwert.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Muller. Fir d'lescht hu mer driwwer geschwat. Dat war kuerz virun der Entrevue mat de Leit vum Fonds de Logement, fir ze kucken, wat si do wëlles hätten. Mir hunn am Schäfferot nach net driwwer geschwat. D'Place des Alliés ass am Moment, loosse mer soen, méi e problematescht Pflaster. Dat heescht, do geschitt ganz vill, wat net soll geschéien.

Är Iddi ass op kee Fall verworf. Mir mussen awer nach kucken, wéi mer eis do positionéieren, fir dat erëm e bësse roueg ze kréien. Mir kréien extreem vill Reklamatiounen, wat Kaméidi, wat Dreck a wat Rassemblementer ugeet. Eis Streetworkere ginn elo systematesch am Moment nach ouni Polizei dohinner. Wann d'Police do ass, ass se do. Mee dat hu mir net beaflosst. Mir ginn elo op de Wee vum Schwätzen. Da musse mer kucken.

Dann denken ech, ass Är Iddi eng Iddi, déi machbar ass. Mee mir brauchen einfach elo nach e bëssen Zäit. Dat heescht, dass ee vläicht guer net op de Wee geet. Da musse mer kucken, dass een eng Restauratioun do mécht. Mee dass een dann awer wierklech einfach vläicht eppes fir Seniore mécht oder esou. Dat muss een awer vläicht mam Ressortschäffen och kucken. Dat, wat ech Iech elo soen, ass elo eng Woch al à peine. Wéini war dat? Dat ass eng Woch, gell? Dat ass elo eng Woch al. Kommt, mir loossen nach e bësse kucken. Den Här Mangen kann eis vläicht méi Informatioune ginn, wat d'Streetworkeren ubelaangt. Et ass genau eng Woch al.

Well ech hat se ugeruff. Dofir loosst eis nach e bëssen Zäit, fir ze kucken, wéi déi Plaz evoluéiert. Da kann den Här Mangen jo mam Service Senior kucken, seigné et sait pourquoi il a préparé cette motion.

*seigné et sait pourquoi il a préparé cette motion.*

**HENRI KRECKÉ (SECRÉTAIRE COMMUNAL)** *précise que les conseillers communaux peuvent voter oui, non ou s'abstenir.*
*(Vote)*

**FRANÇOIS MEISCH (DP)** *demande à monsieur Hartung de se renseigner malgré tout.*
*(Discussions)*

**JERRY HARTUNG (DP)** *répond que oui.*
*(Interruption)*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *passe aux questions.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *a discuté récemment avec la bourgmestre concernant une salle du bâtiment Miwwelchen sur la place des Alliés. Il voudrait savoir si le collège échevinal est disposé à acheter ou louer cette salle pour y organiser des activités pour les séniors. Car pour le moment, cette salle n'est pas occupée.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *a demandé au Fonds du logement ce qu'il comptait faire. En revanche, le collège échevinal n'en a pas encore discuté. La place des Alliés rencontre actuellement quelques difficultés.*
*Christiane Brassel-Rausch ne rejette pas l'idée de monsieur Muller. Mais il faut d'abord calmer la situation. Les riverains réclament à cause du bruit et de la saleté. Les éducateurs de rue se rendent souvent sans place sans la police pour le moment.*
*L'idée de monsieur Muller est réalisable. Mais le collège échevinal a besoin de temps. Peut-être que l'on pourra y ouvrir un restaurant ou prévoir des activités pour les séniors. Il faudra en discuter avec l'échevin concerné. Le moment venu, monsieur Mangen pourra fournir des informations quant aux éducateurs de rue.*

# Questions

*Christiane Brassel-Rausch répète qu'elle a besoin d'un peu de temps pour voir comment la situation évolue. Ensuite, monsieur Mangen discutera avec le service des séniors.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *revient à une question qu'il a déjà posée en 2018 au sujet du city manager.*
*Il rappelle que l'opposition n'était pas convaincue du recrutement. Elle avait de nombreuses questions. Le collège échevinal a dit alors qu'un bilan serait tiré au bout d'un an. Entretemps, la COVID-19 a retardé les choses. Mais on parle désormais de près de trois ans et les socialistes se demandent toujours quel est le programme du city manager.*
*Fred Bertinelli ne comprend notamment pas comment un commerçant a décidé de quitter Differdange parce que la commune n'a pas été capable de lui trouver un local adéquat pour son restaurant. Personne n'a parlé avec lui. Le city manager est pourtant là pour ça. Il doit s'occuper des commerçants.*
*Les socialistes voudraient aussi savoir combien de locaux sont vides aujourd'hui par rapport à avant la pandémie.*
*Quel est le programme du city manager ? Fred Bertinelli suppose que le collège échevinal lui dit quoi faire. Il connait beaucoup de personnes engagées qui font ce qu'elles peuvent pour aider des commerçants à s'établir à Differdange. Mais quand on s'adresse au city manager, rien ne suit. C'est pourquoi il demande un bilan.*
*En 2017, monsieur Muller s'était adressé à une société belge pour élaborer un programme pour la ville. Fred Bertinelli pense que tous les partis politiques veulent dynamiser le centre-ville et son commerce. C'est pourquoi un bilan est nécessaire. Où va-t-on ?*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *se dit étonnée. Elle n'est pas contraire à un bilan pour voir si la commune va dans la bonne direction. Elle demandera au city manager de préparer les chiffres.*
*Cependant, il ne faut pas oublier que le city manager travaille seul même s'il est soutenu par monsieur Krecké, une nouvelle employée à*

ob et machbar ass? Ass et vivabel? Well et ass eng Plaz, wou mer einfach nach musse kucken, wou se higeet.

Här Bertinelli.

**FRED BERTINELLI (LSAP):**

Madamm Buergermeeschtesch, Dir Dammen an Dir Hären, ech kommen op eng Fro zréck, déi mer 2018 gestallt hunn, wou mer eisen neie City Manager gestëmmt hunn.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Jo.

**FRED BERTINELLI (LSAP):**

Do war de Gros vun der Oppositioun net esou ganz waarm, well e ganze Koup Froen, déi mer haten, net beäntwert goufen. Et war eis vum Schäfferot gesot ginn, mir sollten deem zoustëmmen. No engem Joer géif e Bilan gemaach ginn an da géif ee kucken, wat een doraus géif maachen.

An der Tëschenzäit ass Covid komm. Soudatt mer dat Joer laanscht goe gelooss hunn. Et ass elo mëttlerweil zwee an en halleft, bal dräi Joer hier. Mee de Bilan misst een awer eng Kéier maachen. Well d'LSAP freet sech. Mir wéilte gär wëssen, wat de Programm vum City Manager ass, deen hie sech do virstellt.

Ech ginn net esou richteg klug duerch verschidden Aktivitéiten. Fir eis ass et net novollzéibar, datt e Geschäftsmann vun Déifferdeng, dee bei der Gemeng ugefrot huet, fir e Raum ze kréie fir e Restaurant, fortgeet aus der Gemeng an an eng aner Gemeng geet, well e keng Satisfaktioun kritt. Wou kee mat ëm geschwat huet, wéi de Mann mer gesot huet. Dofir hu mer e City Manager. Dofir ass dee Mann engagéiert ginn. Dee sollt sech ëm déi Leit do këmmeren.

Och ënner anerem wéilte mer gär wësse virum Covid, wivill Betriber mer haten an eiser Gemeng, déi eidel stoungen. A wivill et der haut sinn.

Da wéilte mer och de Programm e bësse wëssen. Ech huele jo un, datt de Schäfferot oder dee spezifesche Schäffen en ustellt, an eng gewësse Richtung ze goen. Ech weess, datt ech mech eenorm engagéieren. Ech weess, datt aner Leit, déi net grad politesch am Amt sinn, sech eenorm fir eis Stad Déifferdeng asetzen an iwwerall probéieren, och Rendez-vouse mat eenzele Leit ze maachen, datt Betriber oder Leit sollen op Déifferdeng kommen, fir e Geschäft oder ee Betrib opzemaachen. Mee leider Gottes kréie mer dann negativ gesot, datt de City Manager ugeschwat gi wär an näischt gefollegt hätt an näischt geschitt ass.

Dofir hätte mer gär eng Kéier dat, wat eis versprach ginn ass. Datt mer e globale Bilan géifen zéien: Wou gi mer hin? Wat ass de Programm? Den Här Muller hat 2017 e ganze Programm opgesat mat enger belscher grousser Firma, wéi een eng Stad an deem Déngen hisetzt. D'Majoritéit huet geännert. Mee et ass awer net ëmmer falsch. Ech mengen och, datt mer alleguerten um Wee sinn, fir nach méi Geschäfter an nach méi Liewen an eis Stad ze kréien, datt dat net un iergendeng Partei gebonnen ass. Ech mengen, et wier awer néideg, datt mer dee Bilan eng Kéier maachen. Fir och ze kucken, wou mer an Zukunft higinn. A wat mer do nach kënne verbesseren. Villmools merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Bertinelli. Ech géif d'Wuert un d'Madamm Pregno viruginn.

**SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Ech sinn elo e bëssen erstaunt, Här Bertinelli. Quitte, dass verschidde Saachen, wat Der sot, ganz pertinent sinn. Et ass ëmmer flott, e Bilan ze zéien, dass ee vorher-nachher gesäit, ob een an déi richteg Richtung schafft, wou een amgaang ass. Gäre kënne mer déi Zuelen oder dee Bilan liwweren. Ech kann dem City Manager dat definitiv an Optrag ginn. Mir brauche just e bëssen Zäit, fir dat nidderzeschreiwen.

Well et ass awer, an ech mengen, dat vergësst een heiansdo, bis elo en Ee-Mann-Betrib, de City Management.

# Questions

Quitte dass den Här Krecké am Sekretariat awer vill matschafft. Mee dat ass einfach de Problem, dee mir momentan hunn. Mir hunn elo eng Madamm, déi nach 20 % dobäi schafft a mat Momenter och Studenten, déi hëllefen. Mee ech denken, dass City Management e ganz vaste Sujet ass. An dass mer eis heiansdo net eens sinn, wat dem City Manager seng Roll ass. Oder wivill verschidde Rollen e soll hunn.

Eng vu senge Rollen ass jo och de CAE. A wann ech mech net ieren, sidd Dir och do vertrueden an Dir sidd jo awer dann a reegelméissegem Kontakt mat him. Soudass ech denken, dass Der do awer eng ganz Rei Informatiounen an Äntwerten op Är Froe kritt.

**FRED BERTINELLI (LSAP):**

Nee, déi kréie mer net.

**SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Op konkreet Froe kritt Der keng Äntwert?

**FRED BERTINELLI (LSAP):**

Ech hu gefrot, ob d'Hotel an der Groussstrooss zou wier. De City Manager wousst dat net. An d'Hotel war zou. E war ganz erstaunt, datt ech e gefrot hunn, ob d'Hotel zou wier.

Dat wieren awer Saachen, déi a säi Beräich falen. Wann esou eppes ass wéi dat doten, misst hie schnell reagéieren an och de Schäfferot informéieren an déi Informatioune schnell weiderginn. Verschidden Informatiounen huet e vu mir kritt, déi hien net wousst. Da stellen ech mer awer Froen.

**SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Also, et soll net entschëllegen, mee ech fannen awer, dass e City Manager drop ugewisen ass, dass en aus der breet gefächerter Bevëlkerung oder vun all méiglechen Acteure vum Terrain vun Déifferdeng déi Informatioune kritt. Eise City Manager mécht reegelméisseg Ronnen duerch den Déifferdenger Terrain. Mee déi kleng Diskussiounen de Bouche à oreille kommen och oft net bis bei hien. Dofir mengen ech, ass et immens wichteg, wann Dir Informatiounen hutt, déi nëtzlech kënne sinn, dass Dir him déi direkt weidergitt.

Et ass genau déi Diskussioun, déi ech mam Här Altmeisch féieren, wat d'Mobilitéit ugeet. Mir si méi wéi frou, wann een den Telefon an de Grapp hëlt – an ech si sécher, Dir maacht dat, wa Suggestioune sinn. Ze vill wëll ech awer och elo net drop agoen, well mir awer an enger ëffentlecher Sitzung sinn. Wann et ze vill ëm d'Personal geet, huele mer dat einfach mat an déi Netëffentlech.

(Ënnerbriechung duerch den Här Bertinelli)

Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Mir hunn d'Demande matkritt. Mir kucken, Iech eng Äntwert ze ginn. Här Hobscheit.

**PIERRE HOBSCHEIT (LSAP):**

Pardon, ech hat keng Fro ugemellt. Mee ech wollt op eppes reagéieren, wat Der virdrun an de Kommunikatioune gesot hutt mam Impfbus.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Jo.

**PIERRE HOBSCHEIT (LSAP):**

Ech wollt just froen: Hu mir do eigentlech Donnéeën, wat de generellen Impftaux am Land ugeet an den Impftaux an eiser Gemeng? Gëtt et do Ënnerscheeder? Decidéiert d'Santé den Impfbus enzwousch hinzeschécken, wou vläicht manner Leit geimpft sinn oder ass dat einfach esou? Dat ass just eng Fro.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Den Informatiounen no, mat deem Här, mat deem ech am Gespréich war, ass

*mi-temps et occasionnellement des étudiants.*
*Un des problèmes est qu'il est difficile de cerner ce que comprend le city management et par conséquent les missions du city manager. Quels rôles doit-il recouvrir ?*
*Parmi ses missions figure le comité d'action économique duquel monsieur Bertinelli est membre. Il devrait disposer de quelques informations.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *répond que non.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *lui demande s'il ne reçoit pas de réponses à des questions concrètes.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *a demandé au city manager si l'hôtel de la Grand-rue était fermé. Il n'en savait rien et s'est montré étonné. Pourtant, cela fait partie de son travail. Il devrait être au courant et en informer le collège échevinal.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *ne veut pas excuser le city manager, mais son travail dépend des informations qu'il reçoit des acteurs sur le terrain. C'est pourquoi, quand monsieur Bertinelli a des informations, il ferait bien de les lui communiquer immédiatement. C'est ce que Laura Pregno a aussi dit à monsieur Altmeisch au sujet de la mobilité. Mais elle ne veut pas entrer dans les détails dans la séance publique, car il est question du personnel de la commune.*
*(Interruption de M. Bertinelli)*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *ajoute que le collège échevinal essaiera de trouver des réponses à ses questions.*

**PIERRE HOBSCHEIT (LSAP)** *revient sur la question du bus de la vaccination. Connait-on le taux de vaccination dans le pays et dans la commune ? Existe-t-il des différences ? La Santé choisit-elle des communes où les gens sont moins vaccinés ?*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *sait que le ministère de la Santé contacte toutes les communes. La Ville de Differdange a demandé le*

*bus il y a un mois et demi. Pour ce qui est des points de vaccination locaux, la commune en a été informée avant-hier. Christiane Brassel-Rausch n'en sait pas plus.*

**TOM ULVELING (CSV)** *ajoute que les gens du ministère viendront à Differdange. La commune leur mettra un local à disposition. Mais il s'agit d'une tout autre action que celle du bus. Pour le bus, le collège échevinal était demandeur, mais les modalités doivent être négociées.*

**PIERRE HOBSCHEIT (LSAP)** *se demandait si la décision du ministère dépendait du taux de vaccination dans les communes.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *répond que cela n'a jamais été présenté de la sorte. Elle ne sait pas si le ministère ne veut pas en parler. Elle pourra essayer de poser la question.*

**TOM ULVELING (CSV)** *précise que le taux de vaccination est de 74 %.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *clôture la séance.*

dat fir all d'Gemengen. Si kontaktéiere se. Den Impfbus, deen ass scho virun annerhallwem Mount ugefrot ginn. Dat ass eng Aktioun, déi si maachen. Fir déi lokal kleng Impf-Pointen an de Gemengen ze maachen, ass dat elo vu virgëschter. Dat ass ënner deem nämmlechte Kommissariat. Awer et sinn zwou verschidden Aktiounen. Méi kann ech Iech am Moment leider net soen.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Madamm Buergermeeschter, si kommen heihinner mat hire Leit. Si brauche just eng Lokalitéit, wou se dat kënne maachen. Si hunn eis gefrot, wou mir dat géife gesinn. A si sollen elo e Plang opstellen.

Dat huet näischt direkt mam Impfbus ze dinn. Den Impfbus ass à part. Si decidéieren, wou si mat deem hifueren. Dat anert ass eeben, wou d'Gemeng gesot huet, mir wieren Demandeur, dass se dat hei maachen. Mir sollen d'Modalitéiten elo nach mat hinnen aushandelen.

**PIERRE HOBSCHEIT (LSAP):**

Merci. Meng Fro hat sech dorop bezunn, ob dat eng Reaktioun ass op vläicht en niddregen Impftaux hei an der Gemeng.

(Diskussiounen)

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Si hunn eis dat eis elo net gesot.

**PIERRE HOBSCHEIT (LSAP):**

Voilà.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Ech weess net, ob si et elo systematesch net soen. Ech weess och net, ob se et op Nofro soen. Ech kann dat nofroen. Mee ech sinn elo als Buergermeeschter nach ni kontaktéiert ginn.

**PIERRE HOBSCHEIT (LSAP):**

Okay.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Den Taux ass 74 %.

**PIERRE HOBSCHEIT (LSAP):**

Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Ech denken, da géif ech eis Séance publique ofschléissen. Ech soen Iech villmools Merci. A mir géifen dann an déi Non-publique goen an zwou oder dräi Minutten. Merci.

infoblat_072021_du_22092021_print 71 01/03/2022 11:39



# Mir si geimpft. An du?

#alldosiszielt

All wichteg Informatiounen iwwer d'COVID-19-Impfung op

**covidvaccination.lu**



Schwätzt mat Ärem Dokter/ Ärer Doktesch iwwer d'Impfung!

LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Helpline Santé **247-65533**

infoblat_072021_du_22092021_print 72 01/03/2022 11:39



# Nous sommes vacciné·e·s.

# Et toi?

#chaquedosecompte

Trouvez toutes les informations importantes sur la vaccination contre la COVID-19 sur

**covidvaccination.lu**




LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Helpline Santé **247-65533**